

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
M. Henri Grethen, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président • M. Jean-Pierre Koepp, Doyen

Ordre du jour

5600 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

(Discussion générale - suite)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden, Luc Frieden et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen, Här Minister Frieden?

(Négation)

Neen.

Da fuere mer elo weider mat de Budgetsdebatten. Et si bis elo nach ageschriwwen: den Här Gibéryen, den Här Jaerling, den Här Mosar, den Här Goerens, d'Madame Mutsch, d'Madame Brasseur an déi Hären Haupt, Negri a Klein. Den éischte Riedner vun haut de Moien ass den honorabelen Här Gibéryen.

Här Gibéryen, d'Tribün ass fir lech.

5600 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007 (suite)

Discussion générale (suite)

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei de Preparatioun vum dësen Debatten hunn ech mer emol eng Kéier d'Fro gestallt iwwert de Wäert vun der Budgetsprozedur a vun de Budgetsdebatten.

Fir d'éischt gëtt en Dépôt gemaach, wou de Finanzminister an de Budgetsminister relativ laang Deklaratiounen zum Budgetsprojekt maachen. Duerno sammele mer d'Avisé vun de Berufschamberen, déi sech ganz vill Aarbecht maachen an och ganz oft ganz gutt Dokumentatiounen zesummestellen. Mir huelen den Avis vum Statsrot eran. Mir liesen d'Kommentaren an der Press. D'Cofibu, d'Finanzkommissioun vun der Chamber, huet eng ganz Rëtsch vu Sitzunge mat Verwaltungen: der Steierverwaltung, dem Enregistrement, der Douane, mat der Cour des Comptes, mat der Zentralbank, mat enger Rei vu Ministeren an esou weider, an dach verléisst de Budget dëst Haus genee esou wéi e beim Dépôt presentéiert ginn ass.

Kee Punkt a kee Komma sinn dru geännert ginn. Dat ass net nei, mä dat ass d'Regel hei am Haus. Et dokumentéiert wéi d'Politik hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert. Eng Regierung diktiert an hir Majoritéit paréiert.

Just eng Kéier an deenen 18 Joer, wou ech d'Eier hunn hei am Parlament ze sinn, war et anescht, d'lescht Joer. Erënnert Der lech drun? Wéi et schéngt net, well et huet kee vu menge Virriedner ee Wuert doriwwer verluer. Souguer den Auteur vun där Initiativ vun leschte Joer, den Här Wolter, huet näischt gesot.

Zur Erënnerung: D'lescht Joer huet den Här Roger Negri e ganz gudd Rapport gemaach, a wéi hie praktesch fäerdeg war huet den Här Wolter eng Initiativ geholl, fir de Rapport ze amendéieren. Mat vill Tamtam huet misse festgehale ginn, dass d'Regierung 2006 e rigouréist Spuere misst duerchféieren, dat d'Ausgabe géing an den Aklang brénge mam Wirtschaftswuesstem.

Vun 150 bis 250 Milliounen Euro ass geschwat ginn. Ech hat mer dofir erwaart, nodeems d'Chamber oder besser gesot déi gréisste Majoritéitspartei fir ee Mol esou eng formidabel Initiativ ergraff hat, se elo och houfrech wär, fir d'Konklusiounen doraus ze zéien an de Beweis vun hirer Initiativ vum leschte Joer ze bréngen. Mä, wéi gesot, kee Wuert.

Eng Seefeblos, déi just zum Zweck hat, wéi den Här Wolter dat d'lescht Joer an der Press gesot huet, ech zitieren hien, hie wär frou, datt elo d'Leit am Land endlech duerch hir Initiativ bekäppt hätte wéi schlecht et ëm d'Finanzsituatioun hei am Land bestallt wär. Dat huet emol misse gesot ginn, well virun de Chambers- a Gemengerotswahle waren aner Parteien et, wéi zum Beispill mir als d'ADR, déi dës schlecht Finanzsituatioun kloer virausgesot hunn. A geneesou hu mer virausgesot, dass no de Chambers- a Gemengerotswahlen dat déckt Enn géif kommen, d'Kaz aus dem Sak géif gelooss ginn a massive Sozialofbau d'Realitéit géif ginn.

Mä d'CSV huet virun de Wahle behaapt, all déi, déi wéi d'ADR esou eppes behaapte géifen, dat wäre Populisten a Panikmacher. Si, d'CSV, hätten d'Finanze fest am Grëff a si hunn de Leit dofir och de séchere Wee versprach. Am CSV-Wahlprogramm stoung: „...“, dass Luxemburg seine offensive Haushaltspolitik mit sichtbaren Akzenten und ohne Einschnitte in soziale Sicherungssysteme fortsetzen konnte und kann ist das Resultat von einer von CSV-Ministern geführten vorsichtigen und verantwortungsbewussten Finanzpolitik.“

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Dat ass nach haut richtig.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Budgetsminister confirméiert mir dat elo nach, datt dat richtig ass.

Also, d'CSV a soss kee war virun de Wahlen deen, dee responsabel war fir déi gutt Finanzsituatioun. An dofir huet den Här Wolter d'lescht Joer esou eng Initiativ misse starten, fir dass d'Land an d'Leit et dach endlech bekäppen, dass d'CSV et war an nëmmen d'CSV, déi ëmmer kloer an d'Leit an onmëssverständlech gesot huet, datt d'Finanzsituatioun am Land schlecht wär. Dat war den Zweck vum Här Wolter senger Initiativ, wéi gesot, no de Wahlen.

An d'Doppelzüngegkeet vun der CSV geet riicht virun. D'lescht Woch huet den Här Budgetminister, den Här Frieden, hei behaapt: Déi, déi ëmmer virun de Wahle gesot hunn dat déckt Enn géing eréischt no de Wahle kommen, hätten sech geiert. Eng hallef Stonn duerno sot dunn den Här Finanzminister Juncker hei op d'ärselwechter Plaz: Mir sëtzen um Dréchenen. Eng Kontradiktioun, déi an enger hallwer Stonn zustane komm ass. Hie wollt warscheinlech net soen, hien hätt d'Waasser bis zum Hals stoen, dofir sot en: Mir sëtzen um Dréchenen. Hien huet och gesot, hie géif net verstoe wéi sou d'Leit am Land géife soen, dat wär d'Schold vun der CSV.

Ech, Här President, ech kann net verstoen, datt den Här Juncker dat net versteet, well wann ee jorelaang de Leit an d'Käpp eranhummert, net d'Betriben, net d'Banken, net d'Leit, déi hei am Land wieren, wiere schold drun, datt et dem Land esou gutt geet, mä dat wier just weinst der CSV a weinst der CSV och ganz eleng, a virun allem dann och nach weinst dem Här Statsminister, da brauch dee sech dann awer och net ze wonneren, datt, wann dann op eemol d'Keess eidel ass, d'Leit dann och soen: Ma, dann ass et der CSV hir Schold jo och, wann elo d'Keess eidel ass.

Här President, ech hu geduecht ech misst dat emol vläicht ufanks soen, ier ech zu enger Rei vu méi spezifesch Punkte komme géif.

Deen éischten ass den Defizit vum Budget. Et ass dës Kéier déi fënnfte Kéier hannereenen, dass d'Regierung eis en defizitäre Budget presentéiert; dat trotz Tripartites-beschloss mat sozialem Ofbau, deen de Statsbudget ëm 400 Milliounen Euro entlaascht; dat trotz engem weltwäiten Unzéie vun der Wirtschaft, wou mir all net dofir kënnen, mä eise Stat awer e puer honnert

Milliounen, et gëtt vu 700 bis 900 Milliounen Euro geschwat, weider an d'Keess kritt; an dat trotz der Fusioon vun Arcelor-Mittal, déi och dem Stat honnerte vu Milliounen, 450 Milliounen, weider an d'Keess bréngt. Trotz all deene Punkte bleift de Budgetsdefizit praktesch d'selwecht wéi d'lescht Joer, bei enger Milliard Euro.

An ech mengen, Här President, dat eleng soen ze kënnen beweist am beschte wéi et ëm d'Finanzsituatioun vum Stat bestallt ass. Doriwwer eraus wësse mer, datt d'Budgetsreserven all opgeschafft sinn.

Da kommen ech zum zweete Punkt, de Fongen. 2002 waren d'Reserven op de Spezialfongen op hirem Héichpunkt ukomm, dat obwuel de wirtschaftleche Wuesstem schonns en Abroch hat. Mä doduerch, datt d'Steierverwaltung nodréiglech encaisséiert sinn d'Reserven op de Fongen dunn nach 2002 an d'Luucht gaangen, op 2,97 Milliarden Euro. Si sinn du lues a lues gefall: 2003 op 2,75, 2004 op 2,33, 2005 op eng 1,99 an 2006 op annerhallef Milliard. Mir hunn also praktesch a véier Joer d'Reserven op de Spezialfongen halbéiert.

Déi Joren, wou mer nach Plus-valuë verdeeelen konnten, si leider eriwier. 1999 hu mer nach Plus-valuë kënnen feststelle vu 433 Milliounen Euro. D'Rekordjoer war 2000 mat 760 Milliounen, 2001 150, 2002 59, 2003 79 an 2004 an 2005 hate mer defizitär Konten. 2006 kéinten erëm Plus-valuen entstoen duerch déi virdru genannten onvirgesinnen awer praktesch eemoleg Recetten. Sollten dës Plus-valuen antrieden, missten déi laut eis als ADR, wéi och scho vun anere Virriedner hei ugeschwat ginn ass, integral de Fongen zoufléissen, well, wéi ech elo beweise wäert, wäerten d'Fongen an deenen nächste Joren net nëmmen opgeschafft sinn, mä souguer staark defizitär ginn.

Als ADR hu mir ëmmer gesot, dass bis Enn 2007 d'Fongen eidel wieren. Dobäi bleiwe mer och an ech widerhuele mech nach eng Kéier: De Budgetminister, den Här Frieden, huet d'lescht Woch hei gesot, dass déi, déi dat ëmmer behaapt hätten, Onrecht kritt hätten, well Enn 2007 wier nach eppes op de Fongen. Hie wollt domat d'Finanzsituatioun vum Stat als besser dohinnersstelle wéi se a Wierklechkeet ass. De Statsminister huet jo och gesot: Mir sëtzen um Dréchenen.

Wat den Här Budgetminister awer net gesot huet ass éischstens, dass d'Regierung eng Rei vu Projete gestreckt huet respektiv ganz ausgesat huet, an zweetens Emprunten opgehol huet an déi direkt an d'Fongen iwwerweisen huet, soss wieren d'Fonge schonn 2007 eidel.

Interessant ass am Avis vun der Cour des Comptes déi Graphik op der Sait 80, wou driwwer steet „Évolution des avoirs des principaux fonds d'investissement, y compris les emprunts à charge du Fonds du rail et du Fonds des routes“. Heirauser geet ervir, dass Enn 2007 nach 524 Milliounen Euro an de Fonge sinn, awer gläichzäitig scho 732 Milliounen Emprunten opgehol wäerte sinn, déi direkt an d'Fonge gefloss sinn. Ouni dës Emprunté wieren d'Fongen also schonn Enn 2007 defizitär.

Enn 2008, laut der Cour des Comptes, sinn nach 97 Milliounen Euro op de Fongen an d'Emprunté sinn an der Zwëschenzäit op 982 Milliounen ugeklommen. Dramatesch gëtt et laut der Cour des Comptes vun 2009 un, da sinn d'Fongen 341 Milliounen am Keller an d'Schold ass op 1.232.000.000 ugeklommen. An 2010 ass den Defizit an de Fonge laut der Cour des Comptes 733 Milliounen héich, obschonn d'Schold bis dohinne op 1,5 Milliarden ugeklommen ass. Dës Chiffere si laut der Cour des Comptes op de Programme pluriannuel vun der Regierung berechent.

Hei muss een also den Defizit 2010, deen an de Fongen ass, 733 Milliounen, an d'Schold, déi an de Fongen ass, vun 1,5 Milliarden zesummenzielen, fir da feststellen, datt d'Fongen eleng en Defizit vu bal 2,3 Milliarden Euro oder 90 Milliarde Frang hunn. D'Cour ënnersträicht dat dann och an hirem Avis an deem se schreift: „Pour l'exercice 2010, le solde négatif des avoirs des fonds d'investissement serait de l'ordre de 2,3 milliards d'euros.“

Mir hunn et also da fäerdeg bruecht bannent aacht Joer, vun 2002 op 2010, Fonge vu Reserven an der Héicht vu bal 100 Milliarde Frang an en Defizit vun iwwer 90 Milliarde Frang ze transforméieren. Dat sinn déi engagéiert Perspektive vun eise

Fongen, an dat bei engem Statsbudget, deen elo schonn defizitär ass a praktesch kee Spillraum méi léisst.

Dat féiert dann dozou, dass d'Regierung schonn elo op eng Rei vun Tricke muss zrëckgräifen, fir iwwerhaapt finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen, esou zum Beispill bei den Emprunten, déi e wichtige Punkt bei der Finanzanalys vum Stat sinn. Hei hunn déi successiv Regierungen scho während enger Rei vu Joren op en Trick zrëckgegraff, andeems se Projeten iwwert d'Garantiegesetz finanzéiert hunn. Hei ass da behaapt ginn dat wier keen Emprunt, mä e Loyer, deen normalerweis iwwer 20 Joer rembour-séiert gëtt.

Laut Maastricht-Kritären ass dat awer elo och als Schold unzegesinn. Duerfir gëtt elo och net méi esou vill op dat zrëckgegraff, mä et gëtt elo éischter versicht iwwer PPP-Projeten ze finanzéieren, erëm mam Hannergedanken, fir dës Wee vu Finanzéierung och net als eng Statsschold da wëllen unzegesinn, mä ähnlech wéi iwwer Jore beim Garantiegesetz vun engem Loyer wëllen ze schwätzen. An der Realität ass et awer genee datselwecht wéi en Emprunt, deen een iwwer eng bestëmmten Zäit zrëckbezuere muss.

Den Hummer ass awer, Här President, dass d'Regierung elo Emprunten ophëlt an net, wéi üblech, zrëckbezilt. Wann e Privatmann oder eng Gemeng en Emprunt ophëlt iwwer zéng oder 20 Joer, da bezilt en iwwert déi festgesaten Zäit souwuel d'Kapital an de Mensualitéiten zrëck wéi déi ufalend Zën-sen.

D'Regierung hëlt Emprunten op, wéi zum Beispill dëst Joer am Februar, zwee Emprunten an der Héicht vun all Kéiers 200 Milliounen Euro iwwer zéng Joer a bezilt während deenen zéng Joer all Joer nëmmen Zën-sen, laut dem Rapport vun der Cour des Comptes, 14.502 Euro d'Joer zrëck, awer kee Kapital. Kee Kapital. Eréischt no zéng Joer, also 2016, muss an engem Budgetexercice dat ganz Kapital, déi 400 Milliounen, genee 401.953.435 Frang zrëckbezult ginn. Dat ass e staarkt Stéck. Dat ass eng Hypothék.

Wann een aneren dat géif maachen, Här President, wann eng Gemeng dat géif maachen, wann et...

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President!

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Här Gibéryen, erlaabt Der eng Tëschefro vum Här Minister Frieden?

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Selbstverständlech.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Dat ass absolut falsch, esou wéi vill Saache virdru scho falsch waren, op déi kommen ech herno nach zrëck, mä hei muss ech awer direkt reagéieren, soss hunn ech dat vergiess.

Duerfir hu mir zu Lëtzebuerg, atypesch par rapport zu deene Länner, de Fonds de la dette a contrairement zu deenen Emprunten, déi fréier opgehol gi sinn, déi een huet missen zu engem Moment zrëckbezuelen, kann een déi hei anticipativement zrëckbezuelen. D'OLUXe mussen 2007 zrëckbezult ginn, duerfir hu mer och do de Fonds de la dette gespeist. Duerfir misst Der zum Beispill fir d'éischt emol soen, datt mer déi 2007 net matenee mussen zrëckbezuelen, well ech schonn dëst Joer an déi lescht Joren de Fonds de la dette gespeist hunn, an esou maache mer dat och, wéi déi Jore virdun, weider.

Déi nei Modalitéite sinn esou, datt mer à tout moment kënnen à la fois Kapital an Zën-sen zrëckbezuelen. Et steet néierens - an dat ass och falsch -, datt mir géingen an engem Joer, 2016, dat matenee zrëckbezuelen. Dat géinge mer jo iwwerhaapt net fäerdeg bréngen, och net déi, déi dann do sinn. Duerfir ass dat doten einfach factuel falsch. De Kontrakt gesäit vir, datt ee spëitstens dann dat zrëckbezuele muss. Et ass un der jeeweileger Budgetpolitik Joer fir Joer ze kucken, wou een dat rembour-séiert. Duerfir hu mer de Fonds de la dette. Dee bleift och bestoen an dee gëtt och weider gespeist.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, ech wëll lech soen, datt dat wat ech

hei gesot hu wuertwiertlech esou am Rap-
port vun der Cour des Comptes steet.

(*Interruption*)

An d'Cour des Comptes huet eis dat och an
der Finanzkommissioun...

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et
du Budget.** - Ma d'Cour des Comptes weess
dach net wéi de Budget vun 2008, 2009 an
2010 ausgesäit.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Presi-
dent, d'Cour des Comptes huet dat an der
Finanzkommissioun och esou explizéiert.
An, Här President, ech hu souguer an der
Finanzkommissioun nach eng Kéier noge-
haakt an d'Cour des Comptes gefrot:
Stëmmt dat, datt nëmmen d'Zënsen zrëck-
bezueelt gëtt? Do huet d'Cour des Comptes
gesot: Jo, dat stëmmt. An déi Chifferen, déi
ech hei genannt hu vu 14.502 Euro d'Joer
Zënsen, déi stinn am Rapport vun der Cour
des Comptes. An dee Chiffer, datt 2016
misste 401.953.435 Euro an engem Exer-
cice zrëckbezueelt ginn, dee steet am Rap-
port vun der Cour des Comptes.

An et war keen anere wéi de Fraktiounspre-
sident vun der CSV, deen dunn an der
Finanzkommissioun gesot huet: Dat do wier
awer säitens vun der Regierung op
d'mannst eis vis-à-vis eng Informatioun
wäert gewiescht. Ech rapportéieren also
nëmmen dat, wat am Rapport vun der Cour
des Comptes geschriwwen steet a wat an
der Finanzkommissioun geschwat ginn ass.

An, Här Minister, Dir kënnt eis jo soen, ob
Der 2007 schonn op deen Emprunt, deen
Der dëst Joer opgehallt hutt, Kapital zrëck-
bezueelt. Dir kéint eis jo dat elo scho beänt-
weren. Da wäert Der eis mussen äntweren,
datt am Budget kee Remboursement fir
2007 vum Kapital virgesinn ass. Stëmmt dat
oder hunn ech Recht?

(*Hilarité*)

» **M. le Président.** - Jo, Här Gibéryen,
dat hei ass keng Froestonn. Dir sollt...

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et
du Budget.** - Mir hu fir 2007 virgesinn déi
bestehend Emprunten zrëckzebezuelen
an...

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här Presi-
dent, mat Ärer Erlaabnis wollt ech d'Regie-
rung dat froen.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et
du Budget.** - Här President, ech wollt dem
Här Gibéryen äntweren, datt 2007 110
Milliounen un Emprunten zrëckbezueelt ginn
an déi 110 Milliounen hu mer duerch de
Fonds de la dette gespeist. Déi ginn doriw-
er zrëckbezueelt.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Awer net
op dësen Emprunt!

Dat ass wéi gesot, Här President, e staarkt
Stéck. Wann eng Gemeng dat géif maa-
chen, en Emprunt ophuelen a soe jee no
Lafzäit, mir bezuelen nëmmen Zënsen zrëck
an an zéng bis 20 Joer fir d'éischt Kapital,
da wier dat e kriminellen Akt. A fir eis ass
dat hei genee d'selwecht, datt d'Regierung
higeet a si hält Emprunten op a si bezilt
d'Kapital net elo zrëck. An d'Cour des
Comptes huet eis och gesot, datt deen
Emprunt, deen 2007 opgehallt gëtt, déi 200
Milliounen, datt déi eréischt 2017 géifen
zrëckbezueelt ginn an net virdrun.

Dat ass also eng Hypothék op déi kom-
mend Generatiounen, déi irresponsabel
ass. Dat beweist wéi schlecht et ëm d'Fi-
nanzsituatioun vum Stat haut steet, wa mer
emol net méi amstand sinn ons Scholden,
wéi all normale Mënsch, direkt zrëckzebe-
zuelen.

D'Schold all Joer zrëckzebezuelen ass awer
eng Belaaschtung fir de Budget. Éischters
muss een à même si fir se zrëckzebezuelen
an zweetens géif dat de Statsbudget weider
an den Defizit drängen an den Defizit géif
méi grouss ginn. Et ass also och en Trick
derhannert, fir déi 3%-Defizitgrenz laut
Maastricht-Vertrag ze ëmgoen. Fir eis ass a
bleift et e Skandal.

Obschonn de Budgets- a Finanzminister bis
elo scho praktesch, jidderee vun hinnen, e
puer Stonnen iwwert dëse Budget geschwat
hunn huet net een Eenzege vun hinne bis
elo iwwert déi heite Problematik, wat d'Em-
prunten ubelaangt, diskutéiert.

Duerfir, Här President, deponéiere mir och
eng Motioun fir eng komplett Transparenz.
An ech huelen un, datt d'Regierung domad-
er och averstanen ass, datt se der Cham-
ber all déi Verträge, déi se gemaach huet,
sief dat iwwer Emprunten oder iwwert d'Ga-
rantiesetz, der Finanzkommissioun vun
der Chamber zoukomme léisst an an Zu-
kunft och, ier se Emprunten ofschléisst, der

Finanzkommissioun d'Konditiounen vun
deene Prêtsverträge zoukomme léisst: Dann
ass et kloer ëm wat, datt et geet!

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *considérant que la capacité de finance-
ment future de l'État est à garantir durable-
ment;*

- *considérant l'absence d'information sur les
engagements financiers à long terme résul-
tant des pensions du secteur public;*

- *considérant l'inexistence de toute projec-
tion à court, moyen et à long terme du coût
salarial total que l'État s'est engagé à sup-
porter dans les années à venir;*

- *considérant qu'il y a lieu d'établir une
étude prévisionnelle permettant de rense-
igner le législateur sur l'impact financier fu-
tur du régime des pensions du secteur pu-
blic;*

invite le Gouvernement

- *à commanditer une étude sur le régime
des pensions du secteur public fournissant
aux décideurs politiques les mêmes rense-
gnements que l'étude sur le régime des
pensions contributives du secteur privé réa-
lisée en l'an 2000 par le Bureau Internatio-
nal du Travail;*

- *à remettre à la Chambre des Députés une
information complète et transparente sur la
masse des salaires du secteur public gre-
vant annuellement le budget de l'État et de
lui fournir les projections y relatives.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes,
Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert
Mehlen.*

Ech kommen dann nach zu e puer Punkten,
déi eis esou wichteg schéngen, dass se hei
an der Debatt ervirgehuewe mussen ginn.

Weill d'Finanzsituatioun vum Stat esou
schlecht ass, huet d'Tripartite eng ganz Rei
vu Moosnamen decidéiert, déi net méi an
net manner bedeite wéi sozialen Ofbau. Et
ass geschter an och an der Vergaangen-
heet hei vu Majoritätsdeputéierte geschwat
ginn, Gott sei Dank géife mir kee sozialen
Ofbau maachen a Gott sei Dank wieren och
keng Steiererhéijungen hei gemaach ginn.

Ech wëll duerfir kuerz un e puer Saachen
erënneren, déi an der Tripartite zrëckbehale
gi sinn: D'Erhéijung vun de Cotisatiounen
vun der Fleegeversécherung vun 1 op 1,4%
wier weder eng Erhéijung nach eng Verschlech-
terung laut der Majoritéit; d'Netupassung
vun der Steiertabell un d'Inflatioun ass keng
Steiererhéijung laut der Majoritéit; d'massiv
Erhéijung vun der Autossteuer, dat ass och
keng Steiererhéijung laut der Majoritéit;
Indexmanipulationen, dat ass kee sozialen
Ofbau; d'Désindexatioun vum Kannergeld
a vum Forfait d'éducation ass och kee
sozialen Ofbau; d'Zrëckversetze vun den
Upassungen vun de Renten a Pensiounen
ass och kee sozialen Ofbau; d'Erhéijung
vun der TVA vun 12 op 15% fir d'Fräibe-
ruffler, déi déi un hire Client musse weider-
ginn, ass och keng Erhéijung vun de
Steieren; d'Erhéijung vun den Accisen op
Bensin a Pétrol ass och keng Erhéijung;
d'Afréiere vun der staatlecher Participatioun
bei der Fleegeversécherung ass och keng
sozial Verschlechterung; d'Verschlechter-
unge bei de Chômageindemnisationen,
dat schéngen Verbesserungen ze sinn; d'Er-
héijungen, déi op de Gastaxë sinn, dat sinn
och keng Erhéijungen!

Also, alles Moosnamen, déi kee sozialen
Ofbau bedeuten an déi kee Mënsch hei am
Land wäert ee Centime weider kaschten,
mà dat ass alles käschtenneutral, dat
kascht kee Mënsch eppes. Dat ass d'Inter-
pretatioun!

D'Leit, wann déi elo uganks vum Joer
d'Rechnung kréien, kënnen hir Rechnung
selwer maachen, an da gesi se wien hei
Recht hu, déi, déi gesot hunn, et géif
sozialen Ofbau bedriwwen ginn, oder déi,
déi gesot hunn, et géif kee sozialen Ofbau
hei am Land bedriwwen ginn.

D'Steiertabell, Här President. D'Wahlpro-
grammer an de Regierungsprogramm hu
keng Steiererhéijunge virgesinn. Elo ass
scho fënnf Kéieren hannereneen d'Steier-
tabell net un d'Inflatioun ugepasst ginn, a
laut dem Tripartitesofkommen géif dat och
nach déi nächst zwee Joer esou weider-
goen.

D'Netupasse vun der Steiertabell un d'Infla-
tioun bréngt dem Stat ongeféier, laut der
Steierverwaltung, 100 Milliounen Euro pro
Joer weider an. Kumulativ heescht dat:
2002 waren dat 100 Milliounen, am Joer
2003 200 Milliounen an 2006 huet dat
dem Stat 500 Milliounen weider Steieren
erabruucht, duerch dat Netupasse vun der
Steiertabell un d'Inflatioun.

Et ass also eng schlächend Steiererhéijung
gewiescht, déi och momentan viruegt, eng
immens Steiererhéijung, déi den eenzelne
Bierger awer net esou direkt bemierkt huet,

well se wéi gesot duerch d'Netupassung
vun der Steiertabell geschitt ass.

Mir reechen dowéinst dësen Amendement
an dës Motioun an.

Amendement 1

*Le «Chapitre B - Dispositions fiscales» du
projet de loi concernant le budget des
recettes et des dépenses de l'État pour
l'exercice 2007 est amendé en complétant
l'article 3 par un article 3bis:*

Art. 3bis

L'article 118 est modifié comme suit:

*«L'impôt sur le revenu est déterminé en
fonction du revenu imposable ajusté au
sens de l'article 126, conformément aux
dispositions des articles 119 à 122 et 124,
sur la base du tarif suivant:*

*0% pour la tranche de revenu inférieure à
11.000 euros*

*8% pour la tranche de revenu comprise
entre 11.000 et 12.850 euros*

*10% pour la tranche de revenu comprise
entre 12.850 et 14.700 euros*

*12% pour la tranche de revenu comprise
entre 14.700 et 16.550 euros*

*14% pour la tranche de revenu comprise
entre 16.550 et 18.400 euros*

*16% pour la tranche de revenu comprise
entre 18.400 et 20.250 euros*

*18 % pour la tranche de revenu comprise
entre 20.250 et 22.100 euros*

*20% pour la tranche de revenu comprise
entre 22.100 et 23.950 euros*

*22% pour la tranche de revenu comprise
entre 23.950 et 25.800 euros*

*24% pour la tranche de revenu comprise
entre 25.800 et 27.650 euros*

*26% pour la tranche de revenu comprise
entre 27.650 et 29.500 euros*

*28% pour la tranche de revenu comprise
entre 29.500 et 31.350 euros*

*30% pour la tranche de revenu comprise
entre 31.350 et 33.200 euros*

*32% pour la tranche de revenu comprise
entre 33.200 et 35.050 euros*

*34% pour la tranche de revenu comprise
entre 35.050 et 36.900 euros*

*36% pour la tranche de revenu comprise
entre 36.900 et 38.750 euros*

*38% pour la tranche de revenu dépassant
38.750 euros.»*

Motif

*L'amendement vise à adapter la pression
fiscale à l'évolution du coût de la vie alors
que le tarif actuellement en vigueur est resté
inchangé depuis le 1^{er} janvier 2002. Les
montants indiqués au tarif de 2002 sont
augmentés de 13,14% et ce par tranche de
1.850 euros au lieu de 1.650 euros actuelle-
ment.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes,
Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert
Mehlen.*

Motion 4

La Chambre des Députés,

- *considérant que depuis le 1^{er} janvier 2002,
date de l'entrée en vigueur des barèmes de
l'impôt sur le revenu actuellement applica-
bles, aucune adaptation de ces barèmes
n'a été effectuée;*

- *considérant que depuis janvier 2002 l'in-
flation a déclenché, via le système d'indexa-
tion automatique des salaires, le paiement
de cinq tranches indiciaires ce qui corres-
pond à une augmentation nominale de
13,14% des revenus imposables provenant
des traitements et salaires;*

- *considérant que les augmentations sala-
riales résultant de l'échelle mobile des sa-
laires ne constituent qu'une compensation
de la dévaluation monétaire et non pas une
augmentation réelle du pouvoir d'achat;*

- *considérant que l'augmentation nominale
des traitements et salaires sans adaptation
en parallèle des barèmes de l'impôt sur le
revenu correspond à une imposition accrue
des revenus,*

invite le Gouvernement

- *à prévoir une adaptation du barème de
l'impôt sur le revenu pour le budget des re-
cettes et des dépenses de l'État pour l'exer-
cice 2008.*

(s.) *Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes,
Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert
Mehlen.*

An der Zwëschenzäit hu mir fënnf Index-
tranchë kritt an dofir sinn am Fong 13,1%
net an der Steiertabell berücksichtegt ginn.
Am Périodique vun der CGFP ass doropshin

eng ganz interessant Tabell publizéiert ginn,
aus där ech vläicht e puer Chiffere soe wëll:

Eng Persoun, déi 2002 2.500 Euro bestei-
baart Akommes hat, no deene fënnf Index-
tranchen an der Netberengung vun der
Steiertabellinflationenberengung bezilt
elo als Jonggesell 37,4% méi Steieren, wa
se bestuet ass 63%. Eng Persoun, déi 3.500
Euro 2002 verdéngt huet - bestei-
bar -, déi bezilt elo als Jonggesell 27,9% weider, als
bestuete Persoun 42,9% weider a bestuet
mat zwee Kanner - lauschtert gutt! - 127,8%
méi Steiere wéi 2002.

A wat dat Gehalt méi héich gëtt, wa mir zum
Beispill higi bei ee mat 10.000 Euro monat-
lech Akommes, bestei-
bar, do ass d'Erhéijung beim Jonggesell 16,1%, beim
Bestuetenen 20,3% a bestuet mat zwee
Kanner 21,6%. Ech erënneren drun, datt
d'Erhéijung bei engem Revenu vun 3.500
Euro bei enger Famill mat zwee Kanner
127% ausmécht a bei där mat 10.000 Euro
21,6%. Mir stellen also fest, dass grad hei
d'Familljen eng enorm Steiererhéijung iwwer
sech mussen ergoe loosse.

Dat ass d'Realitéit vun der Familljepolitik
vun dëser Regierung. D'Famillje ginn
ëmmer méi maximal besteiert.

A wann een elo gemengt hätt, Här Presi-
dent, den Här Rapporteur, deen hei een
eenzegen Discours fir sozialen Ofbau a sen-
gem Rapport bedriwwen huet, deen hätt elo
a sengen Iwwerleeunge proposéiert, et
misst een eng Steiererliichterung da bei
deene Klengen, bei de Famillje mat Kanner
maachen, deen huet sech geiert!

Neen, den Här Rapporteur huet hei propo-
séiert, datt den Héchststeiersaz vun 38%,
also dee vum Héchstverdénge, misst hei
am Land gesenkt ginn. An do gesäit een de
ganze Fuedem, deen duerch de Rapport
gaangen ass, vum sozialen Ofbau bei
deene Klengen, während déi, déi vill ver-
dénge, nach vill iwwert de Wee vun de
Steiere bäikréie sollen.

Här Thiel, Dir hutt hei gesot, den Héchst-
prozentsaz...

(*Interruption*)

Oh dach, ech hu mer et genee gemierkt!

... den Héchstprozentsaz vun 38% misst ge-
senkt ginn, well soss hätte mer Problemer,
fir Leit mat där Lounkategorie hei an d'Land
schaffen ze kréien. Ech kann lech de Ver-
batim virleeën.

Et huet mech gewonnert, datt dunn d'Ge-
werkschafter an der CSV, den Här Spautz
an den Här Kaes, herno bravo geruff hunn,
wéi den Här Thiel mat sengem Rapport fäer-
deg war, nodeem hien hei eng Stonn laang
sozialen Ofbau priedegen huet misse.

Här President, den Här Statsminister huet
den 2. Dezember dëst Joer op „Radio
Lëtzebuerg“ an der Sendung „Background“
gesot: „Ech hätt gären, datt een Niklosdag
gutt ass zu de Kanner, well Kanner sinn
eppes Wäertvolles, et sinn d'Prënze vum
Liewen a soulaang wéi se Prënze sinn an ier
se mat de Schwiereregkeete vun de Kinneken
ze di kréien, soll ee gutt a léif mat hinne
sinn.“ - sot den Här Juncker den 2. De-
zember dëst Joer um Radio.

D'Realitéit vum Här Juncker a senger Regie-
rung hirer Familljepolitik ass awer ganz
aneschters: Éischters kréie mer massiv
Steiererhéijunge fir Famillje mat Kanner;
zweetens gëtt d'Kannergeld net méi in-
dexéiert an drëtens huet déi sozialistesche
chrëschtlech Regierung op de Kanner hire
Spuebicher och nach eng Quellesteier vun
10% agefouert.

Här Juncker, Dir sot, Dir hätt gären, dass
een Niklosdag gutt ass zu de Kanner. Mir
soen lech, Här Juncker, Dir an der Regie-
rung hätt besser d'ganzt Joer gutt zu de
Kanner ze sinn an eng Familljepolitik ze
maachen, déi am Interesse vun der Famill a
vun de Kanner ass.

En anere Punkt, Här President, vun deem
ech och gemengt hat, dass de Rapporteur
géif méi dorop agoen, dat ass den Déséqui-
liber, dee mer lues a lues tëschent der Be-
tribssteuer an der Steuer vun de physische
Persoune kréien. Mir stelle fest, datt mer am
europäesche Konkurrenzkampf e Steuer-
dumping erliewen, wou ee Land dat anert
no ënne schaukelt, mat dem Resultat herno,
datt d'Betriber ëmmer manner Steiere be-

zuelen. Dat ass awer nëmmen am euro-päesche Bannemaart esou. Wann een dat méi weltwäit kuckt, da gesäit een, wann een aacht Joer zrëckgeet, datt d'Betribssteier a Kanada an an Amerika och 40% héich war, wéi ongeféier hei an Europa, an déi hunn haut nach ëmmer deen Taux.

Par conter si mer an Europa amgaangen ee Land géint dat anert auszespillen an d'Betribssteier ëmmer erëm erfzesetzen, mat dem Resultat, datt, wa mer esou virufueren, d'Betriber bestëmmt geschwë guer keng Steiere méi bezuelen, an dat dann näischt mat dem Konkurrenzkampf ze dinn huet, mä datt dann d'Steierlaascht integral op d'physesch Persounen iwwerdroe gi muss. Ech schwätzen elo hei net vun de Kleng- an de Mëttelbetriber, mä hei schwätzen ech vun deene Groussen, vun de multinationale Konzern, déi dat do maachen.

A sougutt wéi mer dofir plädéieren, datt mer sozial Mindestnorme kréien, hu mer als Lëtzebuerg haut och en Interesse drun, fir fir Mindeststeiersätz an Europa anzetrieden, quitte datt mer wëssen, dass dat net wäert einfach sinn an net wäert esou séier goen, mä mir mussen dohinner drängen, well soss kann dat Europa kee soziaalt Europa ginn, well da gëtt et en Europa, wou déi multinational Konzern dominéieren a wou d'Leit dann d'Konsequenzen dovunner ze droe kréien.

Ech wollt nach ee Wuert verléieren, Här President, iwwert d'Renten, well d'Leit keng Geleeënheet verpassen, fir iwwert d'Renten ze schwätzen. Och esou de Rapporteur, dee sech iwwer eng laangfristeg Finanzéierung Gedanke mécht. Mir wëlle just soen, ouni wëllen elo hei méi déif an den Dossier eranzegoen, datt, wa mer emol géifen ophale permanent an d'Rentekeese Gelder klauen ze goen, a wa mer déi Engagementer, déi de Stat bis elo vis-à-vis vun de Pensiounskeesen hat, och géife weider behalen, a wa mer emol endlech géifen d'Gesetz vum Mee 2004 an d'Realitéit ëmsetzen, wou de Minister seet am Laf vum Joer 2007 wier d'Prozedur fäerdeg, fir déi Gelder kënne besser unzeleeën, da wieren déi Reserven, déi mer am Pensiounssystem hunn, nach méi laangfristeg ofgeséchert wéi se et elo sinn.

Mir wëssen och, datt et e bëssen eng Kontradiktioun an der Regierung gëtt. Mir wëssen, datt de Statsminister ëmmer vun enger Rentemauer schwätzt, mer wëssen awer och, datt de Sozialminister seet hie géif keng Rentemauer gesinn, mä datt een - an doriwwer si mer eis alleguer eens - sech ëmmer muss Gedanke maachen, datt déi Pensioun laangfristeg finanzéierbar bleiwen. An duerfir kann et net sinn, datt mer haut permanent Gelder aus de Pensiounskeesen eraushuele respektiv net unhalen.

Et ass ëmsou méi wichteg, datt mer déi Suen, déi mer hunn, wat jo enorm Zomme sinn, méi a besser uleeën, ouni an d'Spekulatioun ze goen, fir doduerch d'Reserven opzebauen an d'Garantien, déi elo schonn op 3,1-mol d'Joresdépendë sinn, fir déi kënnen ze halen an eventuell nach auszebauen.

Ech wëll dann, Här President, nach ee Wuert iwwert d'Mammerent verléieren. Ech hu gëschter Owend och nach d'Televisioun gekuckt.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo? Et war exzellent!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo, et war exzellent, awer exzellent falsch!

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dat, wat virdru vun lech komm ass, war falsch!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, den Här Di Bartolomeo kann d'Waasser de Moien net halen.

(Interruption)

Kuckt, ech erklären et, Här Di Bartolomeo. D'Regierung huet jo all Zäit, fir ze schwätzen, an ech si relativ limitéiert a menger Riedezäit hei,...

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir hutt dach esou en Débat gären.

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...an duerfir loosst mech wann ech gelift ausschwätzen.

» M. le Président.- Här Minister, loosst lech net provoziéieren.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Gesinn ech provoziert aus?

(Hilarité)

» M. le Président.- Da loosst den Här Gibéryen schwätzen.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, wann et ebe muss sinn.

» M. Henri Grethen *(DP)*.- Den Här Gibéryen ass ganz gär ënnerbrach.

(Hilarité)

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här Grethen, mir zwee hu verschidde Gemeinsamkeiten.

» Plusieurs voix.- Ooohhh!

(Hilarité)

» M. Henri Grethen *(DP)*.- Net vill! Net vill!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hu jo gesot verschidde Gemeinsamkeiten, net lauter.

(Hilarité)

Här President, am Statsbudget ass de Forfait d'éducation 2007, mengen ech, mat 73,4 Milliounen Euro agesat. A mer wëssen, datt de Statsminister iwwer Joren ëmmer vun Ufank un derfir plädéiert huet, datt d'Mammerent misst iwwert d'Pensiounskeese bezuelt ginn. Dat war säin Dada, an hien ass op eng Opposition gestouss, souwuel bei de Gewerkschafte wéi bei de Parteien. A well den Här Juncker awer e ganz clevere Mënsch ass, huet hien et och verstanen iwwer zwee Joer, lues a lues awer zu Sengem ze kommen, ouni datt offiziell d'Mammerent aus de Pensiounskeese bezuelt gëtt.

Esou sinn zum Beispill am Budget vun 2006 d'Frais de fonctionnement, déi soss de Stat bei de Pensiounskeese bäigeluecht huet, dat ware 17 Milliounen, geholl ginn. Déi mussen elo integral vun de Pensiounskeese bezuelt ginn. An elo ass erëm e weidere Schratt gemaach ginn, nämlech d'Majoratioun, proportionell zu de Babyjoren. Dat ass d'Gesetz, wat mer d'nächst Woch hei um Leescht hunn.

An do gesäit een och eng Fiche financière, déi an deem Gesetz hannen derbäihängt. Et sinn dat 6,8 Milliounen, déi bis elo vum Stat iwwerholl gi sinn, déi elo vun de Pensiounskeesen iwwerholl ginn. A mir hunn d'Charge vum Complément différentiel - dat sinn 22,2 Milliounen -, déi och elo vun de Pensiounskeesen iwwerholl gi vis-à-vis vum Statsbudget.

Do gesäit een also, datt lues a lues déi Chargen - 17 Milliounen, 6,8 Milliounen, 22,2 Milliounen -, déi soss ëmmer vum Stat bezuelt gi sinn, op d'Pensiounskeess transféiert ginn. A wa mer dann nach e Budget hannerun eis hunn, da sinn eis nach e puer Saachen agefall, da ginn op eemol déi 73,4 Milliounen Euro, déi de Forfait d'éducation kascht, integral vun de Pensiounskeese bezuelt.

» M. le Président.- Här Gibéryen?

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech wëll elo meng lwwerleung fäerdeg maachen.

» M. le Président.- Neen, da loosst elo den Här Gibéryen schwätzen a stellt Är Fro spéider.

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hunn nëmmen...

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech hunn nämlech festgestallt, dass dem Här Gibéryen seng Rechnung iwwer Nuecht halbéiert ginn ass. Hien huet iwwer Nuecht 40 Milliounen verluer.

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen, neen. Ech hunn hei d'Chifferen, Här President.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Hien huet 40 Milliounen verluer, well hien huet an der Pressekonferenz nach vu 70, 80 Milliounen geschwat. Déi sinn iwwer Nuecht verluer gaangen.

» M. le Président.- Här Mars Di Bartolomeo, loosst elo den Här Gibéryen seng Ausféierungen an aller Rou hei maachen!

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, Här President; iwwer Nuecht verluer.

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, den Här Di Bartolomeo an d'Regierung hunn dach all Riedezäit. Et ass ëmmer esou, wann den Här Di Bartolomeo an d'Bedrängnis kënnt, da versicht hien...

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Hahaha!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...déi aner einfach ze ënnerbriechen.

» M. le Président.- Här Gibéryen, ech ginn lech déi Zäit bäi, déi hien lech ënnerbrach huet.

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien, Här President!

Här President, et ass also ganz kloer, datt hei mat der Salamatik probéiert gëtt, wat de Forfait d'éducation de Stat kascht, datt dat lues a lues vun de Pensiounskeesen iwwerholl gëtt. Den Här Paul-Henri Meyers huet gëschter op der Televisioun gesot, mir hätten d'Babyjore mam Forfait d'éducation verwiesselt. Mir hu guer näischt verwiesselt! Mir hu schonn déi richteg Chiffere geholl a mir hunn och net - wéi den Här Meyers gëschter Owend op der Televisioun gesot huet - déi Suen, déi d'Privatbeamten als Emprunt geléint kréien, mir hätten déi...

(Interruption)

Ah neen, neen! Mir hu schonn déi Chifferen, déi wierklech placéiert gi sinn, an eis Berechnung mat erageholl.

An den Här Castegnaro huet gesot, dat wier Populismus. Den Här Castegnaro war awer weinstens esou fein, datt hie gëschter Owend op der Televisioun gesot huet, et hätt effektiv en Transfert vu 40 Milliounen stattfont, Här Di Bartolomeo.

(Interruption)

An dunn huet den Här Castegnaro awer gëschter op der Televisioun gesot, mir géifen do bëllege Populismus maachen.

» Une voix.- Dat ass och esou!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech wëllt dem Här Castegnaro emol soen, wat Populismus ass.

(Interruption)

Populismus ass, wann een zum Beispill jorelaang duerch d'Land jäize geet: Fanger ewech vum Index! An ech kommen dann als Deputéierten an d'Chamber an ech stëmmen hei enger Indexmanipulatioun zou. Dat, fannen ech, ass zum Beispill Populismus.

(Hilarité)

Oder wann een zum Beispill jäizt, d'Mammerent därerf net aus de Pensiounskeese bezuelt ginn, an et stëmmt een awer hei lauter Gesetzer, wou d'Laaschte vum Stat lues a lues op d'Pensiounskeesen iwwerdroe ginn, an et seet een dann: Neen, neen, de Stat bezilt nach ëmmer d'Mammerent! An a Wierklechkeet ass den Transfert vum Stat op d'Mammerent op d'Pensiounskeesen zrëckgeschafft ginn. Dat nennen ech Populismus, Här Castegnaro, an dat musst Dir Äre Leit erklären.

» M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Är Leit sinn e Musterbeispill vu Populismus!

» M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dee Populismus musst Dir Äre Leit erklären, genau sou gutt wéi Der Äre Leit dee sozialen Ofbau musst erklären, deem Der hei zoustëmmt; datt dat kee sozialen Ofbau ass. Wéi gesot, domadder brauch ech mech net ze befaassen.

(Interruption)

Esou wëll Dir populistesch schwätze kënnt wäert Dir et och fäerdeg bréngen, fir Äre Leit nach ze verkafen, datt dat alles positiv fir si wär.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kannergeld gëtt och net méi indexéiert. An d'Regierung huet sech engagéiert laut Tripartitesoffkommis bis den 1. Januar 2008 eng Léisung ze fannen iwwert de Wee vun engem Crédit d'impôt, soss géif d'Indexéierung erëm hiergestallt ginn.

Mir waren als ADR, géif ech soen, iwwer eng Rei vu Joren déi eenzeg Partei hei am Land, déi vun der Negativsteuer geschwat huet, déi geschwat huet, datt ee misst e Crédit d'impôt aféieren, fir hei zu Lëtzebuerg endlech SteiERGerechtigkeit anzeféieren. Well alleguer déi Abatementer, déi

mer hunn, spillen nëmme fir déi Leit, déi Steiere bezuelen. An déi Leit, déi vill Steiere bezuelen, déi am Héchsttaux leie vun 38%, sinn déi Leit, déi am Fong vun deenen Abatementer profitéieren. Mëttel- a Klengverdränger kënnen net dovunner profitéieren!

Et ass net richtig, datt een, deen an enger ganz héijer Lounklass läit, wou e bei 38% Steiere läit, datt deen zum Beispill Abatementer kritt an deen an deemselwechte Betrib schafft, an dee vläicht de Mindestloun oder zweemol de Mindestloun verdéngt, deen huet dach och wuel déi Abatementer zegutt! Fannt Der et richtig, datt een Direkter, deen, ech weess net, vun Ettelbréck an d'Stad schaffe kënnt, datt do de Stat deem iwwert d'Steieren 38% bei de Frais de déplacement bälleet a vläicht senger Botzfra, déi an dee Betrib schaffe geet, kee Frang bälleet?

Dat ass de Prinzip vum Abatement, deen nëmme fir déi spilt, déi vill verdéngen. Déi kënnen dovun profitéieren. An alleguer déi Kleng- a Mëttelverdränger kënnen net dovunner profitéieren. An duerfir ass et och net verwonnerlech, datt den Här Thiel Problemer huet, fir eng Negativsteuer anzeféieren, well hie vertritt jo net déi mat de Kleng- a Mëttelgehälter, mä alleguer déi Leit, déi ganz héich Gehälter hunn. Déi hunn natierlech mat enger Negativsteuer, mat engem Crédit d'impôt, Schwierigkeiten.

Ech muss awer soen, datt ech esou d'Gefill hat, datt an der Kommissioun a virun allem och bei de sozialistesche Kolleegen, eng gewëssen Ouverture besteet, fir an déi Richtung do ze goen. An der Kommissioun hunn déi eng gesot: Wat ass d'Negativsteuer? Wat ass e Crédit d'impôt? Mir haten herno an der Kommissioun geduecht, datt dat eent an dat anert bal datselwecht wier.

Den Här Statsminister huet d'lescht Woch hei versicht ze erklären, datt ee Crédit d'impôt näischt mat Negativsteuer ze dinn huet. Mer loosse eis duerfir iwwerrasche wéi dann déi Léisung ausgesi soll, déi jo fir den 1. Januar 2008 komme soll. Op jidde Fall soe mir, Här President, datt mer nëmme SteiERGerechtigkeit hei kréien, wa mer eng Negativsteuer aféieren iwwert de Wee vun engem Crédit d'impôt.

Här President, ech wollt eis nach zéng Minutten halen, fir spéider an d'Debatt agräifen ze kënnen. Duerfir muss ech leider zum Schluss kommen. Et wier sécherlech nach viles ze soen iwwert d'Schoulpolitik, den öffentliche Transport, de Wunnengsbau; alles grouss Problemer, déi mer hunn. Mä leider léisst d'Zäit mer et net zou, fir dat hei kënnen ze maachen.

Op jidde Fall, mengen ech, muss een als Konklusioun zéien, wann hei d'Majoritéitsdeputéierten an de Statsminister optriede mat enger gewësser lwwerhiefléckheet, da sinn ech der Meenung, datt se all Ursaach hätte vill méi kleng a méi roueg ze trëppelen.

Wann ee weess, datt keng Finanzreserve méi do sinn, datt d'Scholde rapid uwuesen, datt en Defizit am Statsbudget elo scho fir d'drëtt Joer hannereneen ass, datt massive sozialen Ofbau bedriwwen gëtt, datt de Chômage Rekordzuele schreift, d'Jugend keng Perspektive méi gesäit, d'Jugend sech ëmmer méi friem heiheem fillt, eng katastrophen Wunnengsbaupolitik bedriwwen gëtt - ëmmer méi Lëtzebuurger mussen an d'Ausland wunne goen -, iwwer 20 Joer nom Bommeleeër gesicht gëtt an e wessentlech net wëllt font ginn, ëmmer méi Leit ënnert d'Aarmutsgrenz falen, d'Schoulwiese katastrophen Resultater huet, wann dat de Bilan ass vun enger Regierung, an do schwätzen ech virun allem d'CSV un, déi jo awer fir 20 Joer hei d'Soen am Land huet a virun allem an deenen dote Ressourcen och d'Ministere gestallt huet, da kéint se mat hirer lwwerhiefléckheet e bëssen zrëckgoen.

Dëst ass e Budget, deen eng finanziell Moggelgung ass, dee sozialen Ofbau be- deit. Duerfir kann dëse Budget net eis Zoustëmmung fannen.

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ech kann dem Här Rapporteur fir säi gutt strukturéierte Rapport félicitéieren, deen natierlech am Sënn vun der Politik vun der Regierung ass. Mä ech ka mech awer net, wéi den Här Fayot, mat dem Budgetsrapporteur senge Visiounen an Iddien identifizéieren, well och wann e viles vun deem, wat e gesot huet, net gemengt huet, an och vill falsch verstane ginn ass, esou bleift awer ee Leitmotiv vu senger Linn nach ëmmer den Dëngscht um Kapitalismus.

Wann een dëse Budget misst an e puer Wierder résuméieren, da misst ee soen: D'Hirschen hänken aus! D'Juegd ass op!

Et schéissen awer net déi Jeeër vum Koepp Jemp sengem Jeeërbal, mä déi Jeeër, déi hei um Wierk sinn, déi si vill méi geféierlech. Déi schéisse mat décke Kalibereen aus de Kanoune vun der Tripartite, an hannendrun héiert een den Halali aus den Trotere vun den Tripartitesgewerkschaften. Viséiert sinn déi Kapitalhirschen aus der Sozialofsécherung. Besonnesch geziilt gëtt op den Index-Hirsch, dee bis elo ënnert Déiereschutz stoung an deem ëmmer méi am Viséier ass vun deenen neoliberalen Jeeër.

Mä och op aner Sechsender gëtt geziilt. Den Automatissem vun der Index-Ausbezielung ass am Viséier, d'Kitz vun de Familienzoulagen, den Zwielfender vun de Rentenajustementen, deem elo méi spéit soll gefiddert ginn, an esou weider. Dës Kapitalhirsche sollten dem Buerghär aus dem Finanzschlass geaffert ginn. An hir Haren, déi solle vum Vollek gedroe ginn. Ass et dofir net e komeschen Zoufall, dass een elo iwwerall, iwwert d'ganzt Joer duerch d'ganzt Land och nach Hirschen an enger bloer Faarf hänke gesäit.

Här President, mä och déi, déi den Halali hannert der Juegd do geblosen hunn, sollen eppes ofkréien; an zwar en Hues. En Hues, deem awer genmanipuléiert gëtt, fir dass all Huese spéider eng Kéier d'selwecht sollen ausgesinn. Just, dass, wann deem Hues ofgezu gëtt, déi eng erm eng Kéier dat gutt Fleisch wäerte behalen an déi aner erm just de Kapp ze lecke kréien.

Wat waren dat nach Zäite viru 24 Joer, wou déi, déi haut den Halali hannert de Flënte vun de Sozialjeeër geblosen hunn, nach Déiereschützer vun eise Sozialhirsche waren a se sech och mat vollem Mutt zu dausenden deene Jeeër, déi et deemools op eis Sozialhirschen ofgesinn haben, entgéintgehäit hunn. Haut verstoppe se sech uewen um Héichsätz, fir dass kee se gesäit, wa se hëllef d'Flënte lueden.

Elo, wou se awer esou lues mierken, dass se näischt an d'Deppe kréien, jäizen se: Wa mir eisen Hues net kréien, da verjoe mir lech Är Hirschen! Da wäerte se wuel musen eng Klappjuegd organiséieren, wou se awer keen Hirsch méi wäerte virfannen, well déi Kapitalhirsche vun der Manipulation vum Index, vun dem Afréiere vun de Familienzoulagen an de Rentenajustementen, déi si scho geschoss. A si, si hu gehollef d'Flënt droen.

Déi Hirschen, déi elo nach ze schéisse sinn, déi stinn op der Menükaart vum Restaurant 5611, mat als Aperitif d'Erhéijung vun der Autossteuer, als Entrée d'Babyjoren - déi Tournée bezuelen d'Pensiounskeesen -, als Plat de résistance d'Beschäftigungsmesuren, dee Plat bezuelen déi Jonk, an als Dessert d'Erhéijung vun de Bättråg vun der Fleegeversécherung, déi Rechnung ass fir all physisch Persoun; d'Industrie an de Stat hu sech gratis invitéiert.

Här President, d'Käch vun dëser batterter Zopp setzen an der Kiche vun der Tripartite. Et si Käch aus alle Branchen, d'Ingrédients schmaachen nëmmen deenen, déi se selwer an d'Zopp gehäit hunn. Eng Zopp, déi, wa méiglech, esou soll giess gi wéi se aus der Kiche kënn.

Wat seet awer de Maître d'hôtel, hei d'Chamber, dozou, déi jo eigentlech de Menü schmaache misst ier en zerwéiert gëtt? Ma do ass et esou, dass de Gros vun deene méiglechen Dégustateuren hei guer näischt kënnen soen, well déi meescht Käch, déi an den Tripartite-Restaurant delegéiert goufen, aus hirer eegener Kiche stamen. Si musen also déi Zopp ausläffelen, wa se net wëlle bei hirer eegener Klientell e schlechten Numm kréien, oder si musen eng nei Zopp kachen. Dat geet awer net, well den 20. am Chrëschtmount ass d'Kichen zou.

Här President, esou hätt ee kënnen a kuerze Wierder dëse Budget an alles, wat domat zesummenhängt, ëmschreiwen. Mä d'Saach ass awer net esou einfach. D'Virschléi vun der Tripartite ginn an der leschter Zäit ëmmer méi contestéiert, souguer vu Verschiddenen, déi derbäi waren awer anscheinend an engem aneren Zëmmer souzen, besonnesch déi Virschléi, déi iwwert d'Beschäftigungsmesuren am Gesetzprojet 5611 festgehal sinn. Den Aarbechtsminister huet jo awer do just dat textuell festgehalten, wat an der Tripartite ofgemaach war.

Elo wëllen déi, déi an der Tripartite hir Verantwortung am Interessi vun deene Jonken net geholl hunn, alles ofstreiden an hunn aus Protest déi Jonk op d'Strooss geschéckt. Dat heescht, si hunn am Fong déi d'Aarbecht néierleeeë gelooss, déi nach keng haben.

De 5611 ass awer nach net gestëmmt. Dee soll den 20. am Chrëschtmount hei gestëmmt ginn, wat ech mer awer kaum ka virstellen, wann ech all déi esou sozial agestallte Kolleeginnen a Kolleegen heibannen zielen. E Projet, deem esou vill sozial Réckschrëtter beinhalt, kann dach net vun dëser sozialer Assemblée hei gestëmmt ginn.

Dofir verstinn ech eppes net, Här President, wéisou dass d'Recetten, déi an engem Gesetzprojet stinn, deem nach net gestëmmt ass, an hoffentlech ni gestëmmt gëtt, hiren Nidderschlag scho mat 400 Milliounen hei am Statsbudget fannen. Dofir verstinn ech net firwat elo d'Gewerkschaften op d'Barrikade ginn an den Accord tripartite ofhängeg maache vum Statut unique. Dee schmärerhaftesten Deel vum Tripartite-Accord ass gestëmmt mam Accord vun deenen, déi an der Tripartite derbäi waren an och heibanne setzen.

Wat wëllen se also elo maachen? E waarme Chrëschttag versprochen, well den Hierscht ass jo schonn ëm. Kloer ass op jidde Fall, dass wa se et eescht mengen, dann däreft Verschiddenen heibanne weder de 5611 nach de Budget stëmmen, well jo bis den 20. am Chrëschtmount sécherlech nach keen Accord iwwert de Statut unique wäert virleien.

Här President, dëse Budget ass mat Tréine geschriwwen. Mat Tréine vun deenen, déi d'Konsequenze vun där asozialer Politik, déi aus deem Budget hei erauskuckt, musen droen. Tréine vun deenen, déi net nëmmen op hir Ajustementen, sief et iwwert den Index oder d'Rente musse verzichten, mä déi och nach do derniewent Taxenerhéijungen an hire Gemenge musen erdroen an enger permanenter Deierecht ausgesat ginn, déi duerch näischt kompenséiert gëtt.

D'Solidaritéit soll spillen, fir de Budget ze stäipen an aus sengem Déif erauszébréngen, awer alt erm eng Kéier d'Solidaritéit vun deene Klengen. De Stat an d'Wirtschaft ginn aus hirer Verantwortung entlooss. De Bierger gëtt zur Keess geruff. Et gëtt en Defizit ugekënnegt. A Wierklechkeet ass en awer net esou héich wéi ugekënnegt, well et schwammen nach iergendwou déi 400 Milliounen, déi duerch de Verkauf vun Aktien, eise Stolsiten an hirem Personal ergattert konnte ginn. Mä wou sinn déi 400 Milliounen? Huet de Finanzminister se am Keller leien?

Duerfir, Här President, dat doten erënnert mech un eng Anekdote: Dräi Studente setzen an engem Bistro eppes ze iessen. Zesummen haben se fir 30 Euro ze bezuelen a si hu sech dat gerecht opgedeelt. Well et Studente waren huet de Patron vum Bistro sech geduecht: Géff hinnen eng kleng Remise. An hie gëtt dem Garçon fënnf Euro, fir de Studenten ermëzeginn. De Garçon konnt déi fënnf Euro awer net duerch dräi deelen an huet sech dofir einfach zwee Euro an d'Täsch gestach an huet dann all Student een Euro ermëginn. Dat heescht, all Student huet nëmmen néng Euro bezuelt an de Garçon huet zwee Euro an d'Täsch gestach. Dräi mol néng ass 27 plus zwee Euro vum Garçon mécht 29. D'Studenten haben awer 30 Euro ginn, mä wou ass dann elo deem Euro hikomm, dee feelt?

(M. Jean-Pierre Koepp prend la Présidence)

An déiselwecht Fro kann ee sech stelle bei deene 400 Milliounen, déi net am Budget virkommen, awer iergendwou sinn. Well si solle jo investéiert ginn, awer net an de Mënsch, mä alt erm eng Kéier an d'Ekonomie.

Här President, an dësem Budget gëtt et eng Rei Recetten, déi mer wierklech um Mo leien, an dat sinn un éischer Stell déi Recetten, déi de Stat duerch den Ofbau vun de Sozialleeschungen kasséiert. Mä et sinn awer och déi Recetten, duerch déi de Stat sech menger Usicht no zum erbarmungslosen Dealer opspillt, andeem e Suen akasséiert op Substanzen, déi hien hei selwer als déidlech erkläert huet. Gelder, déi en iwwer Accisen um Tubak akasséiert, also op Substanzen, déi e selwer deelweis prohibéiert huet an op deenen en d'Accisen och elo nach erhéicht huet; Gelder, déi awer net dozou genotzt ginn, fir de Leit ze hëllef, fir vun hirer Sucht lasszekommen. Dës Gelder fléissen einfach an de Statssäckel an d'Regierung schéngt och dobäi nach keng Gewëssensbëss ze hunn.

Datselwecht gëllt bei den Accisë vum Alkohol, wou zwar Infrastrukturen do sinn, fir ze hëllef, mä wou déi Substanz nach ëmmer als salonfäeg unerkannt gëtt.

Eng aner Recette...

(Nuisances sonores)

Esou hat ech awer nach keen erschreckt!

(Hilarité)

Eng aner Recette ass déi vun de Spiller an de Lotterië wéi och dem Casino zu Mondorf.

(Interruptions et hilarité)

» M. le Président.- Maacht virun.

» M. Aly Jaerling (*Indépendant*).- Merci, Här President. Ech si frou lech am Réck ze hunn, da ka mer net vill passéieren.

(Interruption et hilarité)

Wéi de Casino zu Mondorf opgaangen ass, goufen all Geldspiller an de Bistroe verbueden. Haut ass de Stat dee gréisste Spillautomatendealer, an zwar andeems en zouléist, dass dës Apparater geschwënn an all Bistroyen d'Leit zum Spille verleeden an domadder vill vun hinnen an de Misär geheien. An ech kann och net als Rechtfertigung gëlle loosse, dass déi Sue sollen all fir karitativ Zwecker zur Verfügung gestallt ginn. Et kann net sinn, dass op där enger Säit zougelooss gëtt, dass d'Leit duerch d'Spillen an de finanzielle Misär geheit ginn an dann als Entschëllegung gëllt, dass déi Sue solle geholl ginn, fir anere Misär ze dillegen. Ech mengen, dat ass eng Politik, déi einfach net tragbar ass.

Här President, datselwecht gëllt och fir d'Unerkennung vun engem Steierkredit als Kompensatioun fir déi sozial Ausbeutung, déi hei ageleet gëtt. Fir d'éischt ginn d'Leit geplëmmt an da gëtt doriwwer nogeduecht, ob een dat dann awer net ka finanziell offederen, andeems een eppes Klenges ermëgëtt.

Et hätt scho längst missen eng Ënnerstëtzung agefouert gi fir déi Leit, déi bei de Steuerreformen näischt kruten, an dat ier dës asozial Mesuren hei a Kraaft treden. Ob dat elo Negativsteuer oder Steierkredit heescht, dat dierft egal sinn. D'Upassung vun der Steiertabell, déi gefuerdert gëtt, déi bréngt deene kleng Leit, déi keng Steiere bezuelen, net allze vill. Mä si géing awer eng Rei Leit trotzdeem an de Genoss bréngen vun enger Steuererlichterung. Wichteg ass awer, dass eppes kënn.

Mä wéini kréie mer elo kloer Virschléi, dass iwwerhaupt eppes an deem Sënn kënn? Oder sinn et einfach Parolen, déi vum Statsminister erm eng Kéier zwecks Berouegung vum Vollek an d'Welt gesat goufen, gradesou wéi d'Ausso vum Statsminister vun der Verdueblung vun den Heizkäschtenzouschëss oder vun der Opfuederung un d'Gemengen, bei den Taxenerhéijunge lues ze maachen, wou op där anerer Säit den zoustännige Banneminister awer fir de Käschtendeckungsprinzip plädéiert?

An do mengen ech, dass awer déi Kéier de Banneminister gewonnen huet, well Fakt ass op jidde Fall, dass déi meescht Gemenge schonn hir Taxenerhéijungen integral duerchgezunn hunn, mat der Konsequenz vläicht, dass d'Gemengen elo e puer Sue méi hunn, mä mat der Konsequenz awer och, dass domadder méi Leit an d'Prekaritéit rutschen, an dass mer deemnächst wäerte mat engem massiven Ustieg un Demandé fir Sozialwunnenge musse rechnen - zwar net nëmmen duerch d'Taxenerhéijungen, mä och duerch dat onsozialt neit Mietgesetz - an dass mer eis musse drop oriichten nach méi Ënnerdaach fir Sans-abrië musse ze schafen, an dat an deem grouse Sozialstat Lëtzebuerg.

Här President, dee Budget, deem hei virläit, deem investéiert net an de Mënsch. De Mënsch schéngt an dësem Land, a leider och doriwwer eraus, nach just eng sekundär Roll ze spillen. D'Ekonomie huet d'Prioritéit. De Mënsch gëtt an de Bicher, an de Regëstereen nach just als Ressource humaine gefouert. Wat ass dat, eng Ressource? Dat ass an der Regel e Grondstoff, deem ausgepresst gëtt, bis näischt méi dran ass. Wann dann nach eppes Rescht bleift, da gëtt dat nach e bësse recycléiert, ier de Rescht op en Dépôt kënn. A genausou gëtt och de Mënsch an eiser heiteger Gesellschaft behandelt: E gëtt ausgepresst bis et net méi geet, dann a Mesuré versicht ze recycléieren, bis en da schlussendlech am Renten- oder am RMGs-Dépôt ofgeluecht gëtt. Dat ass eng falsch Politik an déi wäert iergendwann eng Kéier zréckschloen.

Firwat sinn déi Mesuren, déi elo hei déi kleng Leit am meeschten treffen, geholl ginn? Verschidde Virriedner hu versicht dat ze erklären, mä si konnte mech awer net iwwerzeegen. Wa mer wierklech dee finanziellen Enkpass hunn, deem elo hei virgedroe gëtt, hätten da keng Mesuré kënnen erfaasst ginn, wou d'national Solidaritéit méi spillt, eng Solidaritéit, wou och d'Ekonomie an de Stat mat an d'Verantwortung kënn gezu ginn?

Et ass Rieds gaange vun der Solidaritéitssteuer, déi net 2007, mä 2008 elo awer komme soll. Wéisou ass d'Solidaritéitssteuer, déi vis-à-vis vun de Klengverdenger vill méi

gerecht gewiescht wär, net méi eeschthaf a Betruecht gezu ginn? Dann hätt natierlech d'Ekonomie och misse Solidaritéit bewiesen.

An ech hunn d'Fro gestallt un den zoustännige Minister: Wéi vill hätt da missen d'Solidaritéitssteuer gehéicht ginn, fir dat Lach am Budget ze stoppen? Bis haut hunn ech nach keng Äntwert kritt. Et ass och net esou einfach, well soss hätt ee vläicht gemierkt, dass dat déi gerechte Léisung gewiescht wär.

D'Ekonomie, déi gëtt och verschount vun Ufank u bei der Fleegeversécherung. Déi Ekonomie virun där se all kuschen, well se fäerte si géing eis fortlafen. Et kann awer och sinn, dass d'Bierger eng Kéier fortlafen. Wéi seet een esou schéin? «Et s'il y avait du boulot et personne n'irait?»

Wéi laang mengt Der, dass d'Bierger déi Politik do nach matmaachen? Mir hunn et elo gesi bei deene Jugendlechen. Verschidde vun hiren Initiativen, hiert Kreesch-Dinn, fir nogelauschtert ze kréien, ass net eescht geholl ginn. Mä déi Aktiounen vun deene Jugendlechen hu gewisen, dass e Malaise do ass, an dass d'Volk ufänt, esou lues a lues genuch ze hunn: De Ras-le-bol, well se net méi iwwert d'Ronne kommen, well hir Revenuen ëmmer méi kleng ginn. De Ras-le-bol, well se keng Famillje kënn grënnen, well se d'Loyeren net kënn bezuelen a bal forcéiert ginn, an d'Ausland ze plënnern. De Ras-le-bol, well déi, déi se solle vertrieden, am selwechte Boot matrudderen, dat vun der Wirtschaft a vum Kapital gesteuert gëtt. De Ras-le-bol, well eis Kanner keng Chance op eisem eegenen Aarbechtsmaart kréien. De Mangel u Qualifikatioun an Educatioun soll schold sinn, an dat soe grad déi, déi jorelaang, jorzéngtelaang d'Responsabilitéit an der Educatioun haben.

Och wat eisen Aarbechtsmaart ubelaangt, esou sichen elo déi iwwerall no Léisungen, déi et jorzéngtelaang versäumt hunn, d'Realitäten ze erkennen. Hëllef siche se elo an externen Etüden an Avisen, am léifste bei der OECD, do wou se sécher sinn, dass hir léifste Kanner - d'Ekonomie an d'Kapital - verschount bleiwen.

Genau wéi beim Aarbechtsmaart geet et och bei der Rentenofsécherung zou, wou an engem Otemzuch gesot gëtt, eis Rentensystemer missten ofgeséichert sinn, da sech awer net genéiert gëtt, sech aus de Rentekessen ze bedingen.

Wann de Sozialminister seet, hie wëllt den effektiven an de gesetzleche Rentenalter een deem anere méi no bréngen, da gëtt et zwou Méiglecheeten: Hie senkt de legale Rentenalter oder hie versicht deen effektiven ze erhéien. Dräimol dierft Der roden, wat fir eng Alternativ en applizéiere wäert.

Verstoppt gëtt sech do och alt erm hannert Avisé vun der OECD oder Recommendationen vun der EU-Kommissioun, fir selwer keng Verantwortung iwwerhuelen ze musse.

Här President, wat hunn ech dach an all Wahlprogramm grouss Spréch iwwert d'Ofsécherung vun der Famillje gelies. Wat ass awer doraus entstanden? D'Familljenzoulage ginn indexmanipuléiert an déi indirekt Steieren erdrécken d'Familljen. D'Famillje mat Kanner gi besonnesch getraff duerch d'Taxenerhéijung. Eng Famill ka sech weder en Terrain nach en Haus respektiv eng eege Wunneng leeschten. Souguer de Loyer ass hei am Land net méi erträglech.

An dozou huet een eminenten Ekonomist eng Kéier gesot: E Land an deem ee méi wéi 30% vum Revenu muss ausginn, fir Loyer ze bezuelen, ass e krankt Land. Lëtzebuerg läit an där Hisiicht schonn an der Agonie.

Wie wonnert et dann, dass ëmmer manner Jonker bereet sinn, eng Familljen ze grënnen? Wat bidde mer eiser Jugend dann nach fir Alternativen? Wéisou si mer esou erstaunt iwwert déi héich Selbstmordzuel bei de Jonken? Esou erstaunt dierfte mer eigentlech net sinn, well se eng Konsequenz ass vun enger Politik, déi laanscht de Mënsch leeft, well vill Jonker keng Alternativ gesinn an enger Welt, an där se ëmmer méi Drock ausgesat sinn a wou se vun allen Entscheedungsprozesser ausgeschloss ginn.

Här President, et ass net nëmmen déi heiteg Budgetsvirlag, déi schold ass un deem Malaise vun eiser Gesellschaft, et ass déi jorelaang op d'Kapital an d'Wirtschaft ausgeriichten a laanscht de Mënsch dirigéiert Politik.

De Malaise gëtt och nach doduerch verdeift, dass d'Bierger d'Gefill hunn, datt och Europa laanscht hir Doléancé leeft, an datt d'Politik bis elo et net fäerdeg bruecht huet dem Mënsch dëst Europa méi no ze bréngen. Ënner „Europa méi no bréngen“ versteet de Bierger net, datt hie seng Ministeren an der Zeitung an all Dag an engem anere Land gewise kritt. De Bierger hätt gär en Europa mat deem hie sech identifizéiere kann an an dat hie Vertrauen huet. Duerch Politik wéi déi, déi elo hei virgedroe gëtt, kritt de Bierger weder Vertrauen an eis an doriwwer eraus bestëmmt och net an Europa.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, dat heiten ass kee gudd Budget, well et ass e Budget, deen d'Confirmatioun bréngt, datt de Mënsch ëmmer manner Wäert gëtt. Et ass ee Budget, dee beweist, datt och sozial agestellte Parteie sech dem Drock vum Kapitalismus ducken an de Kapp net méi héich kréien, ebe well se onbedéngt mat wollte regéieren an doduerch ëmmer méi an den neoliberale System mat eragerutscht sinn, vun deem se a gudden Zäiten natierlech och nach dichteg konnte profitéieren. Elo mussen se de Präis dofir bezuelen, andeems se déi, déi se eigentlech sollte vertrieeden, an zwar déi sozial Schwaach, bei d'Lisaette musse loossen.

D'Sozialgeschicht vun dësem Land ass matgeschriwwen gi vun enger Rei fortschrëttleche Parteien. Parteien, déi vläicht net méi hei an der Chamber vertruede sinn, mä déi awer ëmmer nach hir Existenzberechtigung behalen, besonnesch elo, wou kee méi do ass, deen déi kleng Leit vertrëtt.

De Moment ass do, wou mer mussen ëmdeanken, wou mer nei mussen driwwer nodenken, wat eis sozial Engagementer vis-à-vis vun eise Bierger sinn. Et kann net méi sinn, datt mer e groussen Deel vun eise Recetten an d'Kapital, an d'Ekonomie pompelen an de Mënsch einfach vergiessen.

Duerfir, Här President, dat hei ass net nëmme kee gudd Budget fir de Mënsch, déi ganz Politik, déi an de leschte Jore bedriwwen ginn ass, ass engem Sozialstat net würdeg. An dass dat esou ass, wäerte mer och an deenen nächsten Deeg nach méi ze spiere kréie bei anere Projeten, déi nach viru Joresenn hei zur Debatt stoe wäerten.

Duerfir kann ech dëse Budget net stëmmen, esou wéi ech mech och wäert géint all asozial Mesuren zur Wier setzen, déi hei nach op den Ordre du jour kommen. An ech schlësse mat der Hoffnung, datt all sozial fortschrëttlech Kräfte vun der wierklecher Gauche sech endlech bewusst sinn, datt nëmmen eng geschlosse Gauche deem neoliberale Fléau, deen iwwert dëst Land geeschtert, Paroli ka bidden.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar ageschriwwen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech a menger Budgetsinterventioun haaptsächlech mat zwee Punkte beschäftegen, nämlech der Methodologie vum Budget an der Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie a ganz besonnesch vun där vun der Finanz- a Bankplaz.

Ier ech awer zu deene Punkten iwwerginn, wëll ech och a mengem Numm zwee Mercie lassginn: Éischtens un de Rapporteur Lucien Thiel, deen an deene leschte Wochen eng Sisypus-Aarbecht ofgeluecht huet an dee souwuel a sengem schrëttleche wéi mëndleche Rapport eng detailléiert Duerstellung vun de Stärken a Schwächen vun eise Land gemaach huet.

» **Une voix.** - Oh!

(Interruption)

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - Hien huet op déi him eegen Aart a Weis eng Rei Wou-

rechte gesot respektiv widderholl, déi, och wa se net jiddferengem gefalen, dach d'Fragilitéit vun eisen öffentleche Finanzen op eng äusserst realistesch Manéier beschriwwen hunn.

Ech wëll awer dëst Joer och e ganz spezielle Merci un all Kolleginnen a Kollegen aus der Finanzkommissioun riichte fir hir grouss Gedold an hire groussen Asaz, well mer eis dës Kéier an net manner wéi 14 Sitzungen intensiv mat dësem Budgetsprojekt befaasst hunn.

Dann, an aleedend zu mengen Ausféierungen, wëll ech hei nach eng Kéier dat ënnersträichen, wat de Budgetsrapporteur in extenso ausgeféiert huet, nämlech datt et an eisen öffentleche Finanzen haaptsächlech e Problem um Niveau vun eisen Ausgaben gëtt.

Nach kommen ech awer bei de Recetten net derlaanscht, zwou Feststellungen ze maachen, déi mer dach ze denke ginn:

Éischtens, d'Stagnatioun vun der Kierperschaftssteier, déi eigentlech am Géigesaz steet zu enger Finanzplaz, déi boomt.

Ech hat selwer virun zwee Joer bei der Presentatioun vu mengem Budgetsrapport op dës Stagnatioun an hir Ursachen higewisen. Ech stelle fest, datt d'Situatioun sech par rapport zum Budget 2005 net verbessert huet, obschonn eis Banke Bilanz zommen opweisen, déi deelweis impressionnant sinn. Mir mussen eis also sécherlech méi mat deem Phänomeen „fiscal engineering“ auserneeetzen, wéi dat bis elo de Fall war, wa mer net wëllen an d'Situatioun kommen, datt bei manner gudden Resultater vun der Finanzplaz dës Kierperschaftssteier riskéiert eis ewechzerutschen, wéi de Rapporteur vun dësem Budgetsrapport sech ausdrécke géif.

Eng zweet Suerg, déi mech plot, sinn d'Réck- an d'Ausstänn vu Steieren, souwuel um Niveau vun der Steierverwaltung wéi vun der Administration de l'Enregistrement. Wann een nämlech d'Zuelen am Detail kuckt, déi eis vu béide Verwaltungen virgeluecht gi sinn, stellt ee fest, datt mer am Moment an deenen zwou Verwaltungen fir ronn 1,6 Milliarden Euro Réck- oder Ausstänn hunn. Ouni elo wëllen an de Versuch hei ze falen eng vill ze vill einfach Mëllechmeedersrechnung ze maachen, muss een dach feststellen, datt, wann een nëmmen d'Halschent vun deem Betrag géif androen, ee keen Defizit méi am Budget 2007 hätt!

Ech wëll awer gläichzäitig ënnersträichen, datt eng ganz Rei vun Efforten an deene leschte Méint um Niveau vun deenen zwou Verwaltungen gemaach gi sinn, fir dës Problem besser an de Grëff ze kréien, a mäi Wonsch wier, datt mer och resolut op deem ageschloene Wee géife weiderfuere.

Nach ginn, Här President, dës Efforten net duer, well fir mech ass et absolut inakzeptabel, datt dës Réckstänn sech op eng Zomm belafen, déi dat Duebelt vum Budgetdefizit ausmécht.

Dëst gesot, Här President, wëll ech mech dann elo méi intensiv mat der Methodologie vun eise Budget beschäftegen, enger Methodologie, iwwert déi scho villes vum Rapporteur awer och vun eenzelne vu menge Virriedner gesot ginn ass.

Mir sinn eis, mengen ech, an dësem Haus alleguerten eens, datt d'Analys vun den öffentleche Finanzen ëmmer méi komplex gëtt. Dëst haaptsächlech aus zwee Grënn: Éischtens, well mer niewent där traditioneller Budgetpresentatioun elo eng nom Modell SEC 95 hunn; mä zweetens awer och, well mer d'Recetten no där sougenannter Réalité économique musse verbuchen.

Fir sech an deenen ëmmer méi komplexen Zuelen erëmfannen, ass et fir mech absolut noutwendeg, datt mer eng méiglechst grouss Transparenz hei erakréien. Ech begrëissen duerfir och nach eng Kéier, datt d'Regierung fir d'Éischt dëst Joer d'Eckwäerter vum Budget nom Modell SEC 95 presentéiert huet.

Ech wëll och vun dëser Plaz aus ënnersträichen, datt mer dëst Joer wesentlech méi detailléiert Zuele kritt hu vun deene verschiddene Verwaltungen, déi et der Kommissioun erméiglecht hu sech e bessert global Bild, notament iwwert de Volet Recetten, ze maachen.

Dëst sinn alles Schrëtt an déi richteg Direction. Mä si eleng ginn allerdéngs net duer a mir musse konsequent an deenen nächsten Joren a Richtung SEC-95-Presentatioun marschéieren.

Ech mengen nämlech, datt keen hei an deem Haus bestreit, datt d'Maastricht-Presentatioun eis méi eng global Visioun vun den öffentleche Finanzen erméiglecht wéi déi traditionell Presentatioun, an eis et och erlaabt nozevollzéien, ob déi jeeweileg a sukzessiv Budgeten am Aklang si mat de

Maastricht-Kritären an deene budgetäre Situatiounen, déi sech dorauser erginn.

Op där anerer Säit erlaben awer och déi Donnéeën, déi sech aus der Presentatioun vun dësem Joer erginn, eis net, fir eng detailléiert Analys vum Budget ze maachen.

Firwat ass dat esou? Ech erënnere drun, datt net nëmmen déi wichtegst Recetten, mä ganz besonnesch och déi haaptsächlech Dépenses weder fir dat ugehend Joer nach fir déi zwee viregt Joren opgeléicht sinn. Et kënnt derbäi, datt déi Zuelen eigentlech pro Secteur, also pro Zentraladministratioun, Sécurité sociale a Gemengen, missten ënnerdeelt ginn, wat elo net de Fall ass.

Mir sinn eis eigentlech an der Kommissioun doriwwer eens gewiescht, datt dës Zuelenzalot an déi relativ oniwwersiichtlech Presentatioun net am Interesse vun enger méiglechst grouss gewolltener Transparenz ass, an de Rapporteur huet dat jo och schonn zur Genüge, souwuel a sengem schrëttleche wéi a sengem mëndleche Rapport, ënnerstrach.

Ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt kee Wee derlaanscht féiert, fir mëttelfristeg nëmmen nach eng Budgetpresentatioun laut Maastricht, der sougenannter SEC 95, ze maachen. Dëst setzt souwuel um Niveau vum Zentralstat wéi awer ganz besonnesch op deem vun de Gemengen eng substanziiell Ëmstellung viraus. Ech si mer och bewosst, datt sécherlech net all Gemengen an dësem Land outilléiert sinn, fir esou eng Ëmstellung virzehuelen. Hei ass sécherlech den Innenministère gefuerdert deene Gemengen ënnert d'Äerm ze gräfen.

Ech mengen allerdéngs, datt et wéineg Sënn mécht all déi Schwierigkeeten opzeléichten, déi esou eng Ëmstellung mat sech bréngt, mä et ass wesentlech méi sënnavoll an effizient, elo schonn zesumme mat de Gemengen ze kucken, wéi een esou eng Ëmstellung praktesch kann ëmsetzen. Wa mer hei an haut domadder ufänken, mengen ech, kënne mer dat och spëtstens an dräi Joer gepackt hunn. Ech weess och, datt dat um Niveau vun den Investitionsfongen eng Ëmstellung bedeit, well mir si jo als Lëtzebuerg nun emol an der privilegiierter Situatioun, Reserven ze hunn, an dofir si mer jo och dat eenzegt Land um Niveau vun der Europäescher Unioun, wat esou Investitionsfongen huet.

Nach woen ech awer ze behapten, dass et och um Niveau comptable Méiglechkeete gëtt, dës Investitionsfongen esou ze buchen, datt se och an d'Maastricht-Logik erafalen. Mir sinn eis op jidde Fall eens gewiescht an der zoustänneger Kommissioun, datt spëtstens an dräi Joer et just nach dierft eng Presentatioun nom Modell SEC 95 ginn.

Bis et esou wäit ass an all déi noutwendeg Ëmstellungen virgeholl gi sinn, souwuel um Niveau vum Zentralstat wéi bei der Sécurité sociale an de Gemengen, hu mir als Kommissioun d'Proposition vun der Zentralbank opgegraff, datt vum nächste Joer un et niewent där traditioneller Budgetpresentatioun an dem Budget pluriannuel en drëtten Band soll ginn, deen eng Presentatioun vum Budget no de Maastricht-Kritäre virgesäit. Ech begrëissen och ausdrécklech, datt de Budgetsminister heizou scho seng Zoustëmmung ginn huet.

Ech erlaube mer dann am Numm vun allen hei am Parlament vertruedene Fraktiounen a Parteien eng Motioun an deem Sënn beim Här President ze deponéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que la transparence des finances publiques doit requérir une attention particulière;*

- *considérant que l'analyse des finances publiques au Luxembourg devient de plus en plus complexe du fait notamment de l'existence de plusieurs modes d'appréhension comptable du budget et de la nécessaire transcription de concepts tels que l'enregistrement des recettes selon la «réalité économique»;*

- *considérant que la méthodologie du Système Européen des Comptes (SEC 95) offre une vision des finances publiques bien plus large que la comptabilité de l'État actuelle et permet de s'assurer de la compatibilité des projets de budget successifs avec le cadre de surveillance multilatérale des situations budgétaires au niveau européen;*

- *considérant que si la présentation budgétaire dualiste retenue pour le projet de budget pour l'exercice 2007 marque un progrès par rapport aux années précédentes, elle ne saurait être maintenue à l'infini, une présentation unique conforme aux exigences*

européennes étant requise dans les meilleurs délais;

- *considérant que les données figurant au projet de budget 2007 sont en effet trop lacunaires pour servir d'arrimage à un examen pleinement informé du budget, ne comportant pas les détails requis de la situation financière des communes et de la sécurité sociale, et n'étant pas suffisamment précis en matière d'ordre de priorités des investissements publics;*

invite le Gouvernement

- *à procéder à une refonte de la présentation budgétaire en la mettant en conformité avec la norme SEC 95 endéans les trois ans;*

- *à prévoir dès lors une désagrégation par sous-secteurs (administration centrale, sécurité sociale et communes) des chiffres budgétaires;*

- *à concevoir aux fins de cette refonte pour l'exercice budgétaire 2008 un nouveau volume III du projet de budget, renfermant la «traduction» SEC 95 du projet de budget et comprenant une description de la façon dont le budget s'inscrit dans les engagements européens du Luxembourg (notamment le Pacte de Stabilité réformé et les programmes nationaux de stabilité) ainsi que diverses notices méthodologiques reprises en annexe, qui porteraient notamment sur les éventuelles corrections «réalité économique».*

(s.) Laurent Mosar, François Bausch, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Charles Goerens.

Ofschlëssend, Här President, erlaabt mer eng lescht Bemierkung zu dësem Punkt. Ech si mer bewosst, datt eng Ëmstellung op SEC 95 innerhalb vun dräi Joer mat enger Rei technesche Schwierigkeete wäert verbonne sinn. Schwierigkeeten, op déi d'Kollaborateure vun deene concernéierte Ministären, Verwaltungen, Gemengen net wäerte midd ginn hinzewiesen.

Meng Fraktioun an ech sinn awer der Iwwerzeegung, datt keng vun dëse Schwierigkeeten oniwwerbréckbar ass. A mir sinn och dofir iwwerzeegt, datt esou eng Ëmstellung an där gesetzter Zäitdauer vun dräi Joer méiglech ass. Mir sinn awer och nach aus engem anere Grund vun der Richtegkeet vun esou enger Ëmstellung iwwerzeegt, nämlech datt et mëttel- a laangfristeg an der Europäescher Unioun just nach eng Budgetpresentatioun wäert ginn, nämlech déi laut Maastricht-Kritären.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen dann zu mengem zweete Punkt, nämlech der Erausforderung vun der Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie, mat där de Rapporteur sech jo och a sengem Rapport ausgiebig beschäftegt huet.

Ech wëll och elo net alles dat widderhuele wat hien eigentlech op eng äusserst komplett Manéier beschriwwen huet; ech versichen also zousätzlech zu sengen Ausféierungen nach e puer weider Iwwerleeunge mat an d'Diskussioun ze bréngen.

Am Laf vun dësem Joer sinn eng ganz Rei vu Rapporten iwwert d'Kompetitivitéit an eise Land ofgeléiert ginn. Ech wëll se elo net alleguerten an Erënnung ruffen. Insistéiere wëllt ech awer op de Kompetitivitéitsbilan, esou wéi en den 13. September vum Wirtschaftsminister a vum Observatoire de la Compétitivité presentéiert ginn ass.

All dës Etüden, Avisen a Rapporten, och wa se deelweis e kontrastéierte Bilan vun eiser Kompetitivitéit zéien, kommen awer alleguerten zu der Konklusioun, datt säit dem Joer 2000 Lëtzebuerg an der Moyenne manner kompetitiv ginn ass wéi déi meescht vun deenen aneren europäesche Länner.

Dir äntwert mer natierlech elo, datt dëse Constat eigentlech am Widdersproch ass mat der substanziieller Verbesserung vun der Konjunktur, besonnesch am éischte Semester vun lafende Joer. Mä och hei gëtt et eng Explikatioun, an dat ass déi äusserst gutt Performance vun eise Finanzsektor, déi virun allem, awer net eleng, vun deenen exzellente Performancë vun den internationalen Finanzmäert profitéiert.

Wann een awer elo e bësselche méi hannert d'Zuele krazen geet, stellt ee fest, datt mer um Niveau vun der Steiergestaltung amgaange si par rapport zu eisen Nopeschlänner u Buedem ze verléieren. De Rapporteur huet zu Recht ënnerstrach, datt eng Rei vun europäeschen Nopeschlänner méi steierlech Virdeeler bidden, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass.

Och aus den Ausféierungen vum Avis vun der Zentralbank ass ervirgaangen, datt déi relativ gutt Gesondheet vun de Steierrecetten zu engem groussen Deel dem Finanz- a Bankesektor ze verdanken ass, dass awer dëse Bankesektor a senger

eegener Progressioun enger Rei vu Banke-secteuuren aus anere Länner hannendru-leeft, wéi notament deem irlänneschen an deem hollänneschen. Mir kommen also net derlaanscht eis ze hannerfroen, ob d'steier-lecht Ëmfeld kuerz- a mëttelfristeg d'Kom-petitivitéit vum Wirtschaftsstanduert Lëtze-buerg am allgemengen a vun der Finanz-plaz am Besonnesche wäert verbesseren.

Här President, erlaabt mer dofir ze hanner-froen, ob dësen aktuelle steierlechen Enca-drement duergeet, fir den Erausfuerderung-en um Niveau vun der Kompetitivitéit vun ei-sem Wirtschaftsstanduert gewuess ze sinn.

Ech wëll fir d'éischt nach eng kéier viraus-schécken, datt et och um Niveau vun der Finanzplaz ëmmer méi schwierereg gëtt, fir sougenannten Nischen ze fannen an dës auszufüllen, ouni direkt dem Kräizfeier vun der Kritik vun der Brësseler Kommissioun ausgesat ze sinn. A mir hu jo och an de leschte Wochen e puer rezent Beispiller ge-sinn, wéi d'Holdingsgesetzgebung, d'Titri-satioun an d'SICARen.

Ech hu perséinlech, Dir Dammen an Dir Hären, d'Impressioun, datt et ëmmer méi schwéier gëtt fir esou Steiernischen ze dé-tectéieren an ze besetzen, ouni iergendwéi ëmmer erëm a Widdersproch mat der euro-päescher Législatioun ze geroden.

Mir müssen eis dofir iwwerleeën, ob et net méi sënnavoll ass op allgemeng gültig an attraktiv Steiersystemer iwwerzegoen, déi fir all Betriber a Gesellschaften gültig sinn, an dat e bëssen nom Modell vun Holland vun deene skandinavesche Länner, déi mat vill Erfolleg an de leschte Joren dëse Wee be-schrafft hunn.

Ee konkret Beispill: Wéi Dir alleguerte wësst ginn d'Plus-valuen, déi bei Cessioun vu Participatiounen, wa se an enger Holding sinn, net besteiert. Dës selwecht Plus-valué sinn awer voll besteierbar, wann et sech ëm eng traditionell kommerziell Gesellschaft handelt, ausser et handelt sech ëm eng SOPARFI.

Och Privatpersounen ginn net op de Plus-valué vun esou Participatiounen besteiert, wa se se méi laang wéi sechs Méint an hirem Portefeuille titres halen. Wäer et hei net méi einfach, et géif een décidéieren, datt ënner gewëssene Konditiounen Plus-valuen, déi bei der Cessioun vu Participatiounen reali-séiert ginn, steierfräi wäeren, egal ob et sech hei ëm physisch Persounen oder Gesell-schaften handelt?

An der Belsch ginn zum Beispill d'Plus-valué steierlech ongeféier esou behandelt wéi ech elo beschriwwen hunn. Op dësem Punkt ass dofir déi belsch Steiergesetz-gebung wesentlech méi attraktiv wéi eis.

Et gi sécherlech nach eng Rei vun anere Beispiller, déi esou eng Iwwerleeung doku-mentéiere kéinten.

Här President, ech sinn a bleiwe weiderhi vum Potenzial vun eiser Banken- a Finanz-plaz iwwerzeegt, allerdéngs ënnert der Vir-aussetzung, datt mer ëmmer erëm d'Wett-bewerbsfäegkeet hannerfroen an eis Steier-gesetzgebung permanent upassen.

Wou leien elo fir mech déi wesentlech Erausforderungen um steierlechen Niveau?

Fir d'alleréisch, an do deelen ech d'Mee-nung vum Rapporteur, komme mer net der-laanscht fir den Droit d'apport ofzeschaffen. Ech begrëssen och heizou d'Aussoe vum Budgets- a vum Finanzminister, déi esou eng Ofschafung an Aussicht gestallt hunn. Dëst ëmsou méi, well mer jo entre-temps wëssen, datt d'EU-Kommissioun e bis spéitstens 2010 an alle Memberlänner wëllt ofgeschaf gesinn.

Dësen Droit d'apport, an ech wëll et ëmmer erëm widderhuelen, ass eigentlech eng Steier, déi net wirtschaftlech sënnavoll ass an déi d'Fonctionnementskäschten, ganz be-sonnesch vu Kapitalgesellschaften, onnéid-eg verdeiert. Lëtzebuerg ass entre-temps eent vun deenen eenzege Länner, dat iwwerhaupt nach esou en Droit d'apport kennt. Mir sinn dofir och an enger steierlech äusserst ongënschter Situatioun par rap-port zu deene meeschte vun eisen No-peschlänner, ganz besonnesch hei par rap-port zu der Belsch.

Betoune wëllt ech nach eng kéier, datt mer virun e puer Wochen d'Gesetz iwwert d'So-ciétés européennes an dësem Haus ofge-seent hunn. D'Grënnung vu sougenannte Sociétés européennes ass awer zu Lëtze-buerg nëmmen interessant, wann et keen Droit d'apport méi gëtt, deen esou eng Struktur onnéideg verdeiert.

De Virschlag, datt, wann een a Richtung vun der Ofschafung vun esou engem Droit d'ap-port géif goen, een dëst kéint iwwer eng Iwwergangsperiod maachen, ass virstellbar, och wann an der Praxis net onbedéngt ein-fach ëmsetzbar. Allerdéngs wëll ech hei

nach eng kéier op déi absolut Noutwendeg-keet pochen, fir esou schnell wéi méiglech e staarkt Signal an dës Directioun un d'Acteure vun der Finanzplaz ze senden, a fir mech kann dat Signal nëmme sinn, datt spéitstens fir 2008 dësen Droit d'apport ofgeschaf gehéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en zweete Chantier schéngt mer deen ze sinn - an ech hunn et virdru schonn ugeschwat - vun der Taxatioun vu Plus-valuen, déi bei der Cessioun vu Participatiounen realiséiert ginn. Och hei ass Lëtzebuerg - ech hunn et virdru gesot - wesentlech manner attraktiv wéi d'Belsch an Holland. Ech géif et begrëssen, wann d'Regierung och Iwwer-leeungen an déi Richtung géif ustrengen.

Den drëtten Chantier ass dee vun der Ver-méigenssteuer, déi, nodeems se fir Privat-persounen ofgeschaf ass, weider fir Gesell-schafte bestoe bleift. Ech mengen och, datt mer hei mëttelfristeg net derlaanscht kom-men iwwer eng parallell Ofschafung vun der Verméigenssteuer bei Kapitalgesellschaften nozedenken. Wann een aus verständleche Grënn net direkt wëllt op de Wee goen, ginn et Zwëschemodeller iwwert d'Matberechnung an dës Steier duerch d'Afféiere vun en-ger partieller Deduktioun vum Kapital vun dëser Gesellschaft. Ech wëll haut an hei net am Detail op esou Modeller agoen, nach schéngt et mer awer wichteg ze sinn, sech och heiriwwer Gedanken ze maachen. Ech géif och heizou wëllen op deen exzel-lenten Avis vun der Chambre de Commerce hiweisen.

Schlussendlech, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer net derlaanscht iwwert den Taux vun der Kierperschaftssteuer ze disku-téieren. Och do rutsche mer ëmmer méi no hannen an der Hiiparad vun den europäe-sche Länner. An d'Gefor ass grouss, datt, wann Däitschland elo mat sengem Taux vun 38 op 30% zrëckgeet, mer als Land an dësem Klassement no hannen duerch-gereecht ginn.

Duerch d'Erofsätze vum Hiewesaz vun der Gewerbesteier 2004 um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg vun 250 op 225% ass fir déi Entreprene, déi um Territoire vun der Hauptstadt etabliert sinn, de globalen Taux vun 30,38 op 29,63% erofgaangen. Dëst ass, Dir Dammen an Dir Hären, eng psycho-logesch wichteg Limite an et wär och gutt, wa mer hei mëttelfristeg géifen a Richtung vun enger Gesamtbelaaschtung vu 25% histeieren.

Ofschléissend nach e Saz zur Ofschafung vun der Holdingslégislatioun. Mir wäerten dës Woch - wahrscheinlech schonn de Mëtten - een éischte Gesetzestext iwwert dës Ofschafung hei an dësem Haus disku-téieren. An der Zwëschenzäit huet jo och d'Regierung e Projet deponéiert iwwert d'SFPen, deen zumindest deelweis soll déi Klientell zerwéieren, déi bis elo an den Hol-dingsgesellschaften waren. Allerdéngs - an dat wëll ech hei nach eng kéier betounen - geet dëse Projet net wäit genuch a mir mus-sen eis iwwerleeën wéi mer an dësem Projet, oder an engem anerem, déi Froen, déi nach opstoe bleiwen an déi ech virdrun hei opge-léscht hunn, nach esou kënne beäntweren, datt eis Finanz- a Bankeplaz och weider at-traktiv bleift fir auslännesch Investisseuren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer bewosst, datt déi aktuell bud-getär Situatioun der Regierung net vill Spill-raum léisst wat d'Steiererlicherungen - an dorëmmer geet et jo hei - fir Entreprene ugeet. Ech begrëssen dofir och d'Aussoe souwuel vum Budgetsminister wéi vum Premier, déi d'Ofschafung vum Droit d'apport an Aussicht gestallt hunn an donieft och eng Iwwerleeung iwwer eng eventuell Ver-besserung vun der Kompetitivitéit vun ei-ser Finanzplaz par rapport zu eisen direk-ten Nopeschlänner an Aussicht gestallt hunn.

Erlaabt mer heizou ofschléissend zwou Bemierkungen: Éischtens, mir sinn eis alle-guerte bewosst, wat den Impakt vun der Finanzplaz op eis öffentlech Finanzen duerstellt a wat en Abroch, dee mer an de Joren 2001 respektiv 2002 op den internationale Finanzmäert kennt hunn, fir eis öffentlech Finanzen bedeit; de Premier huet dat jo och d'lescht Woch nach eng kéier méi wéi dait-lech hei ënnerstrach.

Dir Dammen an Dir Hären, trotz deem sub-stanzielle Wuesstem, dee jo am beschten dokumentéiert gëtt duerch d'Progressioun vun der Taxe d'abonnement, esou muss een dach feststellen, datt d'Kierperschaftssteuer - an ech hunn et virdru scho gesot - säit enger Rei vu Jore stagnéiert; an dat trotz deem considérabele Wuesstem. Dat heescht, datt ëmmer méi Entreprene aus dem Finanz- a Bankesektor och hei zu Lëtzebuerg verschidden Departementer a Servicer délocaliséieren an iwwer all méig-lech Strukturen en Deel vun hire Benefisser

hei am Land net méi versteieren.

Dëst, Dir Dammen an Dir Hären, ass e seriöse Problem, dee mer nëmmen an de Grëff kréien, wa mer ëmmer erëm d'Kompe-titivitéit vun eiser Steierlandschaft op de Leescht huelen a konstant déi noutwendeg Adaptatiounen virhuelen. Verschide vun eisen Nopeschlänner - an de Rapporteur huet et jo och scho gesot -, ganz beson-nesch d'Hollänner, mä och d'Belsch, hunn eis gewise wéi een duerch eng attraktiv ver-einfacht Steiergesetzgebung Entreprene erëm an d'Land zitt. Mir dierfen eis och hei zu Lëtzebuerg net ze schued sinn, fir ëm-mer erëm déi Produiten, déi eis Finanzplaz ubitt, ze hannerfroen a se ganz besonnesch um Niveau vun hirer Attraktivitéit mam Aus-land ze vergläichen.

Zu enger performer Finanz- a Bankeplaz gehéiert awer och hir Vermaartung, déi an de leschte Joren net esou effizient a vläicht - an ech benotzen dat Wuert hei wës-sent-lech - net aggressiv genuch war par rapport zu der auslännescher Konkurrenz. Duerch d'Schafung vun der Agence de promotion gëtt e wichtige Schrëtt an eng besser Ver-maartung gemaach.

Zweet Observatioun, Här President: Ech ginn d'Gefill net lass, datt um Niveau vun der Europäescher Kommissioun säit enger gewësser Zäit mat zwee Gewiichter ope-riert gëtt, wann et drëm geet d'Konformitéit vu verschiddenen nationale Steierlégisla-tiounen par rapport zum EU-Recht ze iwwer-préiwen. Dat bescht a rezenteste Beispill ass déi Décisioun vun der EU-Kommissioun iwwer eis Holdingslégislatioun, déi, nodeem se 60 Joer ouni Problem fonctionnéiert huet, ouni datt d'Kommissioun dat geréngstent Hoer an der Zopp fonnt huet um Niveau vun der Aide fiscale, vun engem Moment op deen aneren als net méi zoulässeg par rap-port zum EU-Recht duergestallt ginn ass.

Wann een awer elo déi lëtzebuergesch Hol-dingslégislatioun, déi mer de Mëtten hei wäerten ofschafen, mat ähnlech gelagerte Législatiounen vu verschiddene vun eise Konkurrenten um europäeschen Niveau ver-gläicht, esou gëtt een d'Gefill net lass, datt déi Législatioun sech eigentlech am We-sentlechen net vun anere Législatiounen, wéi d' hollännescher, ënnerscheet. Ech wär frou, wann d'Regierung hei net nëmme géif beim Small Talk mat der Kommissioun iwwert dës Problematik diskutéieren, mä och emol eng kéier mat der Fauscht op den Dësch géif schloen, ganz besonnesch par rapport zu der Madame Kroes, där hiren hollännesche Pass net déi gréissten Objek-tivitéit an dësem Dossier garantéiert.

(Interruption)

Duerfir wëll ech en Appel un eis Regierung maache mat enger ganz besonnescher Opmierksamkeet den Aktivismus a steier-leche Froe par rapport zu eisem Land ze suivéieren. Dëst ganz besonnesch an eng-em Moment, wou jo vill iwwer eng Harmoni-séierung vun der Assiette fiscale geschwat gëtt.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach eng kéier ënnersträichen, datt mer mëttel-fristeg net derlaanscht kommen eis Steier-gesetzgebung un d'Exigencé vun eiser Eko-nomie unzepassen, wa mer net wëllen den Schloss un déi aner europäesch Länner verpassen. D'Joer 2007 gëtt dofir och an deem Kontext dat wichtigst Joer vun dëser Legislaturperiod, well et dorëm goe wäert, fir um Niveau vun der Kompetitivitéit vun der Ekonomie déi richteg Weichen ze stellen, fir datt och weider d'Zich vun den internatio-nalen Investisseuren op der Stater Gare wäerten unhalen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP)** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, de Bud-getsprojet fir d'Joer 2007 ass keen einfa-chen. Ech weess och iwwerhaupt net, ob en an der Presentatioun richteg bei de Leit, beim Mann vun der Strooss, eriiwwerkomm ass. Déi eng mengen, et wieren nëmmen 0,9% Defizit, se wëssen awer net, dass dat sech net op de Statsbudget bezitt. Mir schwätzen heibanne vun 2,9 vun 0,9. Mat deem Chiffer, datt mer 1.000 Millionen Euro - eng Milliard Euro - méi ausginn d'nächst Joer wéi mer der erakréien, kann ee wahr-scheinlech nach am meeschten ufänken. An och dat ass nach net esou sécher.

Wa mer der Steierverwaltung an deene ver-schiddenen Administratiounen, déi bei de Schätzungen ee Wuert matzeschwätzen hunn an déi d'Finanzkommissioun d'Éier hat ze gesinn, Glawe kënne schenken, da sinn d'Recetté prudent ageschat. Mir hoffen och,

datt d'Recetté prudent ageschat sinn, an datt vläicht méi erakënn wéi geplangt ass. Fir 2006 ass dat jo Gott sei Dank emol de Fall gewiescht.

Ech soen dat hei, well et ass net evident, fir den Ist-Zoustand wierklech ze ervaassen. Wéi sinn - an dat ass emol eng eescht Fro, déi ech un de Budgets- an Tresorsminister wollt stellen - déi allerleschten Estimatiounen vun de Recetten? Ech mengen et wier gutt, wa mer dat wësst, fir datt mer och ge-stäipt op déi Zuele méi kloer an d'nächst Joer eragesinn. Well eng vun den Ursaa-chen, fir de Budget méi spët ze déposéie-ren, war jo déi, datt een opgrond vun deen-ner allerzentesten Erfahrungs méi wäit konnt an dat Joer drop erakucken. Eng Pro-zedur, déi mer elo fir d'Zweet duerchzéien an déi esou gesinn och Sënn mécht.

Do ass awer nach munches ze verbes-deren. Et brauch een nëmme just de Rap-port vun der Banque Centrale vu Lëtze-buerg ze beméien, fir dat feststellen, deen och bemängelt, datt Lëtzebuerg eent vun de ganz wéinege Länner ass an deem eng Exécution trimestrielle budgétaire net systematesch ka publizéiert ginn, esou wéi dat an anere Länner de Fall ass. Ech wier frou, wann de Minister sech duerno géif dozou äusseren.

Meng Interventioun haut beschränkt sech am Fong op zwee Voleten. Deen ee Volet huet Bezuch op de Budget 2007. Do huelen ech haaptsächlech déi grouss Recetten- an Dépensébléck e bëssen ënnert d'Lupp. An deen zweete Volet huet Bezuch op déi Period, déi no 2009 kënnt. No 2009, well déi aktuell Diskussioun, déi mer féieren, be-faasst sech jo mat engem Budget, deen den éischten ass vun enger Ausféierungs-period, déi dëst Joer ugeet an 2009 ophält, an déi gestäipt ass op d'Beschlëss vum Tripartitesaccord vum leschte Summer. Well no 2009 hält d'Welt net op. An no 2009 lafen déi Accorden aus, an dann hu mer keen Ersatz dofir.

2007, hunn ech gesot, wier keen einfache Budget. Mir maachen eis Suergen iwwert déi grouss Dépensen- an och Recettébléck. Ech wëll der nëmme just zwee eraushuelen, ee vun all Kategorie. Bei de Recetten hu mer eis méi genee och schonn an öffent-leche Stellungnahmen als demokratesch Fraktioun mat der Fiabilitéit vun eenzelne Bléck befaasst. Bei de Banken ass et esou, datt et natierlech ganz vill dovun ofhänkt wéi een déi Risike streeën kann.

An ech si mam Rapporteur eens, deem ech iwwregens och wollt Merci soe fir seng Aar-becht - ech war selwer eng kéier Budgets-rapporteur, ech weess, wat dat bedeit. Ech war deemools an engem schwierigen Exer-cice Rapporteur. Dat war 1982 - ce qui ne nous rajeunit pas. Den Här Thiel huet deen deemools als Journalist kommentéiert, an haut ass hie Rapporteur vun engem Bud-get, deen och net ganz einfach ass. Mir er-kennen deen Effort un, och wa mer net mat alle Konkusiounen d'accord sinn. Mä do, wou e Recht huet, huet e Recht, datt een net kann d'Risikooffederung an der Lëtze-buerger Ekonomie maachen, andeems datt een elo aus der Servicegesellschaft erëm ganz op eng Industrie-gesellschaft zrëck-geet. Dat ass net realistesch an ech meng-en do hu mer eng gemeinsam Vue.

Dat wat awer doudsécher noutwendeg ass, dat ass, datt duerch den innovative Charak-ter, duerch déi Démarchen, een natierlech muss de Risiko kënne streeën an och de Courage hunn, fir an de Steierfroen onpopu-lär Moosnamen ze diskutéieren. D'Fro ass net déi: Gi mer mat de Steieren erop oder gi mer mat de Steieren erof? D'Fro ass déi: Wéi kënne mer kuerz-, mëttel- a laangfristeg méi Recetten erakréien? Wann ee mat deem Prinzip d'accord ass, da muss een och akzeptéieren, datt een do mat där néideger Suergfalt un d'Analys vun der Opportunitéit vun den Op- an Ofbewegungen erugeet.

Eng Recette awer, déi apparemment extrem sécher schéngt - déi ass dat awer eiser Meinung no guer net -, dat eis déi vun den Accisen, déi enorm vill Geld an d'Stats-keess eraspullt. Se schéngt sécher, well se praktesch all Joer weider bréngt, mä si ass awer an deem Sënn net ofgesécher, well mer et awer do mat e puer Onsécherheets-faktoren ze dinn hunn.

Deen éischten ass e politeschen. Mir hu jo bis elo net vill gemaach, fir datt deen Différentiel, deen et mat sech bréngt, datt nach vill hei zu Lëtzebuerg un Accisen erakënnt, soll esou si wéi en haut ass. Au contraire, mir hunn en éischter reduzéiert wéi augmentéiert. Déi zoustänneg Verwaltung seet eis, datt déi dote Recette éischter prudent ageschat wier.

Et gëtt awer och nach en zweete Risiko, e politesche Risiko. Wann ech eise Budget kucken, mir hunn 2,9% Defizit am Zentralstat. 2,9%, dat ass vill. Dat ass méi wéi deen, deen eis Noperen hunn; allen dräi. An den Différentiel, dee mer an den Accisé praktikéieren, ass jo een, fir eis attraktiv ze loosse vis-à-vis vun eisen Noperen. Theoretisch gesinn hätten eis Noperen also éischter Margen, fir den Différentiel zu hire Gonschten ze reduzéieren, wéi datt mir der nach hätten, fir en zu eise Gonschten ze reduzéieren.

Och do musse mer eis guidéiere loosse vun der Fro: Wéi kënnen mer et maachen, soulaang wéi mer keen Ersatz hunn, fir datt déi doten Einnahm nach eng Zäit laang sprudelt? An duerfir hunn ech dat schrecklecht Wuert gebraucht an enger öffentlecher Stellungnahm vum virtuellen Ausstieg aus där doter Steuer, aus dem Lëtzeburger sougenannten Tanktourismus.

E virtuellen Ausstieg ass natierlech keen Ausstieg. Wat ass et dann? Mä et mécht ee grad, wéi wann et eng Kéier eriwuer wier, mä et hält een all Suen eran, déi ee kritt, ënnert dem Motto: Ce qui est pris est pris. An et wier gutt, wa mer awer géifen iergendwann ufänken deen dote Risiko ze provisionnéieren. Wann et esou ass, datt déi Einnahm do prudent ageschat ass, da kann ee jo och net vu vira Mehreinnahmen op deem Posté fir d'nächst Joer erschléissen. Mir géife konkret virschloen, datt de Stat déi Mehreinnahme par rapport zu den estiméierte Recetté vun 2007 net einfach an d'Fong verséiert, mä mer géife proposéieren, datt e Spezialkrisefong agesat gëtt, fir deen dote Risiko ze provisionnéieren.

An enger éischter Phas soll een dat dramaachen, wat een iwwert déi geplangte Recetten erakritt. An enger zweeter soll ee mat kleng Prozentsätz ufänken ëmmer méi e groussen Undeel vun där doter Recette an esou e Fong ze setzen, deen een dann eréischt kéint unzäpen, wann de SuperGAU sech op där doter Front géif bemierkbar maachen. Dat ass ee Beispill wéi mer wëllen un d'Ofsicherung vun den Einnahmen erugeen.

Wat d'Dépenses ubelaangt, wëll ech och nëmme just een Dépenseblock eraushuelen. Et ass net dee gréissten, mä et ass och net dee klengsten. Et ass deen, dee mat der Klimaschutzproblematik ze dinn huet. Nun ass et méi einfach hei am Land e Pudding un d'Wand ze mole wéi dräi zesummenhängend Sätz iwwert de Klimaschutz ze soen, ouni datt een aus sechs verschiddene Kanäl beschoss gëtt. Ech wëll et nawell maachen, an ech mengen, datt een an e responsabelen Discours all déi Nuancë muss erafléisse loosse, déi an e responsabelen Discours gehéieren.

Fakt ass, datt mer eng moralesch Verpflichtung agaange sinn, andeems datt mer de Protokoll ratifizéiert hunn. Fakt ass och, datt mer an enger internationaler Démarche dra sinn. Fakt ass och, datt eng Partie Länner de Luusspätter spillen, wéi d'Vereenegte Staaten a Kanada, déi och ufänke sech lues aus hire Verantwortungen erauszeeien. Fakt ass och, datt et eng europäesch Démarche gëtt, déi sech orientéiert un den Engagementer, déi 1998 zu Bréissel fixéiert goufen opgrond vum 97er arrétéierte Kyoto-Protokoll. A Fakt ass och, datt et zu engem „burden sharing“ innerhalb vun der Europäescher Unioin komm ass, deen eis mat 72% Belaaschtunge par rapport zum Niveau 1990 forcéiert auszekommen.

Fakt ass och, datt d'Lëtzeburger Economie an enger atypescher Situatioun ass. Duerfir besti mer och nach wie vor op eisem Standpunkt, dee mer zum Allocatiounsplang ageholl hunn. D'Kommissioun huet Onrecht, wa se déi atypesch Situatioun vu Lëtzebuerg iwwersäit. Et kann een net 2005 als Ausgangsbasis huelen, wat en atypescht Joer war, an deem och eng Partie Betriber, déi ënnert déi 15 falen, déi mat deem Allocatiounsplang befaasst sinn, nëmmen zu

engem gewëssene Prozentsaz vun hire Capacitéite geschafft hunn, also och nëmmen e gewëssene Prozentsaz vun deenen Emissiounsrechter beansprucht hunn, déi se haten.

Dat wat dozou nach ze soen ass, dat ass, datt et net ongeféierlech ass, fir deen Allocatiounsplang ze vill opzeblosen. Ech fannen et bedenklech, datt mer 500.000 Tonnen an deem Allocatiounsplang stoen hunn, fir en net TGV-Wierk ze bauen. Ech wëll nach eng Kéier hei soen, datt dat TGV-Wierk, wat zu Esch-Belval steet,...

(Interruption)

... opgrond vun eiser Kommodo-Inkommodo-Prozedur, an opgrond vun enger strenger Kommodo-Inkommodo-Prozedur, net kann an net konnt ofgelehnt ginn. Och do ass de Fait deen, datt mer et mat engem vun deene modernste Wierker aus Europa ze dinn hunn.

Fakt ass och, datt aus der Siicht vum Klimaschutz dat do eng Anlag ass, déi absolut Sënn mécht. Just kréie mir déi Efforten, déi do gemaach ginn, op eise Kont bilanzéiert mat iwwer enger Millioun Tonnen oder mat iwwer 10% Emissiounsrechter, déi mer dréngend bräichten, fir aner Secteuren ofzedecken. Dat huet och eng direkt Incidence op de Budget.

Wirtschaftlech bréngt d'TGV-Wierk Twinerg eppes an. Haushaltspolitesch gëtt dat do awer fir Lëtzebuerg trotzdeem mëttel- a laangfristeg eng enorm Belaaschtung. Dat do wier exzellent, wann et hannerst eise Grenze stéing. Duerfir, mengen ech, wier et och net gutt, datt mer an deem Allocatiounsplang nach eng Kéier 500.000 Tonne stoen hunn, fir en net TGV-Wierk ze maachen. Dat géif eis am Fong erëm eng Kéier an eng Situatioun bréngen, wou mer ähnlech Experienze géinge maache wéi mat deem éischten.

Wat kënnen mer do maachen? Les choses étant telles qu'elles sont, musse mer och kucken, datt mer do déi Risiken offiederer an an engem Mix vu Réckgrëff op Mécanismes de développement flexibles dat do ofdecken. Dozou gehéiert och net nëmmen, datt een an d'Ausland dat kafe geet, wat ee brauch, fir hei am Land ze kompenséieren, mä ech wëll och nach eng Kéier an deem Zesummenhang eis Prioritéite rappeléieren.

Éischstens, all Effort, dee mer hei maache kënnen, muss gemaach ginn. D'Industrie huet der enorm vill gemaach. Déi huet praktesch hir Marge ganz uséiert, déi se zur Verfügung gestallt kruten.

Zweetens, an anere Secteuren ass nach e groussen Nachholbedarf. Dat ass eng laborieuse Geschicht. Dat dauert enorm laang a wäert och ganz vill kaschten. Kuerzfristeg komme mer net ouni „joint implementation“ aus. Dat heescht, datt mer am noen oder am fernen Ausland, jiddefalls a sougenannten Annex-I-Statene, en Transfert von Technologie musse maachen, déi et eis dann erlaben opgrond vun deem Investissement, dee mer do maachen, e Crédit d'émission op Lëtzebuerg ze kréien, deen eis dann hëllef déi iwwerschësseg Emissionen ze kompenséieren.

Duerfir, mengen ech, misst een do och - a mir kréien nach zweemol d'Geleeënheet elo am Laf vun där annerhallwer Woch, déi bleift - driwwer schwätzen, engersäits mar bei der Energiedebatt an och nach d'nächst Woch eng Kéier bei der Tripartitesgesetzgebung, wann déi hei Objet vun den Diskussiounen ass. Et wier also gutt, wa mer eis och do géifen dee Mix ginn, deen et eis erlaabt dat do op deem effizienteste méigleche Wee hinzekréien.

Elo wëll ech awer op en zweete Volet vu menger Interventioun kommen. Deen huet Bezuch op dat, wat no 2009 geschitt. Eis mécht et Suergen, datt mer 2009 am Fong riskéieren eng Année perdue ze kréien. 2009 ass e Wahljoer. Vum Mee bis den Oktober leeft net schrecklech vill, well dann ass entweder d'Regierung um Auslafen oder, wann een no der Vakanz kuckt, dann ass se an der Bildung, esou datt et am Fong dräi Méint sinn, déi net ze vergläiche si mat engem normale Joer. No 2009 muss awer nach virun Haushaltspolitik gemaach ginn. Wann näischt geschitt, da riskéieren d'Defiziter erëm ze galoppéieren.

Duerfir, mengen ech, wier et och gutt, wa mer eis haut am Kader vun dëser Debatt géife mat der Method ofginn. Dat gëtt net einfach. An ech wëll och soen, datt, als ee vun enger Partei, déi, mat dem John Castegnaro - loosse mer et carrément soen -, de Lëtzeburger Modell an de 70er Joren aus der Daf gehuewen huet: Ouni de Lëtzeburger Modell geet et net! Mir wëssen awer och, datt dee Lëtzeburger Modell méi oder weëneger staark ënner Beschoss geroden ass; wat kee Grond ass an eisen Aen,

fir dee Modell wéi d'Kand mam Bued auszuschëdden.

Mä, ech mengen, dee Modell muss een an enger anerer Method opgoe loosse. Mir wollten e puer Virschléi maachen, déi och a Motioune kleeeden, an d'Chamber opfuere sech och domadder ze befaassen. Mir menge mat Arithmetik eleng kritt een d'Zuelen no 2009 net an d'Rei. D'Arithmetik ass wichteg, mä si kann nëmmen en Deel sinn, an zwar dee kontabelméissegen Deel vun de Budgetsajustementer, déi musse gemaach ginn.

Dat, wat jo bemängelt gëtt bei der Method, déi och zu dësem Budget gefouert huet, ass, datt een Deel vun der Société civile net vertrueden ass. D'Regierung, d'Patronat, d'Gewerkschaften sinn do, an déi, déi net do sinn, déi kritiséieren dat natierlech. D'Chamber mellst sech och ëmmer zu Wuert. Ech gehéieren net zu deenen, déi dat am stäerkste stigmatiséiert hunn, mä d'Chamber beklot ëmmer, datt se eréischt zum Schluss vun der Operatioun gefort gëtt, wann een emol ofgesäit vun deene Kollegen, déi es Syndicaliste selwer an der Tripartite derbäi sinn. Déi aner kréien dovun nëmme just mat, wa se eppes aus der Schoul gezielt kréien. Si ginn offiziell eréischt domat befaasst, wann déi doten Operatiounen ofgelaf sinn.

Elo ass et schwéier fir et anescht ze maachen, awer net onméiglech. Dat, wat misst anescht gemaach ginn, dat wier eng Procédure en plusieurs temps. Premier temps: Mir hu viru kuerzem vum Minister gefuerdert, datt d'Regierung de Membere vun neien Nohaltegkeetsrot hir Nominatioun gëtt, deen elo presidéiert gëtt vum Raymond Weber. Do si Leit dra wéi Tom Conzemius, Emile Eischer, Viviane Goergen, André Hoffmann, Erny Lamborelle, Mike Matthias, Pol Reckinger, Jean-Claude Reding, Gaston Reinesch, Jean Stoll, Blanche Weber, Joëlle Welfring, René Winkin, Laura Zuccoli. Ech mengen, et ass eng exzellent Besetzung. De Gros vun der Société civile ass hei vertrueden an ech mengen et kënnst een deem d'Aufgab uvertrauen, fir sech emol an enger éischter Phas Gedanken ze maachen iwwert dat, wat no 2009 komme soll.

De Minister Frieden weess dat. Ech war an der Regierung virdru mam Eugène Berger zoustänneg fir den Departement vum Environnement, a mir hunn deen Nohaltegkeetsrot do per Gesetz an d'Liewe gesat. Elo sinn d'Nominatiounen do an et soll een deem Nohaltegkeetsrot och eng Aufgab ginn, an zwar déi: Si sollen éischstens d'Critères de développement durable, déi mer an der Regierung virdru fixéiert hunn an déi och oft d'Resultat si vu politesche Kompromësser, emol eng Kéier en toute indépendance analyséieren an da soen, wat an hiren Ae missten d'Kritäre sinn, no deenen den Développement durable hei am Land gemooss gëtt.

Wa se dat gemaach hunn, mengen ech, kënn et eng zweet Aufgab ginn, nämlech déi, fir ze soe wéi dann aus hirer Siicht den Développement social, économique an environnemental no de Joren 2009 ausgesi kënn. Opgrond vun deene Kritäre kënnen se also och d'Situatioun vun deenen Departementen kucken an analyséieren, déi Objet si vun eise presenten Diskussiounen. Wa mer deen Avis hätten, an dee misst een am Joer 2008 kréien, da kënn een eng éischt Debatt an der Chamber hunn, wou dann Orientatiounen géifen definéiert ginn, Invitatiounen un d'Regierung a Form vu Motiounen. Wann d'Regierung dann opgefuerdert wier dat do mat an d'Tripartite ze huelen, da kënn déiselwech sech zesummefannen an da kéimen erëm déi classesch Playere an d'Spill: d'Gewerkschaften, d'Patronat an d'Regierung selwer.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

Deen doten Exercice misst am éischten Trimester oder am éischte Semester 2009 ofgeschloss sinn, da géif 2009 eng Année utile ginn an net eng Année perdue. Well ech mengen net, datt dëst Land sech de Luxus leeschte kann déi ganz ekonomesch a sozial Situatioun ouni iergendee Gardefou an der nächster Wahlcampagne zerrieden ze loosse.

Well wa mer eis déi do Précautionne ginn a mir hu ganz zolidd Indicateuren, déi audessus de tout soupçon sinn, wann déi ouni iergendee politeschen Hannergedanken definéiert goufen en période non suspecte, dann hu mer eng aner Ausgangsposition, fir déi Diskussiounen ze féieren, wéi wa mer dat doten net hunn.

Et kënn also ganz viles op d'Method un. An et ass fir déi Method, wou mer plädéieren. Mir hunn och an där Hisicht eng Motioun an eng Resolutioun hei verfaasst. Déi Motioun invitéiert, an ech ginn lech de Wording vum Dispositif erëm: «invite le Gouvernement à demander au Conseil supérieur pour le développement durable d'élaborer un avis

sur les agrégats des finances publiques pour la période postérieure à 2009 dans l'optique des critères du développement durable».

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *considérant que la loi du 25 juin 2004 relative à la coordination de la politique nationale de développement durable définit le développement durable comme étant «axé sur la satisfaction des besoins des générations présentes, sans compromettre la possibilité pour les générations futures de satisfaire leurs propres besoins, et basé sur trois piliers d'égale valeur, à savoir le développement économique, le développement social et la protection de l'environnement»;*

- *relevant l'interdépendance des trois axes du développement durable à savoir du développement économique, du développement social et de la protection de l'environnement;*

- *soulignant que de ce fait des finances publiques saines jouent un rôle indispensable dans la conciliation des objectifs poursuivis par le développement durable;*

- *considérant que les accords tripartite sur la situation économique, financière et sociale du pays ne couvrent que la période de 2007 à 2009;*

invite le Gouvernement

- *à demander au Conseil supérieur pour le Développement durable d'élaborer un avis sur les agrégats des finances publiques pour la période postérieure à 2009 dans l'optique des critères du développement durable;*

- *à transmettre cet avis à la Chambre des Députés avant la fin de l'année 2008.*

(s.) Charles Goerens, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Laurent Mosar.

An der Resolutioun froe mer natierlech d'Chamber, datt si selwer décidéiert: «de discuter l'avis du Conseil supérieur pour le Développement durable sur les finances publiques dans le cadre d'un débat d'orientation», an zweetens «d'inviter le Gouvernement à saisir le Comité de Coordination Tripartite des conclusions dudit débat d'orientation au début de l'année 2009 afin d'être en mesure de présenter des conclusions avant la fin de la présente législature».

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la loi du 25 juin 2004 relative à la coordination de la politique nationale du développement durable;*

- *réitérant son adhésion au principe du développement durable conciliant le développement économique, le développement social et le développement de l'environnement;*

- *notant que les objectifs poursuivis par le développement durable ne peuvent qu'être atteints si les acteurs politiques, économiques et ceux de la société civile se retrouvent dans une démarche cohérente en vue d'ouvrir la voie à des réformes susceptibles d'assurer la prospérité de notre pays;*

- *persuadée qu'à moyen terme l'équilibre budgétaire et la pérennité de nos systèmes sociaux doivent être rétablis respectivement garantis;*

- *considérant que la compétitivité de notre économie doit être améliorée;*

décide

- *de discuter l'avis du Conseil supérieur pour le Développement durable sur les finances publiques dans le cadre d'un débat d'orientation;*

- *d'inviter le Gouvernement à saisir le Comité de Coordination Tripartite des conclusions dudit débat d'orientation au début de l'année 2009 afin d'être en mesure de présenter des conclusions avant la fin de la présente législature.*

(s.) Charles Goerens, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Laurent Mosar.

Mir mengen, datt déi Démarche eis kënn virunhëllefen, an et ass esou wéi mer am Fong eng konstruktiv kritesch Approche vun enger Oppositionspartei zu der Budgetpolitik vun der Regierung gesinn. Mir hunn, wat elo d'SEC-95-Method ubelaangt, eis Ennerschrëft ënnert déi Motioun gesat, déi den Här Mosar eis als President vun der Finanzkommissioun ënnerbreet huet. Mir mengen, et ass wichteg, datt een do an eng kohärent Presentatioun kënnst vun de Chiffreren. Et ass wichteg, mä et ass net alles.

Ech mengen och, datt mer an deemselwechte Geescht sollen un déi Motioun erugeen, déi ech der Chamber elo grad ënnerbreet hunn an déi ech dem President dann och elo direkt wäert iwwerreechen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, och ech wëilt als alleréischst dem Rapporteur félicitéiere fir déi ëmfaassend analytesch Aarbecht a sengem schrëftleche Rapport, awer och fir säin erfrëschenden, kloren a riedegewandte mëndleche Rapport. Si droen alle béid déi daitlech Trace vum Finanzmënsch a vum Journalist.

Bei mengen Ausféierungen zum Budget wäert ech haut dräi Themen erausgräifen, déi a mengen Aen d'zentral Erausfuerrunge fir d'zukünfteg Entwécklung vun eise Land duerstellen: d'Gemegefinanzen, d'Gesondheets- an d'Pensiounswiesen an d'Universitéit.

1. d'Gemegefinanzen

Och hei gëllt wéi fir all aner Dealberäicher, déi een op hir Recetten an Dépensen hei belichte wëllt, d'Remarque, dass déi Iwwergangsphas, an där mer sinn an nach dräi Joer wäerten drableiwen, dat ënnerschiddlecht Zuelematerial, dat mer ze analyséieren hunn, jee nodeem, ob mer eis am klasse-sche Statsbudget oder no de Maastricht-Kritäre bewegen, d'Saach net méi einfach mécht.

Ech wëilt direkt elo schonn drop verweisen, dass den Här Negri méi am Detail op d'Fuerderungen no méi Budgetstransparenz a sengem Rapport wäert agoen.

Bei de Gemegefinanze kënn nach de Problem dobäi, dass wesentlecht Zuelematerial entweder guer net an enger kompriméierter Form virläit oder net ëmmer iwwereneestëmmt, jee nodeem, ob et vum Ministère, vum Statec oder vun der Cour des Comptes ausgewäert gëtt. Vlächit war dat jo och ee vun de Grënn, firwat de Rapporteur sech eigentlech net iwwerméisseg mat deem Sujet befaasst huet, och wann hie sech der Bedeutung vun dësem Secteur duerchaus bewusst ass.

Obwuel d'Lëtzebuerger Gemege mëttlerweil méi wéi 38% vun der öffentlecher Gesamtverschuldung ausmaachen, 2003 waren et der souguer 43%, mengt de Rapporteur op Sait 64 vu sengem Rapport, dass eleng déi erfreetlech Tatsaach, dass fir de Budget 2007 53 Milliounen Recetté méi fir d'Gemengen iwwert den Dotationsfong virgesi sinn, zur Feststellung féiert, an ech zitieren hien: «Globalement, les recettes communales connaîtront donc une situation assez confortable au cours du prochain exercice budgétaire (...) et (...) leurs recettes croissantes devraient leur permettre de présenter des budgets largement équilibrés.»

Schéi wier et! Dobäi passt dann och d'Ausso vum Statsminister, deen angesichts der Tatsaach vun där vermeintlech generéiser Budgetpolitik zugonschte vun de Gemengen en Opruff mécht, dach endlech mat deene landeswäit a regiounsiwwergräifenden Taxenerhéijungen opzehalen.

Här President, esou Zorte vun Aussoe féiere bei mir dozou, dass ech gemëschte Gefiller hunn, wann et drëm geet d'Gemegepolitik an der Zukunft ganz aus der Parla-mentsaarbecht erauszehalen, well dann huet jo kee méi d'Méiglechkeet, fir hei ze soen, dass d'Wierklechkeet dach ganz anescht ersäit.

Jo, et ass richtig, dass och d'Gemengen eng professionell Finanzgestioun brauche mat enger analytescher Kontabilitéit, fir en connaissance de cause ze agéieren a fir e permanenten Iwwerbléck ze hunn iwwer hir Dépensen a Recetten. Mä mengt net, dat wier de Gemengen net bewusst. Ech wëilt gären eng Kéier wësse wéi vill Sue scho vun Ernst & Young an anere private Beroderfirmen verdéngt goufen, obwuel dës Hëllefstellung och ganz gutt vu staatlecher Säit, wou exzellenten Know-how an deenen eenzelne Ministère besteet, méiglech wier.

Mä wann de Stat op d'mannst dräi Joer brauch, fir en eenheetlecht Dokument no Maastrichter Kritären ze presentéieren, da soll een och fir d'Gemege weder d'Komplexitéit dovunner ënnerschätzen nach den zousätzlechen aarbechtstechneschen a personellen Opwand, deen domadder verbonnen ass.

Jo, et ass richtig, dass de Fonds communal de Dotation financière an den Impôt commercial 2007 Plus-valuë vu 60 Milliounen par rapport zu 2006 fir d'Gemege bedeuten. An deem Zesammenhang dierfe mer awer net vergiessen, dass d'Gemengen am Budgetsjoer 2005 obligéiert ware 46 Mil-

liounen Euro Mindereinnahmen an hir Recetten am Rectifié anzuschreiwen. Fir de Fonds communal de Dotation financière ware 513 Milliounen am Budget voté 2005 virgesinn a 467 Milliounen Euro stinn am Compte provisoire; wat dat éischter bescheident Uwuesse vun de Gemege-recetté fir 2006 an 2007 vu Säite vum Stat enorm relativéiert.

De Syvicol huet net fir näischt déi ganz Jore rappeléiert, dass net nëmme d'Ofschafe vun der Gewerbekapitalsteuer ni richtig kompenséiert ginn ass, mä Fakt ass och, dass mat Ausnahm vun deenen zwee exceptionnellé Joren 2002 an 2003, wou d'Steieren aus de Boomjoren '99 an 2000 erakoumen, d'Gewerbesteier zënter Jore bei ronn 460 Milliounen Euro stagnéiert. D'Progressioun vum FCDF, déi nëmme marginal méi héich ass wéi de Wuesstem vun de Statsrecetten, gläicht dee Manque à gagner fir d'Gemengen net aus.

Ech verweisen op de Kolleeg Jempy Klein, deen och Syvicol-President ass an dee sech wäert mam Thema vun de Gemegefinanze weider ausenanesetzen am Allgemengen, awer och mam Impôt foncier am ganz Besonneschen.

Jo, et ass och richtig, dass vill Gemengen duerch d'ganz Land Taxen erhéijen. Mä mengt Dir, dat géif de Gemege Spaass maachen? All Gemege wiere frou, wa generéis Reservefongen hinnen d'Méiglechkeet géife ginn, fir hirer Awunnerschaft Cadeauen ze maachen. Leider hunn déi meescht Gemengen, bis op e puer Ausnahmen, iwwerhaupt keng oder nëmme minimal Reservefongen.

Dat erkläert och firwat de Stat trotzdem zënter 2002 méi Suen ausgëtt wéi en der erakritt, keng iwwerméisseg öffentlech Verschuldung kennt, well de Stat contrairement zu de Gemege beachtlech Reserven huet.

Déi meescht Gemege kënnen sech et duerfir guer net erlaben, net nom Käschtendeckungsprinzip hir Taxen unzepassen, esou wéi et am Iwwerzeu vum allen europäeschen an nationalen Instanzen, déi sech un d'Gemege richten, verlaangt gëtt.

Fazit: Wann d'Dette publique vum Secteur local sech innerhalb vun nëmme zéng Joer vu ronn 370 Milliounen Euro am Joer 1995 op 684 Milliounen Euro am Joer 2005 bal verduebelt huet, an am Moment nach keng verlässlech Chiffere fir 2006 an 2007 virleien, da muss een déi Situatioun am A behalen. An da sinn déi strukturell Reformen, ënner anere dem vum Landesplanungsministère a vun der Spezialkommissioun fir d'Reforme territoriale an d'Neiverdeelung vun den Aufgaben a Finanzéierungsmechanisme tëschent Stat a Gemengen, onerlässlech.

2. d'Gesondheets- an d'Pensiounswiesen

Fir d'éischt zu den Aussoe vum Rapporteur iwwert d'Sécurité sociale am Allgemengen an d'Zukunft vun eise Pensiounen am Besonneschen. Hei huet de Rapporteur e perséinleche Choix gemaach, deen een a mengen Ae respektéiere kann, awer ergänzen dierf.

Alleréischst Remarque: Strukturell Verbesserungen a Reforme sinn noutwendeg, och am Sozialwesen. Dat seet d'Sécurité sociale, dat seet d'EU-Kommissioun, dat seet d'OCDE, dat seet de Gesondheitsminister. D'Aschätzung vun der Situatioun a 50 Joer ass haut schwierig. Sécher ass, dass mir eise Pensiounssystem, an dat ass scho vu ville Virriedner gesot ginn, en vue vun der demographescher Entwécklung, mëttel- a laangfristeg ofséchere mussen. Rhythmuskontroll, Reservefonge kontinuierlech opstocken, vlächit eng Kéier de System adaptéieren. Op kee Fall awer dierf een „worst case“-Zeenarien - woubäi ech dem Rapporteur awer net ënnerstellen, dass hien dat mécht - dozou mëssbrauchen, fir radikal Ännerungen zum aktuelle Pensiounssystem ze maachen, deen am internationale Verglach seng Preuvë gemaach huet an ëm deen eis all déi aner Länner beneiden.

Tatsaach ass, dass d'Reserve vun eise Pensiounskeesen all Joer weider staark uwuesen: 504 Milliounen 2005, 612 Milliounen 2006, 675 Milliounen 2007. Vun de 24% Cotisations, déi zu jee engem Drëttel vum Salarié, vum Patron a vum Stat an d'Keess abezueelt ginn, ginn nëmme ronn 21% gebraucht, fir déi aktuell Pensiounslaaschten ze bezuelen. Déi aner 3% ginn de facto kapitaliséiert, dat heescht déi, déi haut méi Cotisations an d'Pensiounskeess erabzuele wéi de System eigentlech bräicht, fir am Équilibre ze sinn, leeën och haut scho Reserven u fir hiren eegenen Alter.

Dat ass näischt anescht wéi Kapitaliséierung, just dass se net privat an individuell nëmme vun deene gemaach gëtt, déi sech et leeschte kënnen, mä iwwert de

gesetzleche Pensiounsregime, also kollektiv a solidaresch.

Dat soll awer net driwwer ewechtäuschen, dass et an Zukunft ëmmer méi schwéier wäert sinn deen héijen Niveau u Fiskaliséierung, dee mer an eiser Sécurité sociale hunn, och oprechtzeerhalen. Haut iwwerweist de Stat ronn 1,8 Milliarden an d'Sozialkeesen. Dat entsprécht ongeféier 22% vu senge Gesamtdépensen. Dat ass ganz vill.

Ech sinn iwwerens och der Meenung, dass een den aktuelle Pensiounsregime emol fir d'éischt systemkonform soll weiderentwéckelen an aner Pisten exploréieren, ier een un e ganz anere System denkt.

An der Sitzung vun der Finanzkommissioun vum 17. November huet de Minister vun der Sécurité sociale ënner anere betount, dass d'Reserve vun de Pensiounskeese vun 2007 u besser placéiert ginn, dass den entsprecheenden OPC schonn operationell ass an dass déi éischt Appels d'offres elo ugelaft sinn. Do besteet also nach en enorme Potenzial, deen nach net ganz épuiéiert ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - E puer Remarques zum Spidolswesen. Et fällt am Statsbudget 2007 op, dass d'Dépensé vum Fonds des Investissements hospitaliers vun 2006 op 2007 erfoginn. D'Tendenz war schonn 2006 ze erkennen, wou d'Dépensé vun 120,9 op 107,2 zrëckgaange waren. 2007 sinn et just nach 60,8 Milliounen Euro. A wann een dëse Fong am Pluriannuel kuckt, da sollen d'Dépensé bis 2010 op 44 Milliounen reduzéiert ginn.

Eleng wann een déi aktuell Beméiungen am Süde kuckt, fir geméiss de Richtlinien a Recommendationen vum nationale Spidolsplang mat Hëllef vu Fusiounen eng optimal Gesondheetsversuergung fir déi gréisste Region vum Land ze garantéieren, an eng éischt gemeinsam Struktur net nëmme méi Kompetenze schafft an en enorme Qualitätssprung bedeit, mä dobäi och nach Käschte spuert, da wier et schued an net akzeptabel, wann déi gutt Partnerschaft, déi tëschent deenen eenzelnen Haiser an der Regierung besteet, doru géng scheitern, dass net méi genuch Suen do wieren.

Duerfir muss mer alleguer zesummen dofir suergen an eis mat Nodrock dofir setzen, dass grad dee Fong weider zolidd gespeist gëtt, fir dës Projeten, fir déi et nach kee Finanzéierungsgesetz gëtt an déi awer onerlässlech sinn, ofzesécheren.

Ähnlech Iwwerleeunge gëlle fir den Norde vum Land. Ouni eng Region géint déi aner wëllen ausespille muss et dach awer allgemeng akzeptéiert sinn, dass, nodeem an de Joren 2004 bis 2006 ronn 235 Milliounen a Spidolséquipement an der Zentrumsregion géigeniwwer knapps 30 Milliounen am Süden a 55 Milliounen am Norde vum Land investéiert goufen, elo schwéierpunkt-méisseg an d'Gesondheetsversuergung an deenen anere Regione vum Land muss investéiert ginn - ëmsou méi garantéiert ass, dass dëst iwwert den obligatoresche Wee vu Partnerschaften a Synergie geschitt, an net a Konkurrenz an a Rivalitéit.

3. d'Universitéit

Och wann ech dank senge kloren Ausféierungen elo endlech verstanen hunn, wat de Rapporteur ënner Wald- und Wiesenuniversitéit versteet, an dass dat net säi Modell fir d'Land ass, huet et mech dach awer e bësse gewonnert wéi wéineg hie sech eigentlech awer mam Thema Universitéit auserneegesat huet; zumools et ausser Zweifel ass, dass och hie grad deem Secteur zesumme mat der Recherche eng besonnesch Bedeutung fir de Wuesstem an d'Zukunft vum Land bäimoost.

Wuel weist hien op d'Usteige vun den Unis-a Recherchekreditte hin an op d'Tatsaach, dass den Undeel vun der Recherche publique um PIB vun 0,13% am Joer 2000 - Firwat eigentlech 2000? - op 0,44% am Joer 2007 an d'Luucht geet. Och wa mer nach e gutt Stéck vun der Lissabon-Strategie ewech sinn, déi nieft dem Privatsektor 1% vum Secteur public verlaangt, hu mer awer scho gutt geschafft.

A Saachen Universitéit drängt sech e verstärkte Bléck an de Programme pluriannuel op, een Dokument, dat ëmmerhi Partie intégrante vun der budgetärer Gesamtpresentation ass. Hei gesi mer, dass fir de Projet vun der Universitéit ëmmerhi 564,9 Milliounen Euro veranschlaagt ginn, dovunner ronn 234,3 Milliounen Euro an de véier kommende Budgetsjoren. Wat dat am Kontext vun den uviséierte Synergie mat Recherche an Economie fir eist Land bedeit, brauch ech heibannen net méi ze ënnersträichen.

Et wonnert mech generell, dass weder bei der Budgets-presentation nach beim Budgetsrapport, nach bei den Interventiounen vum Budgetsminister a vum Stats- a Finanzminister vun där eemoleger Erausfuerrung vun der Universitéit, vun der Cité des Sciences, vum Incubateur d'entreprises a vum aktuelle Konstruktionsplang ronderëm d'Universitéit geschwat ginn ass, wou leschteren, wéi et an den Dépenses générales vun den Travaux publics preziséiert ass, en estiméierte Coût total vun ëmmerhin 957,2 Milliounen - also ronn enger Milliard - huet.

Wat d'Finanzéierung vum Bau vun den Unisgebaier ugeet, esou gesäit de pluriannuellé Budget vir, dass de Fonds Belval en Emprunt ophëlt, dee vum Stat garantéiert gëtt, fir den Invest vu ronn 565 Milliounen Euro ze finanzéieren. De Remboursement an d'Finanzéierungskäschte ginn dann duerch eng jährelch Dotatioun aus dem Budget vum Bauteministère assuréiert.

Et ass iwwerens déi éischte Kéier - an dat ass ausdrécklech ze begrëssen -, dass d'Établissements publics am Pluriannuel opgefouert ginn, zum Beispill de Fonds Belval, deen iwwer Fonds publics alimentéiert gëtt.

Op jidde Fall fénn et ee bis op Weideres méi iwwert déi enorm gesamtwirtschaftlech Enver-gure vum Projet Universitéit fir eist Land erëm am Exposé des motifs vum Gesetz iwwert den Incubateur d'entreprises op Belval - ee Gesetz, dat mer jo virun dräi Wochen hei votéiert hunn -, wéi am déckste Rapport vum Joer.

Dobäi geet et ëm net méi an net manner wéi ëm d'Bestriewe ronderëm d'Wëssenschafts-universitéit, d'Recherche an d'Innovation, fir en neie Wirtschaftspilier fir d'Land opzebauen, dee Lëtzebuerg haut méi brauch wéi jee.

Trotzdem weess ech, datt dës éischter er-staunlech Zréckhalung net gläichbedeutend ass mat engem Ënnerschätze vun den aus-gewisenen Zukunftssecteuren fir déi d'Univer-sitéit an d'Fuerschung genauso wich-tig si wéi d'Education, d'Formation, d'Moderniséierung vun eise Tissue économique, d'Spezialiséierung an d'Diversifi-zéierung an - wat oft vergiess gëtt - d'Ver-einbarung vu Beruff a Famill mat allen En-gagementen, déi dofir noutwendeg sinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wa jidderee vun eis d'Akzenter op där enger oder anerer Plaz anescht géng setzen, esou bitt dach awer dëse Budgets-rapport, dee mer haut an och gëschter hei hunn diskutéiere kënnen, eng exzellent Grondlag, fir eis mam Budgetgesetz au-serneenezesetzen an iwwert d'Zukunft vum Land konstruktiv nozedenken.

Ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Haupt. Här Haupt, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Norbert Haupt (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Kolleeg Lucien Thiel huet fir säin, a mengen Aen ausgezeechneten, schrëftlechen an och mëndleche Rapport zum Budget 2007 vill Luef krit. Hien huet awer och misse munch Kritik astiechen. Kritiken, déi vlächit berech-tet ze si schéngen, wann een déi zwee Rapporten net als ee Ganz betruecht, mä nëmme versicht säi mëndleche Rapport ausenanerzehuelen. Da ka beim rengen So-zialpolitiker d'Meenung entstoen, datt de Rapporteur ze vill Wirtschaft an net genuch Soziales agepaakt hätt.

An och an dësem Rapport muss een all Ausso vum Rapporteur ofweien, wann een dee Rapport an dat richtigte Licht setze wëllt. Besonnesch ee vu senge Schlusssätz vu senger Ried - a Schlusssätz setzt ee jo gemengerhand zum Schluss, fir se extra ervirzeesträichen - hätt och deene Kritiker déi néideg Berouegung verpasse misse, wat déi sozial Komponent vum dësjährege Budgetsrapport ubelaangt.

De Lucien Thiel huet nämlech mat Nodrock ënnerstrach, an ech zitieren: „Ech weess, Dir héiert ëmmer nëmme Wirtschaft a frot

lech: Wou bleift do de Mënsch? Abee, et ass ëm hien an nëmmen ëm hien, wou et déi ganzen Zäit hei geet. Et ass evident, an ech geséich gär deen heibannen, deen eppes anescht géif soen, datt d'Wirtschaft kee Selbstzweck ass a ka sinn, datt si fir de Mënsch do ass an net ëmgekéiert. Et ass awer fir mech genauesou evident, datt d'Selbstverwierklechung vum Eenzelne wéi och seng sozial Ofsécherung ouni gutt fonctionnéierend Ekonomie net denkbar sinn."

Et ass net fir näischt, datt d'Studenten an enger vun den éischte Stonne vun hirem Ekonomiescours dee Saz ageprägt kréien: Fir d'éischt muss verdéngt ginn, dann eréischt ka verdeelt ginn. Jo, ouni eppes erschafft ze hunn, kann een näischt verzieren a schonns guer näischt verdeelen. Dat geet bei jidderengem doheem esou, an dat geet och an eiser Gesellschaft a beim Stat net anescht.

Här President, wa mir eis an eise Kanner hir Zukunft net verbaue wëllen, da musse mer kucken, datt eis Wirtschaft weider gutt funktionéiert. Duerfir muss se an engem globaliséierten Ëmfeld extrem kompetitiv bleiwen. Dat ass dem Lucien Thiel säi Message, dee wéi ee roude Fuedem duerch seng zwee Rapporté geet. Och de Budgetsminister Luc Frieden huet a senger Interventioun de leschte Mëttwoch en ähnleche Message an d'Diskussioun bruecht, wéi hie vum Reformbudget geschwat huet, dee sozial erträglech a wirtschaftsfrëndlech ass an deen d'Grondaufgabe vum Stat rasonnabel zerwéiert.

Wirtschaftsfrëndlech, fir d'Kreatioun vun Entreprises ze encouragéieren, fir datt eis Ekonomie weider kompetitiv bleift a weider wuesse kann, fir datt de Stat och weider senge Grondaufgabe ka gerecht ginn an och an Zukunft d'Ofsécherung vun eisem soziale Netz assuréiere kann.

Här President, de Budgetsrapporteur zeechent a sengem schrëffleche Rapport dann och eng Rei vu Pisten op, op déi eis Ekonomie versiche misst, sech an Zukunft ze focaliséieren. Eng vun deene Pisten ass d'Opportunitéit, déi eist Handwierk an eise Commerce an der Groussregioun misste gesinn an ergräifen. De Bannemaart ass eng Realitéit an d'Groussregioun zielt eelef Milliounen Consommateuren. Dat sinn der 25 Mol méi wéi eleng hei zu Lëtzebuerg. D'Groussregioun erschafft e jährléche PIB vun 275 Milliarden Euro, wouvunner an eisem Land eng 30 Milliarde realiséiert ginn.

Déi potenziell Kafkraaft an der Groussregioun ass also ëm ee viles méi grouss wéi déi reng Lëtzebuurger. Dovu missten eist Handwierk an och eise Commerce profitéiere kënnen, ëmsou méi wéi d'Ausgangspositioun fir eng gutt Kompetitivitéit vun eise Betriber am Verglach mam Ausland gönschteg ass. Esou ass d'TVA bei eis am Land wesentlech méi niddreg wéi an den Nopeschlänner. An trotz dem héijen Nettoloun sinn eis Gesamtlounkäschte fir d'Betriber weinst deene méi niddrege Lounniewekäschten och net méi héich wéi déi vun hiren auslännesche Konkurrenten an der Groussregioun.

An de Lucien Thiel schreift ganz richteg a sengem schrëffleche Rapport: «Même si le marché local avec son pouvoir d'achat élevé offre pas mal de débouchés au commerce et à l'artisanat, ceux-ci ne devraient pas laisser s'échapper les opportunités du marché de la Grande Région. Le fait qu'une telle extension les obligerait à se réorganiser et à investir dans les structures de leurs entreprises ne devrait pas être ressenti comme handicap, mais comme défi. D'aucuns l'ont d'ailleurs déjà relevé, sachant bien qu'il n'y a pas d'expansion sans prix.»

Et stëmmt, datt verschidde Betriber besonnesch aus dem Handwierk d'Opportunitéit vum erweiderte Bannemaart ergraff hunn, fir hir Strukturen engersäits dem erweiderte Marché unzepassen an anerersäits doduerch besser der méi intensiver Konkurrenz bei eis am Land begéinen ze kënnen. Hei huet och den zoustännge Minister fir de Mëtzelstand iwwert d'Kreditter vun der Loi-cadre des Classes moyennes fir déi néideg Ënnerstëtzung vun deenen Investisementsefforté gesuergt.

Awer och déi auslännesch Konkurrenz an der Groussregioun huet net geschlof. Och fir déi auslännesch Betriber stellt de Lëtze-

burger Marché mat senger héijer Kafkraaft eng interessant Opportunitéit duer. Am Bausecteur fält dat am meeschten op. Säit dem Bestoe vum Bannemaart huet den Taux de pénétration, dat heescht den Undeel vun den auslänneschen Entreprises un der Gesamtaktivitéit vum Bausecteur, dee sech laang ëm 40% stabiliséiert hat, sech säit deene leschten dräi Joer bis op no bäi 50% eropgemausert.

An anere Wierder, eng vun zwou Entreprises, déi am Bausecteur hei am Land aktiv sinn, huet hire Sëtz am Ausland a bezilt och do hir Steieren. Datt den Undeel vun den auslännesche Baubetriber um Chiffre d'affaires vun deem Secteur bei eis am Land vu 7% op 12% an d'Luucht gaang ass kann een also net verwonneren. Et ass dofir och net verwonnerlech, datt d'Importatiounen bei eis am Land aus der Groussregioun méi wéi duebel esou héich si wéi d'Exportatiounen vu Lëtzebuerg an déiselwecht Regioun: 2,7 Milliarden Euro géigeniwwer 1,22 Milliarden.

Här President, Erklärungen dofir gëtt et genuch.

Engersäits ass de Lëtzeburger Marché och fir eis eegen Entreprises héich interessant a si hu bis haut och do nach genuch Aarbecht fonnt, fir d'Betriber ze rentabiliséieren. Et wär schonns e bëssen onverständlech, wann eis Betriber sech op engem manner interessante Marché am noen Ausland géinge ploegoen, wa bei eis am Land nach genuch Aarbecht do ass a se déi deenen auslännesche Konkurrenten iwwerloosse géingen.

Op där anerer Säit hunn déi aner Länner aus der Groussregioun eis Betriber awer och net ëmmer mat der néideger Generositéit empfaang, esou wéi et de Geescht vum europäesche Bannemaart virgesäit. Vill administrativ Schikane goufen hinnen an de Wee gestallt, esou datt besonnesch déi kleng Betriber, déi nëmmen am Ausland en eenzelne Chantier ze erliedegen haten, no engem éischte Versuch d'Knëppele bei d'Tromm gehäit hunn, fir sech ausschliesselech op deem méi interessante Lëtzeburger Marché no Clienten ëmzekucken.

Obschonns de Mëtzelstandsminister zesumme mat der Handwierkskummer d'Efforten net gescheit huet, fir géint déi Entravé virzegoen an der och eng sëllegen aus der Welt geschaf huet, bleiwen der ëmmer nach haut bestoen: Esou virun allem déi obligatoresch Cotisatioun vun eise Betriber an d'Urlaubskeess an Däitschland, obschonns hiren Aarbechter hire bezuelte Congé iwwer Gesetz a Kollektivvertrag bei eis am Land ofgeséichert ass.

De Lëtzeburger Handwierker bezilt also zweemol fir den Urlaub vu sengen Aarbechter, déi hien zäitweilig an Däitschland op e Chantier ofsetzt: Eng éischte Kéier bei eis am Land, wann hie sengen Aarbechter de gesetzlechen Urlaub bezilt, an eng zweete Kéier an Däitschland iwwert d'Cotisatioun an d'Urlaubskeess, ouni datt den Aarbechter eppes méi dovun huet.

Par conter ginn dem Entrepreneur seng finanziell wéi och administrativ Chargen doduerch an d'Luucht an hie verléiert esou u Kompetitivitéit géigeniwwer sengen däitsche Konkurrenten um däitsche Maart.

Trotz all deene Schwierigkeete sinn ëmmerhin eng 500 vun deenen 2.000 Betriber aus dem Bausecteur am Ausland aktiv. Den Ëmsaz, deen se am Ausland erwirtschaften, gëtt op 7% vun hirem Gesamtëmsaz geschat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat de Commerce ubelaangt, esou stellt de Problem sech e bëssen anescht. Hei ass et net fir iwwert d'Grenzen ze goen, fir seng Wueren unzebidden, mä et geet vill méi drëm de Client duerch déi néideg Kommunikatioun an attraktiv Ugebueder bei sech an d'Geschäft ze lackelen, fir him esou seng Wuere verkafen ze kënnen.

Och am Commerce schéngt d'Ausgangspositioun fir eis Betriber déi bescht ze sinn. Éischtens ass Lëtzebuerg als Haaptstad a Sëtz vun europäeschen Institutiounen méi attraktiv wéi Provënzstied aus dem noe Grenzgebiit. Grouss bekannt Marken, déi en interessante Magnéit fir de Gesamtcommerce vun enger Stad duerstellen, etabléiere sech nämlech am Zentrum vun enger Haaptstad an net an der Foussgängerzone vun enger Provënzstad oder enger Grande surface.

Zweetens missten eis Geschäfte vun där vergläichbar méi niddreger TVA wéi där vun eisen direkten Nopeschlänner profitéiere kënnen, fir sech e Kompetitivitéitsvirsprong um Marché erauszuschaffen. Awer, mir sinn op munchen Artikelen méi deier wéi d'Ausland.

Oft gëtt versicht deen Ënnerscheed duerch déi méi deier Akafspräisser ze erklären, déi eis Commerçanté bezuele missten, well se hir Wueren duerch e Grossist aus dem Ausland bezéie mussen an net direkt vum Produzent. Dat mag fir eis eegestänneg Geschäftsleit wouer sinn, awer net fir d'Filialé vun deene groussen auslännesche Chaïnen, an och bei hinne sinn d'Präisser hei zu Lëtzebuerg oft méi deier wéi zu Paräis oder Bréissel.

Wouru kann dat da leien? Lait dee Problem vläicht un deenen héije Loyer, déi de Commerçant bezuele muss, oder sinn eis Präisser einfach ze héich, well d'Gewënnmargen ze héich ugesat sinn? Wären déi zwou Erklärungen richteg oder och nëmmen eng vun deenen, kéint ee sech déi berechtigt Fro stellen, ob mer net amgaange sinn d'Hong mat deene gëllenen Eeër selwer ze schluechten.

Här President, d'Attraktivitéit vun enger Geschäftsstrooss, vun enger Grande surface oder enger Geschäftsstad hänkt awer net eleng vun de Präisser of, si hänkt vu villem méi of. D'Präisser spille sécherlech eng Roll, awer och d'Qualitéit vum Ugebuet an d'Bild, dat de Gesamtcommerce no baussen ofgëtt.

Wat d'Qualitéit vum Ugebuet ubelaangt, mengen ech, datt eis Geschäfte hirer Konkurrenz am noen Ausland net hannendrunhippen. Wat awer d'Gesamtëmfeld ubelaangt an deem eis Geschäftswelt sech beweegt, schénge mir Nohuelbedarf ze hunn. Dat sinn net nëmmen d'Öffnungszäiten, op déi ech spéider nach zrëckkomme wëll, mä dat ass virun allem d'Gesamtbild, dat eise Commerce no baussen ofgëtt. Déi grouss Akafszentren hunn dat deelweis verstane fir besser no baussen ze kommunizéieren. Dofir fanne mer jo och gradesou vill auslännesch Keefer an eisen Akafszentren wéi Lëtzeburger Clienten an der Grande surface dëssäit de Grenzen.

Fir d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Pôle de commerce vun der Groussregioun ze promouvéieren huet de Mëtzelstandsminister en neie Kredit vun 2,5 Milliounen Euro an de Budget gesat; dat sinn ëmmerhin 100 Milliounen eiser aler Frang. Dese Kredit ass geduecht, fir Aktiounen vun der Confédération du Commerce an der Beräicher: Formation vum Personal, méi ee frëndlechen Accueil vun de Clienten, Fidélisatioun vun der Klientell hei am Land an der Racolage vun auslännesche Clienten an der Groussregioun, ze ënnerstëtzen.

Och de Kredit, fir d'Kompetitivitéit vum Commerce am Stadzentrum ze verbesseren, ass am Budget bäibehale ginn. Hei ass d'Geschäftswelt also gefuerdert, fir déi Perche, déi d'Regierung hir gerecht huet, richteg ze ergräifen an d'Zukunft vum Lëtzeburger Commerce selwer an d'Hand ze huelen.

Här President, kuerz nach wat d'Öffnungszäiten an eise Geschäfte ubelaangt. De Gescht vum Gesetz vun 1995 huet op enger méi grousser Flexibilitéit vun den Öffnungszäiten, awer och op méi sozialen a familijfrëndlechen Aarbechtsbedingunge fir d'Personal an d'Commerçant selwer berout. Duerfir huet de Mëtzelstandsminister d'Öffnungszäiten an der Woch vu sechs Auer moies bis aacht Auer owes fixéiert, mat enger Verlängerung op engem Owend bis 21 Auer. Samschdes an de Viowend vun engem Feiertag huet de Législateur gemengt, d'Geschäfte no 18 Auer zouzemaachen, fir och deene Leit, déi an deem Secteur hiert Geld verdéngen, d'Méiglechkeet ze bidden hire Sonndeg respektiv Feiertag uerdentlech an der Famili virbereeden ze kënnen.

D'Flexibilitéit an déi sozial Komponent bilden an deem Gesetz e Ganzt, an déi muss een och als e Ganzt betruechten, wann een doru fréckele goe wëllt. Wann eis Nopeschlänner elo hignin, fir d'Geschäfte owes méi laang opzeloossen, dann hu se sécherlech eppes domadder bezweckt. Awer ze behapten, dowéinst géifen déi Lëtzeburger Clienten méi wéi bis elo owes op Metz oder op Tréier akafe goen, amplatz bei eis am Land, ass menger Meenung no mat den Hoer erbäigezunn. Dee ganzen Dag iwwer fannt Der Lëtzeburger Clienten an der Geschäftsstroosse vun Tréier, Metz an Thionville.

Eis Geschäfte kéinten dem Gesetz no owes bis aacht Auer opbleiwen. A wien huet da bis elo e Geschäft an der Groussgaass no sechs Auer nach op fonnt? Also ass hei kee Bedarf, fir méi laang opzebleiwen. An déi Revendicatioun fir méi laang Öffnungszäiten owes, bezitt sech eleng op déi grouss Geschäftszentren. Awer och fir déi gëtt de Portmonni vun de Leit net méi déck doduerch, datt mer einfach d'Öffnungszäiten ëm déi eng oder aner Stonn verlängeren.

» **Une voix.**- Gitt Dir net akafen, Här Haupt?

» **M. Norbert Haupt (CSV).**- Firwat?

» **Une voix.**- Soss wéisst Der et vläicht besser.

» **M. Norbert Haupt (CSV).**- Mä de Portmonni gëtt awer dofir net méi déck.

» **Une voix.**- Neen.

» **M. Norbert Haupt (CSV).**- Voilà! Ech mengen, dat wollt ech jo soen.

Vu datt déi meeschte Leit bei eis am Land spëitstens um sechs Auer ophale mat schaffen, hätten se jo bis aacht Auer völeg Zäit, fir hir Akeef ze besuergen a brächten dann net no 20 Auer iwwert d'Grenzen ze fueren, fir do nach anzekafen. Hei gëtt e falsche Problem eesäitg héichgespillt, mat der Gefor, datt d'Gefäll vum Commerce an der Stied vis-à-vis vun der Grande surface nach méi ausgeprägt gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif menger Fonctioun als Éierepresident vum olympesche Comité net gerecht ginn, wann ech net e puer Wierder iwwert de Sportsbudget verléiere géif, net well den Avis vum Comité olympique zimlech kritesch ausgefall ass, mä well de Bréif vum President...

(Interruption)

Gelif?

» **Mme Anne Brasseur (DP).**- Dat ass gelënd ausgedréckt.

» **M. Norbert Haupt (CSV).**- Ben, et ass awer net dofir, firwat datt ech hei...

(Interruption)

Oh, ech mengen, Dir hutt e jo kritt.

(Interruption)

Dir hutt en awer kritt an e stoung an der Zeitung, esou datt d'Öffentlechkeet et ka liesen.

Also, net well den Avis vum COSL zimlech kritesch ausgefall ass, mä well de Bréif vum President un d'Regierungsmemberen an d'Deputéierten, déi en also alleguer gutt gelies hunn, a verschide vun sengen Aussoen op Verbandsgeneralversammlungen als Tackling un de Sportsminister beziechent gi sinn. D'Kritik vum COSL ass berechtigt, wann een de Sportsbudget vum Joer 2007 a senger Gesamtheit kuckt, statesch eleng op d'Budgetsjoer 2007 bezunn an ouni d'Beméiunge vun der Regierung ze berücksichtigen, no de Sacrificer, déi an der Tripartite vun alle Sozialpartner zougestane goufen, och an hiren eegenen Departementer Spuermoossnamen anzeleeën.

A Wierlechkeet ginn d'Kreditter fir déi allgemeng Ausgabe vum Sport fir d'Joer 2007 par rapport zu 2006 ëm 7,5% zrëck a par rapport zum Budget 2005 klammen se nëmmen ëm 2%. Ech hunn hei nëmmen déi normal Ausgabe vum Sport berücksichtegt; also ech hunn d'Coque an och, mengen ech, de Budget pluriannuel net heimat berücksichtegt. Dat ass fir dat ieweschst Organ vum Lëtzeburger Sport, wann een d'Evolution vum Gesamtbudget betruecht, schrecklech enttäuschend. Esou wäit kann een dem COSL seng Reaktioun verstoen a muss een se och mat ënnerstëtzen.

Wann een awer déi eenzel Kreditter am Detail betruecht, da muss ee seng Kritik eppes nuancéieren. Et stellt een nämlech fest, datt déi Kreditter, déi de Mouvement sportif direkt betreffen - dat heescht de Congé sportif, d'Fonctionnementskäschte vun de Federatiounen, d'Indemnitéite fir d'Traineren an de Kredit fir de Service médico-sportif - ëm 6,4% respektiv 1,6%, 7,9% an 11,7% par rapport zum Budget 2006 klammen. De Kredit fir déi administrativ Kadere vun de Verbänn klëmmt souguer par rapport zu 2005 ëm 24%.

Donieft steet zënter 2005 fir d'éischte Kéier e Kredit fir Spezialmoossname fir den Héichleeschtungssport vun 362.000 Euro am Budget, dee fir 2007 op 375.000 Euro erhéicht gëtt. D'Evolution vun deene Kreditter hält also de Verglach mat der Evolution vum Gesamtbudget vum Stat.

Wann een déi eenzel Kreditter dann och nach op der Zäitschinn vun deenen éischte Jore vun neie Jorhonnert analyséiert, da stellt ee fest, datt zënter dem Budget vum Joer 2001 de Kredit fir d'Frais de fonctionnement vun de Federatiounen - ech mengen, do huet och déi al Regierung matgeholf -, also...

(Interruption)

...déi fréier. Pardon!

Jo, Dir sidd nach ëmmer jonk, Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech si jo awer net al.

» **M. Norbert Hauptert** (CSV).- Voilà! Dir waart an der fréierer Regierung.

Déi Kreditter sinn also, wat d'Frais de fonctionnement vun de Fédération ubelaangt, ëm 27% geklommen; d'Subsiden un d'Verbänn ëm 33,3%; d'Kreditter fir d'Participation u groussen internationale Manifestatiounen ëm 37,6% an de Kredit fir déi administrativ Kadere vum Mouvement sportif souguer ëm 234%. D'Gesamtaugmentatioun vun de Kreditter säit 2001 beleeft sech op 63,5%, wat enger Duerchschnëttsaugmentatioun vun iwwer 10,5% d'Joer gläichkënnt.

De COSL huet mat Sécherheet Recht, wann en op de Stellwäert vum Sport an eiser Gesellschaft opmierksam mécht an drop hält, datt déi Feststellung net nëmmen als eidele Constat am Raum ka stoebliwen, mä datt dee Message mat Inhalter muss gefëllt ginn, wann engem d'Wuelbefanne vun eise Kanner um Häerz läit.

Déi rezent Etüd iwwert de Gesondheitszoustand, déi motoresch Fäegkeeten an déi physesche Aktivitéit vun eise Kanner vun den Altersklassen 9, 14 an 18 Joer, déi vum Educationnsministère bestallt gouf, léisst déif blécke wat eise Kanner hir physesche Fäegkeeten ubelaangt. Hei muss schnellstens d'Bewosstsi vum eiser Gesellschaft, a besonnesch vun eise responsabele Politiker, iwwert d'Wichtigkeet vun der physescher Aktivitéit bei eise Kanner verschäerft ginn.

Och de Gesondheitszoustand vun eise schaffende Leit kann als wichtige Kompetitivitéitsfacteur fir d'Zukunft vun eiser Wirtschaft ugesi ginn. An zu dësem Gesondheitszoustand kann de Sport e wesentleche Bäitrag leeschten.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Här President, well déi méi erfreenlech Progressioun vun de Kreditter fir de Sport iwwert d'Zäitspan vun deene leschte fënnf Joer, déi ech elo grad beschriwwen hunn, an enger Zäit geschitt ass, wou et eis wirtschaftlech besser gong a wou an deenen aneren Departementer vum Stat och nach net esou drastesch gespuert gouf, mengen ech och, datt de COSL dat néidegt Versteedsdemech dofir opbrénge wäert, datt, wann elo allgemeng méi lues getréppelt muss ginn, och de Sport an engem Élan de solidarité akzeptéiert, datt seng Kreditter manner schnell klammen.

Mat där sportlecher Astellung an optimistescher Nout wëll ech mäi Bäitrag zum Budget schlëssen an lech Merci soe fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Här Hauptert. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Anne Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Budget ass méi, wann ee vun der Arithmetik ofgesäit, wéi d'Zomm vun deenen eenzelnen Departementer. D'Budgetdiskussioun kann een also nëmmen ugoen, andeems een eng allgemeng Budgetanalys mécht, an dat huet am Numm vun der Demokratescher Partei de Parteipresident, de Claude Meisch, gëschter gemaach, an haut de Moien de Fraktiounscheef, de Charles Goerens, esou dass ech déi Analys net méi wäert maachen an ech wäert just op zwee Departementer agoen an ech wäert uknäppen un dat, wou de Virriedner opgehale huet, nämlech un de Sport, fir duerno nach e Wuert iwwert d'Educationn ze soen.

Wat de Sport ubelaangt, sinn ech vläicht net esou optimistesche wéi den Här Hauptert a senger Konklusiounen. Eppes wou mer ons all heibannen eens sinn, an d'Regierung huet dat jo och ugekënnegt, andeems se d'Wichtigkeet vum Sport ënnerstrach huet, an ech mengen do kritt een d'Zoustëmmung op alle Bänken. Wann een dat awer seet, da muss ee sech och d'Moyene ginn, fir sengen Ambitioune gerecht ze ginn. A leider spigelt d'budgetär Realitéit dat net erëm.

D'Dépensé fir de Sport ginn an dësem Budget par rapport zum leschte Joer ëm 12,4% zrëck. Dat ass gewaltig. Dat ass ëmsou méi bedauerlech an engem Joer, wat elo op ons duerkënnt, wou d'Spiller vun de kleng Länner sinn, wou also enorm Dépensen op d'Sportsmouvementer duerkommen, an et ass bedauerlech an engem Joer vun der Préparation olympique op 2008 fir Peking.

D'Regierung hat, wéi se ugetrueden ass, gesot, dass den Développement physique des enfants et des jeunes eng Préoccupation constante vun der Regierung wier.

Dat ass och gutt esou. Mä och do muss een sech dann d'Moyene ginn.

De Sportsminister hat ugekënnegt - ech mengen et war op der Assemblée générale vum Comité olympique -, dass an der Schoul géif eng drëtt Sportsstonn agefouert ginn. Doropshin hunn ech eng Question parlementaire gestallt an dunn huet de Sportsminister gemengt, dat géing mat der Educationn gekuckt ginn. Doropshin hunn ech d'Educationnsministesch gefrot, an déi huet mer awer geäntwert: „All dat, dat wier net esou einfach.“

Dass dat net esou einfach ass, dat weess ech ganz genee, mä ech muss lech soen, dass, wann de Sportsminister esou eppes ukënnegt, deen ass awer Member an enger Regierung, souguer vun därselwechter Partei wéi d'Educationnsministesch, da sollen se dat am Virfeld klären, net awer higoen, grouss Ukënnegunge maachen an duerno an der Realitéit soen: „Mir bréngen dat do awer net fäerdeg.“

Ech hätt, wat de Sport an d'Educationn ubelaangen, och eng Fro zu der Struktur vum Budget. An der viregter Regierung huet de Sport zu der Educationn nationale gehéiert, dat war ee Ministère. Déi Departementer sinn elo erëm getrennt ginn. Am Budget fanne mer dat awer ënner enger Section budgétaire erëm. Ech wollt just froe firwat dat esou wier a firwat et do net zu enger Trennung komm ass. Dat ass awer eng reng technesch Explikatioun, déi ech gären hätt.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech gi se vläicht direkt, well soss passt déi herno net méi.

» **M. le Président**.- Jo.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Et ass, well et kee Ministère ass.

Et ass den Département ministériel des Sports, dat ass keen onofhängege Ministère, mä et ass ee Minister, deen duerfir zoustänneg ass, mä dee kee separate Ministère kritt huet.

Dat gouf aus administrative Grënn esou gemaach, fir déi Beamten net dauernd op aner Plazen ze setzen. Duerfir gehéiert et zum Educationnsministère, mä huet als Minister e Sportsminister, deen net deen nämlechen ass wéi den Educationnsminister.

» **Mme Anne Brasseur** (DP).- Dat ass awer schwéier nozevollzéie fir een, deen dat dobausse soll verstoen. Ech hätt et dann awer zum Beispill besser gesinn, vu dass de Sportsminister jo och Ekonomiesminister ass, dass et vläicht do ugehaange gi wier, oder un d'Energie; well dat hei kënnt jo awer da méi der Energie gläich, wa mer iwwert de Sport schwätzen.

Mir stellen also fest, dass leider am Sport d'Moyenen net zur Verfügung gestallt ginn, déi mer géife brauchen; obwuel et eleng mat budgetäre Moyenen och net duergeet.

D'Attitüd vis-à-vis vum Sport, déi mécht een net nëmme mat Geld, mä mir sinn an enger Gesellschaft, wou mer all sesshaft sinn a wou jiddferree sech méi bewege misst. Dofir ginn et Gott sei Dank eng ganz Partie Aktivitéiten an de Gemengen, notament an der Stad Lëtzebuerg mat „Sports pour tous“, wou méi wéi 6.000 Leit all Joer ageschriwwen sinn.

Mä wat positiv ass un dësem Budget, dat ass, dass d'Kreditter eropgesat gi si fir d'Agence contre le Dopage. Do muss mer alles ënnerstëtzen, wat d'Lutte géint den Dopage ugeet. Den Dopage ass e Fléau am Sport, dee mat alle Mëttele bekämpft gi muss an do muss Tolérance zéro wierklech virherrschen. Net nëmme well mer e Punkt muss setze beim Gefuddels oder net nëmme well et hei ëm d'Gesondheet geet, mä och, fir all déi Sportler an d'gutt Licht ze réckelen, déi dat verdéngen, well dat ass nämlech d'Majoritéit vun de Sportler, déi e proppere Sport maachen an déi et net néideg hunn, dass d'Sportswelt dauernd mat Dreck beworf gëtt, well der eng Partie fuddelen. An duerfir muss och d'Lutte géint den Doping weider ënnerstëtzt ginn a mir wëllen d'Regierung bei deem Effort begleeden.

Beim Sport geet et méi wéi ëm eng gesondheitsfördernd Moossnam. De Sport huet ganz aner Atouten, a mir all heibanne wëssen et, an duerfir muss mer ons d'Moyene wierklech vun onsen Ambitioune ginn. A mir hätt ganz gäre gehat, wann hei méi Effort gemaach gi wiere vu Säite vun der Regierung an dass et net zu Deklaratioune kënnt op Assemblées générales, wou Hoffnungen suscitéiert ginn, déi awer duerno an der Realitéit net ëmgasat gi kënnen.

Et geet nämlech beim Sport - an do muss ee fréi usetze bei de Kanner - ëm den Développement vun de Kanner, ëm dee moto-

reschen, mä och ëm dee psychesch équilibréierten Développement vun de Kanner, esou dass mer ons dofir déi néideg Moyene gi mussen.

Deen zweete Volet vu menger Interventioun bezitt sech op d'Educationn. Leider sinn och do d'politesch Deklaratioune ganz anerer wéi d'Budgetsrealitéit et opweist.

D'lescht Woch huet de Budgetsminister hei a senger Stellungnahm gesot, datt de Budget vun der Education nationale ëm 3,67% par rapport zu 2006 géing klammen. Dat ass och ze begreifen, wann een d'Augmentatioun kuckt. Mä déi Augmentatioun läit awer ënnert der Gesamtprogressioun vum Budget, déi bei 5,01% läit.

Kann een net dann zur Konklusioun kommen, dass awer hei d'Educationn net als prioritär ugesi gëtt?

Mir kréien nämlech ëmmer méi Schüler, dat heescht: Mat kaum méi Sue wëlle mer eng Educationnspolitik fir ëmmer méi Schüler maachen. A mengen Ae geet déi Rechnung net op.

Gëschter huet den Här Fayot a senger Interventioun gesot, hie géif déi Motioun, déi ech am Numm vun der DP abruecht hunn an déi muer zur Ofstëmmung komme soll, onméiglech fannen, well mir froe fir eng ganz Partie Projeten op Äis ze leeën.

Mä mir froen dat, well mer mengen, dass eng ganz Partie Projeten ugeduecht sinn, déi een awer nach eng kéier iwwerdenke muss. Et gi ganz vill Projets pilotes, do sinn nach keng Konklusiounen, et sinn nach keng Evaluatioune gezunn, an dat hätt mer gär fir d'éischt, éier dann definitiv Projeten duerchgezu ginn.

Den Här Fayot huet gemengt hie misst d'DP attackéieren, mä mir sinn net eleng déi, déi dann attackéiert ginn, well mir sinn net déi Eenzeg, déi froen, dass déi Projeten emol sollen op Äis geluecht ginn. Mir sinn do zum Beispill a gudder Gesellschaft mat Gewerkschaften, wou eng Gewerkschaft dat selwecht fuerdert, déi jo awer der LSAP nosteet.

Ech wëll nach e Problem uschneiden, wat d'Ëmgoe mat den öffentleche Gelder ubelaangt. Et ass jo esou - jiddferree, dee mam Budget ze dinn hat oder huet, dee weess et -, dass, wann um Enn vum Joer nach Sue Rescht waren, Kreditter Rescht waren, da ganz vill Administratioune waren, déi gekuckt hunn nach eng ganz Partie Dépensé kënnen ze tätigen, fir hire Kredit kënnen ze erschöpfen. Dat ass jo Unfug. Dat ass onsënneg. Si hunn dat gemaach, well se gefaart hunn, d'Joer drop kriten se dann d'Kreditter gestrach.

Fir aus deem Cercle erauszekommen a fir d'Acteure méi ze responsabiliséieren ass beim Autonomiesgesetz iwwert d'Lycéeën, wat 2004 gestëmmt ginn ass, niewent der Autonomie administrative a pédagogique, och d'Autonomie financière agefouert ginn. Domat kritt all Lycée eng Dotatioun a mat där Dotatioun muss e selwer fir seng Fraisën opkommen: fir d'Hëtzen, fir d'Botzen, mä och fir d'Projets pédagogiques.

Dat heescht, si mussen dann en bon père oder Mère de famille hir Schoul verwalten. Wa se e bësse manner hëtzen, dann hu se méi Suen, oder wa se d'Schoul manner knaschteg maachen, brauche se manner Suen auszeginn, fir ze botzen, a kënnen méi a Projets pédagogiques investéieren. Ech hunn dat fir e gudder System gehalen an d'Schoule sinn och domat ganz gutt eens ginn.

Wat ass awer dëst Joer am Budget geschitt fir 2007? D'Schoule kruten un Dotatioune Suen ewechgehol, an zwar am Schnëtt eppes iwwer 8%. Dat geet bei verschidde Lycéeën bis zu 20%. Et sinn der och e puer, déi krute ganz liicht bäi, mä d'Dotatioune sinn insgesamt erofgaangen. An der Chamberskommissioun hunn ech d'Madame Minister gefrot, firwat déi Dotatiounen erofgaange sinn, an ech mengen, et war och e Vertrieder vun der CSV, deen dat gefrot huet, dat war den Här Maroldt, do ass gesot ginn: Mä déi Schoulen haten ze vill Suen, dat ass jo schliesselech kee Spuerveräin.

Dat heescht, mir penaliséieren elo d'Schoulen, well se ekonomesch a sënnvoll mat deene Suen ëmgaange sinn, fir vläicht dann ee Joer gréisser Projeten ze realiséieren, andeem mer soen: Ma Dir hat Suen ze vill, elo kritt Der manner Dotatioun.

Ech fannen dat als System net déi richteg Approche, well ech der Meinung sinn, dass déi Approche, déi mer bis elo haten, fir d'Acteuren eenzel ze responsabiliséieren, fir e sënnvollen Ëmgang mat de Statsgelder ze maachen, dass mer dee System domat brieche. Mir fannen, dass dat e falscht Signal ass a mir fannen och, dass an der Erzéiungspolitik souwuel inhaltlech wéi

budgetär déi falsch Signaler vun dëser Regierung ausginn.

Zum Schluss, Här President, erlaabt mer eng ganz perséinlech Remarque: Den 2. Dezember huet op RTL an der Emissioun „Background“ de Statsminister d'Bildungs-offensiv vun der DP kritiséiert, andeem hie gesot huet, hien hätt dat ni fir seriö geholl. Duerno, d'lescht Woch am Pressebriefing huet hien dat ofgeschwächt an hien huet gemengt, hie wier falsch verstane ginn.

Ech verstinn net, wéisou de Statsminister, dee jo en exzellente Rhetoriker ass, et ëmmer fäerdeg bréngt falsch verstanen ze ginn oder falsch interpretéiert ze ginn. Ech hunn de Verbatim hei, an et ass jo awer kaum ze méssverstoen. Ech muss lech soen, dass esou Aussoe politesch a mengenen Ae verwerflech sinn a fir mech perséinlech inakzeptabel sinn.

Et ass politesch verwerflech, well, wann dat stëmmt, wéi hien et elo dréint, dass seng Argumentatioun sech nëmmen op de Wahlkampf vun der DP bezunn hätt, da froen ech mech, firwat 1999 de Formateur Jean-Claude Juncker der Madame Hennicot d'Educationnspolitik ewechgehol huet!

D'Madame Hennicot war virdrun Educationnsminister, si war och déi Zäit nach Parteipresident vun der CSV, mengen ech, an hien huet hir dee Ressort ewechgehol, fir en der DP ze ginn. D'DP huet dat selbstverständlech ugehol, an ech muss soen, ech perséinlech sinn deen Défi mat ganz vill Determinatioun ugaangen a war mer menger Verantwortung bewosst.

Ech hunn déi Aarbecht esou gemaach, wéi ech dat gespiert hunn, an ech hunn un déi Politik gegleef, déi ech do verdeedegt hunn, an ech gleewen haut nach drun. De Premierminister huet gemengt, hie misst dat diskreditéieren, an ech muss soen, dat ass a mengen Aen e Mangel vu politischem Anstand.

An da wëll ech nach e Wuert soen, well dat perséinlech fir mech inakzeptabel ass: Mat där Deklaratioun huet den Här Jean-Claude Juncker mech perséinlech immens enttäuscht.

Mä, Här President, et geet hei weder ëm mech nach ëm den Här Juncker, et geet an der Educationnspolitik ëm d'Zukunft vun de Kanner, et geet ëm d'Zukunft vun de Jugendlechen. An do sinn ech wierklech iwwerzeegt, dass déi Politik, déi am Moment geféiert gëtt, net an déi richteg Richtung geet, an dass mer duerfir méi wéi inquiete mussen sinn. Budgetsmëttel stinn och net zur Verfügung, fir d'Politik an déi richteg Richtung ze lenken.

Ech soen lech villmools Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Madame Brasseur. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt dem Rapporteur Lucien Thiel Merci ze soe fir säi gudder schrëftlechen a mündlechen Rapport an him domadder och nach eng kéier ze félicitéieren.

Ech wëll am Kader vun der Budgetdiskussioun iwwer e ganz spezifesch Volet schwätzen, dee mer besonnesch um Häerz läit: Ech hat et schonn am November a menger Ried zu de Budgetskonte vun 2004 gesot, dass mer e Problem hu mat der Budgettransparenz.

Wann ech Transparenz soen, da mengen ech domat zweeërlee: Éischtens d'Transparenz vum Contenant, oder wann Dir esou wëllt, d'Transparenz am formelle Sënn vun der Duerstellung vum Budget; zweetens d'Transparenz vum Niveau vum politesch Contenu, dat heescht um Niveau vun de politesch Choixen, den agesate Moyenen an de Resultater vun der Politik.

Zum éischte Punkt: Mat formell mengen ech d'Méthodologie comptable an d'Présentatioun vum Budget. Op deem Plang ass d'Tâche vun allen implizéierten Acteuren net méi einfach ginn duerch déi duebel Presentatioun vum Budget,...

(**Interruptions et coups de cloche de la Présidence**)

... déi am Moment noutwendeg ass.

Op där enger Säit hu mer eist nationaalt Kontabilitéitsgesetz vum 1999, wat eis virschreift, wat an de Statsbudget stoe kënn an ënner wéi enger Form. Op där anerer Säit hu mer no Maastricht de Système Européen des Comptes nationaux et régionaux vum 1995 kuerz SEC 95, an deem mer eis Zuelen all Joer am Kader vum Stabilitéits- a Wuesstemspakt op Bréissel notifiéiere mussen.

Dass déi zwou Manéieren, fir de Budget opzestellen, fir vill Konfusioun suergen, brauch ech net extra ze erwähnen: Dat steet bal an all Avis, sief et vun de Beruffskummeren, vum Statsrot, vun der Zentralbank oder vun der Cour des Comptes. Och d'Regierung ass sech där Saach bewosst, a mir hunn an der Finanz- a Budgetkommissioun mat verschiddene Ministeren an hire Beamte méi wéi eng Kéier doriwwer geschwat. De Budgetsrapporteur huet dëst a sengem Rapport an och hei op der Tribün erëmginnt.

De SEC 95 huet ganz vill Virdeeler, mä en huet awer och eng ganz Rei Nodeeler. D'Virdeeler sinn ënner anerem dës zwee: Éischtens, dass mir e kompletten Iwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun vum öffentleche Secteur, der sougenannter Administration publique, kréien, wou alles mat dran ass - de klassischen Zentralstat, d'Spezialfongen, d'Établissements publics, d'Sécurité sociale an net zulescht och d'Gemengen -; zweetens, dass mir um nationale Plang mat deeneselwechten Zuele schaffe kënnen wéi um europäesche Plang an dass eis Zuelen international vergläichbar sinn.

Et gëtt och zwee Nodeeler:

Éischtens, dass mir eis alleguerten ëmstelle mussen, och hei an der Chamber. Bon, dat packe mer. Dont acte.

Zweetens awer, dass mer bei den Investissementsfongen an eng ganz cocasse Situation komme respektiv scho komm sinn. An der Logik nämlech vum SEC 95 sinn d'Reserve vun haut den Defizit vu muer, an d'antizyklesch Investitiounspolitik, déi net nëmme mir ausdrécklech bedreiwe wëllen, mä déi och vum Ecofin a vun der Bréisseler Kommissioun am Stabilitéitspakt verankert ginn ass, gëtt eis dee Moment, wou mer se praktizéieren, als Manktum u Rigueur ugerechent. Mir ännere vläicht den SEC 95 net, esou datt et ka sinn, dass mer zu Bréissel vernannt ginn, well mer a manner gudden Zäite Suen ausginn, déi mer a gudden Zäiten op d'Säit geluecht hunn. Do sinn net mir am Feeler, do ass e Feeler am System.

Här President, ech hunn opmierksam nogelauschert, wéi den Här Budgetminister eis d'lescht Woch erkläert huet, firwat d'Chamber sech géif wäit aus der Fënster leeën, wa se verlaangt, dass de Budget innerhalb vun dräi Joer ganz op d'europäesch Kontabilitéitsnorm ëmgestallt gëtt. Den Här Minister huet eis och erkläert, firwat dass hien do méi retizent ass.

Mir mengen awer trotzdeem, dass et kee Sënn mécht an och en enormen Opwand bedeit op Dauer zwee verschidde Budgeten nienteneen opzestellen. An et ass och gutt, dass d'Chamber en Zäitplang vu maximal dräi Joer fir d'Transitioun op den SEC 95 freet, fir den Iwwergank méiglechst kuerz ze halen.

Dat gesot ass och kloer, dass meng Fraktioun hiren Accord zur Motioun wäert ginn, déi den Här Mosar elo grad deponéiert huet, well dat eis deen eenzege gangbare Wee ze si schéngt, fir dee Problem à moyen terme och geléist ze kréien.

Här President, esou vill zum Punkt 1, zum Contenant als formellen Aspekt vun der Transparenz vum Budget. Elo zum Punkt 2, zum Contenu, zum Inhalt vum Budget.

Transparenz heescht jo net nëmmen novollzéien ze kënnen wéi vill Euroen an enger Budgetzeil ageschriwwen gi sinn an herno kontrolléieren ze kënnen, ob sech d'Exekutiv dru gehalen huet oder net. Transparenz heescht och net nëmme lëtzebuergesch mat europäesche Chiffere vergläichen ze kënnen oder e Gesamtiwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun vun der Administration publique ze kréien. Transparenz heescht och ze gesinn, wat den Objektiv vun enger Politik XY ass a wat d'Exekutiv mat de Moyenen, déi se zur Verfügung huet, tatsächlech um Terrain erreecht huet.

Ech hunn d'lescht Joer hei op dëser Tribün a menger Qualitéit als Budgetsrapporteur iwwert déi franséisch „Loi Organique relative aux Lois de Finances“, kuerz LOLF, geschwat. Ech widerhuelen elo net alles, wat ech deemools schonn zur Genèse an zu den Ziler vun der LOLF gesot hunn. Just esou vill: Et ass eng Method, fir de Statsbudget opzestellen, déi iwwert d'Approche comptable eraus och an haaptsächlech nom Sënn an Zweck vun der Action politique kuckt; déi net nëmmen d'Legalitéit oder d'Regularitéit vun enger Dépense kuckt, mä och hir Effikassitéit; déi d'Logique des moyens duerch eng Logique des résultats ersetzt; déi um Niveau vun der Administration méi Flexibilitéit mat méi Responsabilitéit am Ëmgang mat de Steiergelder verbënnt, an déi en fin de compte och als Catalyseur fir d'Moderniséierung vum Statsapparat ugesi gi kann.

Mä fir dat Ganz net ze vill theoretesch ze halen, erlaabt mer, wann ech gelift, d'Virdeeler vun esou enger Reform un engem ganz konkrete Beispill duerstustellen.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech froen Iech, ouni dass Der mer awer sollt eng Äntwert ginn:...

(Hilarité)

... Wou steet an eisem Budget wéi vill eise Stat fir d'Héichschoulen, d'Fuerschung an d'Innovatioun ausgëtt?

(Interruption)

E wichtegen Zukunftsdomän vun eiser Politik, wou mir eis och am Kader vun der Lissabon-Strategie engagéiert hu bestëmmt Ziler ze erreechen, déi sougenannten Objectifs de Barcelone.

Dir sot mer, dat steet am Budget vum Fuerschungsministère, an zwar an de Sektouren 03.0 an 03.5. Richteg! An d'Uni steet bei 03.6. Awer dat ass net alles. Och aner Ministeren hu Kreditter an hirem Budget, fir d'Fuerschung an d'Innovatioun ze ënnerstëtzen: d'Économie, d'Classes moyennes, d'Santé an esou weider.

Wann ech also e kompletten Iwwerbléck wëll kréien iwwer eis Dépense fir d'Fuerschung, da muss ech direkt an e puer Ministère sichen, fir déi entspreichend Budgetsposten ze fannen. An nach, deemno wéi déi eenzel Budgetzeilen intituléiert sinn, muss een dräimol noliesen, ob dat elo relevant ass oder net.

E weidere Problem ass dee vun der Zouuerdnung vun den Dépenses. Wann ech Personalkäschten oder soss Frais de fonctionnement hunn: Sinn dat da Fuerschungsausgaben oder sinn et keng? A wann zu deene Fuerschungsausgaben och d'Paie vun de Fuerscher zielen, dat awer net déi eenzeg Paie sinn, déi am Personalbudget vun engem Ministère oder Departement opgefouert sinn: Wou weess een dann, wéi vill ee vun deem Personalbudget als Fuerschungsausgab matziele soll?

Ech féieren dat elo net weider aus. Ech mengen, jiddferen heibanne weess, wou de Problem fir eng Legislativ läit, déi hir Missioun, déi se am Kader vun hirem Budgetrecht huet, gewëssenhaft erfëlle wëllt.

Elo, Här President, leeën ech dee franséische Projet de budget 2007 fir den Domän Recherche et Enseignement supérieur niewendrun. Wat gesi mer do?

Am Descriptif vun der Mission interministérielle „Recherche et Enseignement supérieur“, enger vu 34 Missiounen am Ganzen, déi de franséische Stat definéiert huet, gëtt op e puer Säite beschriwwen, wat fir Politikberäicher dës Missioun ëmfaasst. Et ginn d'Objektiver vun der Fuerschung- an Héichschoulpolitik kuerz ëmraass, déi concernéiert Ministeren opgeléicht an de Personalkader festgeluecht.

Am Projet de budget selwer geet et da weider an den Detail. All Missioun ass an eng Rei Programmer opgedeelt. An der Recherche sinn dat zum Beispill de Programm 150 „Formations supérieures et recherche universitaire“ oder de Programm 231 „Vie étudiante“.

Dir fannt do och Programmer, déi sech der Recherche spatiale, der Recherche industrielle, der Energie, der Défense oder der Landwirtschaft unhuelen. Déi eenzel Programmer ginn da weider prezisiéiert. Si sinn an Aktiounen ënnerdeelt. D'Objektiver ginn definéiert, d'Indicateurs de performance fir d'Evaluatioun ginn opgefouert an erkläert, an et ginn op déi eenzel Programmer an Aktiounen Budgete gesat, déi och nach eng Kéier no fonctionnellé Kategorien opgeschlësselt sinn.

Och gëtt fir all Demande de crédit eng Justification au premier euro verlaangt. Dat heescht, dass de Responsable vum Programm net nëmme soe muss firwat eenzel Aktiounen elo méi oder manner Sue

brauchen, mä firwat se iwwerhaapt gebraucht ginn. De Budget gëtt also net einfach vu Joer zu Joer fortgeschriwwen, mä all Joer op en Neits a Fro gestallt. „zero-based budgeting“ heescht dat op Englesch.

Doriwwer eraus hunn d'Fransousen och aacht Politiques transversales definéiert. Ech zielen se emol ganz kuerz op:

1. Action extérieure de l'État;
2. Politique française en faveur du développement;
3. Sécurité routière;
4. Sécurité civile;
5. Enseignement supérieur;
6. Inclusion sociale;
7. Outre-mer;
8. Ville.

Den Enseignement supérieur - hutt Dir elo héieren - ass also eng dovun. An den Dokumenter zu dëse Politikberäicher gëtt op déiselwecht detailléiert Manéier duergestallt wat fir Programmer aus deene verschiddene Missiounen a Ministèreen zu dëse transversale Politike bäidroen.

Wat bréngt dat? Ech menge ganz vill. Éischtens Transparenz, dat geet aus dësen Dokumenter ganz däitlech ervir, an zweetens méi Effikassitéit oder op d'mannst d'Méiglechkeet d'Politik besser ze evaluéieren.

Mir sinn ze vill an enger Logik vu Moyenen. Mir mussen awer an eng Logik vu Resultater erakommen. Net den Input zielt fir den Erfolg vun enger Politik, mä den Outcome.

Fir am Fallbeispill vun der Recherche ze bleiven: Et mag zwar a priori eng gutt Saach sinn, d'Ausgabe fir d'Fuerschung an d'Innovatioun bis 2010 op 3% vum PIB eropzeschrauwen - 2% privat, 1% public -, mä d'Erreeche vun deem Seuil seet nach nâischt iwwert d'Qualitéit vun den Dépenses aus, déi eben d'Funktoun vun de Resultater ass. An deem Sënn misst och bei der Presentatioun vun de Statskonten d'Regierung d'Resultater vun hirer Politik virleeën an erkläre firwat si hir Objektiver, déi se am Budgetsprojert annonciéiert huet, erreecht huet oder och net. D'Rapports annuels vun de Ministère wäeren do eng ganz gutt Ausgangsbasis.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, d'lescht Woch huet eng Zeitung titréiert, ech zitieren: „Sie sagen ‚strukturelle Reformen‘ und meinen Sozialabbau.“ Dat ass eng Ausso géint déi ech mech schonn d'lescht Joer a menger Budgetsried gewiert hunn. Wann ee keng Alternativen ze bidden huet, dann ass dat vläicht esou. Mä wann een d'Méiglechkeeten, fir mat den disponible Moyenen e Maximum u Resultater ze erreechen, nach net ausgeschöpft huet, da muss „manner“ net automatesch „méi schlecht“ bedeuten. A wann de Stat dann awer vu senge Bierger Aschränkunge verlaange muss, dann ass et e Minimum, dass de Stat selwer mam gudden Beispill virgeet an all seng Méiglechkeeten ausnotzt, fir méi effikass ze schaffen. Eng nei Budgetsarchitektur ass eng Manéier, fir dat ze erreechen.

Firwat net einfach mat engem Pilotprojert ufänken? Mir fällt do e Ministère an, dee sech vläicht am beschten ubitt, fir esou e Pilotprojert se lancéieren, nämlech d'Kooperatioun. Firwat grad d'Kooperatioun? Net well, wann een esou wëllt, do de Besoin am Gréisste wär, mä well d'Kooperatioun haut scho gréisstendeels am „project management“ tätég ass. A wat ass eng LOLF soss anescht wéi eng Form vu modernem „project management“ um Niveau vum Stat a sengen Administratiounen?

D'Kooperatioun hätt och de Virdeel, dass op där enger Säit d'Objektiver vun der Politik grosso modo scho formuléiert sinn, zum Beispill am Fall vun den „Millennium goals“, oder dass eng systematesch Evaluatioun vun de Programmer a Projeten haut schonn Usus ass an de Ministère vläicht scho méi wéi aner Ministeren Erfahrung op dësem Gebitt huet. Ech fannen dat eng Iddi, déi een emol virundreiwe sollt, fir am Klengen auszuprobéieren, wat herno am grouse Stil - och bei eis hei zu Lëtzebuerg - funktionéiere kéint.

Ech kéint elo och gradesou gutt eisen nationale Lissabon-Plang eraushuelen. Fir eis Kompetitivitéit ze verbessern a Vollbeschäftegung ze erreechen hu mir eis eng ganz Rei vun Objektiver ginn, wou mer neierdängs mat Hëllef vu 86 Indicateuren am Tableau de bord „Compétitivité“ eis Fortschréttter moossen. Wat ech domat wëll soen: Dass mir, fir op de Wee vun enger LOLF ze goen, d'Rad net musse ganz nei erfannen. Mir hunn haut scho punktuell Instrumenter zur Verfügung, déi een am Kader vun enger Budgetsreform weiderentwéckele kéint.

Här President, Dir Dammen an Dir Härën, ech kommen zu menger Konklusioun. Mir brauchen onbedéngt e Quantesprong an eiser Budgetpolitik. Dat gëtt ëmmer méi offensichtlech. D'Ëmstellung op de SEC 95 ass nëmmen e klengen Deel dovunner, an eng nei Budgetsarchitektur nom Virbild vun der franséischer LOLF, deen anere méi wichtegen. Awéiwäit dat eent mat deem anere kompatibel ass, dat bleift am Detail ze kucken an ze klären.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech soen och net, dass mir d'franséisch LOLF eent zu eent sollen iwwerhuelen. Dat soll eis awer net dervun ofhalen, dee Chantier emol ze entaméieren, fir dass mer eis Statsfinanzen net nëmmen erëm an den Équilibre bréngen, mä an e gesonden an transparenten Équilibre, an domat am Endeffekt méi demokratesch Prozeduren an eis Statsfinanze bréngen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieus voix. - Très bien.

» M. le Président. - Ech soen dem Här Negri Merci. Als leschte Riedner ass den honorablen Här Jean-Pierre Klein age droen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, wann een de Finanzminister de leschte Mëttwoch gelauschert huet, wéi en am Kader vum Statsbudget iwwert d'Gemengefinanze geschwat huet, hätt ee kënnen mengen, d'Gemengen hätten elo neierdängs keng finanziell Problemer méi. Sécher bekloen d'Gemenge sech net iwwert déi zousätzlech 43,5 Milliounen Euro, déi hinnen an deenen nächsten dräi Joer iwwert d'Autossteuer zoukomme wäerten, mä dobäi därer een awer net vergiessen, dass se eleng am Joer 2005 46 Milliounen manner iwwert de Fonds communal de Dotation financière erakritt haten, wéi dat, wat am Budget virgesi war. Déi zousätzlech Recettë vun der Autossteuer an de Joren 2007 bis 2009 kompenséieren dat also net emol.

D'Initiativ déi Gemenge finanziell ze ënnerstëtzen, déi Effortë maachen, fir zousätzlech Awunner bei sech opzehuelen, ass prinzipiell ze begrüessen. Et brauch awer keen ze mengen, dass doduerch d'Gemenge finanziell aus dem Schneider wäeren. Engersäits hunn d'Gemenge sech virgeholl dës Plusvalue an d'Nohaltegkeet ze investéieren, esou wéi och de Stat dat mécht. Dat mécht net dee Supplément, deen iwwert d'Autossteuer erakënn.

Anerersäits wëll ech drun erënneren, dass de Premierminister a senger Ried am Mee zur Lag vun der Nation annonciéiert huet d'Plazen an de Structures d'accueil solle vun 8.000 haut op 30.000 am Joer 2013 eropgoen. Déi reell Käschen, fir ee Kand plein temps an enger Maison relais während engem Joer ze versuergen, leien ëm déi 15.000 Euro, wouvunner d'Gemeng ongeféier een Drëttel bezilt. Et kann ee sech also ausrechnen, dass dëst d'Gemengen am Joer 2013 150 Milliounen Euro kaschte wäert. Wann ee weess, dass hir gesamt net zweckgebundene Recetten haut ongeféier eng Milliard Euro ausmaachen, kann ee sech e Bild dervu maache wat hei op se duerkënn.

An esou engem Kontext ass et schwéier nozevollzéie firwat dann och nach gefuerdert gëtt d'Gemenge solle sech zrëckhale mat der Erhéijung vun hiren Taxen, an dat nodeem se zënter Jore vum Innenministère un d'Häerz geluecht kréie si sollen d'Gemengeservicer dach wann ech gelift käschtdenckend ubidden. Jiddefalls ginn déi punktuell an isoléiert Moosnamen, déi d'Regierung elo agefouert huet, net duer, fir de Gemenge laangfristeg stabil a previsibel Recetten ze garantéieren.

Eng strukturell Reform vun de Gemengefinanzen ass duerfir noutwendeg, an zwar mat folgenden Objektiver: eng Reduktioun vum Gewicht vun der Gewerbesteier an de Gemengerecetten, fir hir Ofhängegkeet vun dëser Steuer anzeschränken; eng méi enk Ubannung vun de Gemengerecetten un d'Statsrecetten, fir dass se parallel evoluéieren; eng systematesch Uwendung vum Konnexitéitsprinzip: Keng nei Missioun fir d'Gemengen ouni zousätzlech Moyenen, fir se duerschféieren; méi Transparenz an der Attributioun vu staatleche Subsidien un d'Gemengen a schlussendlech d'Méiglechkeet erëm hierzestellen d'Grondsteuer als Instrument vun der kommunaler Politik esou anzesetze wéi et urspringlech geduecht war.

Thema Grondsteuer: Iwwert dat Thema hu mer schonn oft op dëser Plaz geschwat, wou mer souguer an enger Motioun ganz prezis Fuerderunge gestallt hunn, déi awer bis elo bei der Regierung nach ëmmer keng

Suite kritt huet, et ass dëst d'Reform vun der Grondsteuer, eng Gemengesteier. Ech fannen et zimlech erstaunlech, dass eng Motioun, déi 2003 ouni Géigestëmm vun dëser Chamber ugeholl ginn ass, einfach ignoréiert gëtt a gemaach gëtt wéi wann nâischt gewiescht wär.

(Interruption)

Fir nach eng Kéier kuerz ze résuméieren ëm wat et hei gaangen ass: Nodeems d'Chamber festgehalen hat, dass et wichteg wär zousätzlech Méiglechkeeten ze schafen, déi et de Gemenge sollen erlaben hir Recetten, an doduerch hir Finanzlag, ze verbessern, huet se d'Regierung invitéiert, an ech zitieren: «à procéder à une réforme de l'impôt foncier; à abolir dans l'immédiat l'article 1^{er} de l'arrêté grand-ducal du 27 juin 1967 du code fiscal qui stipule que les taux A et B sont liés».

Dëst war e mëttelfristegt an e kuerzfristegt Zil. Dee leschte Punkt war geduecht, fir de Gemengen am Kader vun deem aktuelle System méi Flexibilitéit ze ginn, fir vun hirer fiskaler Autonomie Gebrauch ze maachen an d'Terrainen an d'Immobilien, déi der Grondsteuer B erleien, méi ze besteieren, ouni awer d'Landwirtschaft mat ze belaauchten. Dëst ass jo am Moment net méiglech, well déi zwee Tauxen uneneegekoppelt sinn.

Déi éischt Fuerderung war en Opruff, fir eng Reform vun der Grondsteuer am Allgemengen ze lancéieren. Firwat ass dëse Revendicatioun bis elo keng Rechnung gedroe ginn?

Wat déi kuerzfristeg Mesuren ubelaangt gëtt eis vu Säite vun der Regierung gesot, dass esou eng punktuell Adaptatioun net méiglech ass, well dann de Risiko besteet, dass, wann d'Gemengen hir Tauxen héijen, d'Ongerechtegkeete vum aktuelle System just géife verstärkt ginn. Folglech misst een da schonn eng komplett Reform vun der Grondsteuer maachen.

Op där anerer Säit wëllt een awer anscheinend net un esou eng Reform erугоen, well se eng nei Bewäertung vun den Immeublen an den Terrainen am ganze Land mat sech brénge géif, a fir esou eng Aufgab duerchzeféieren ass eis Steierverwaltung anscheinend net équipéiert, wat d'Disponibilitéit vun de Leit ubelaangt.

Hei bässt dach awer d'Kaz sech an de Schwanz. Mat esou Râsonnementer komme mer net virun.

Wann de politesche Wëllen do ass muss och eng Reform méiglech sinn. Et brauch een nëmme bei eis däitsch Noperen eriwwezekucken, déi jo bekanntlech no deemselwechte Grondsteiersystem fuere wéi mir, wou am Moment en neit Gesetz ausgeschafft gëtt.

Erlaabt mer fir d'éischt nach eng Kéier kuerz op d'Argumenter anzegoen, firwat d'Grondsteuer an där heiteger Form ofgeännert soll ginn. Duerno géif ech dann e puer Pisten opzechnen a wéi eng Richtung esou eng Reform goe kënnt.

1. D'Berechnung vun der Base d'assiette vun der Grondsteuer féiert zu Ongerechtegkeeten an ass net transparent fir de Steuerzueler.

Den Hauptproblem bei der heiteger Berechnung vun der Grondsteuer sinn déi sougenannten „valeurs unitaires“, déi de Wäert vun den Terrainen an den Immeuble bestëmmen. Hautdësdags ginn dës „valeurs unitaires“ nach ëmmer no der Präissituatioun vun 1941 gerechent.

Or, et kann ee sech jo gutt virstellen, dass en Terrain zu Bartreng oder Stroossen, fir elo nëmmen déi Beispiller ze huelen, Gemengen, déi 1941 nach zum ländleche Raum gezielt hunn, ee ganz anere Wäert hate wéi haut, wou se zur Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg zielen.

Et besteet also éischters emol e kompletten Décalage tëschent der Bewäertung, déi vun der Steierverwaltung gemaach gëtt, an dem tatsächlechen heitege Wäert vun den Terrainen a Gebailechkeeten.

Doriwwer eraus ass et och net d'Fläch vum Terrain oder vum Haus, déi eleng ausschlaggebend sinn, fir de Wäert ze berechnen. Hei gëtt et eng Rei Regeln a Kritären, déi iwwregens och nach aus de 40er Jore stamen, déi dëse Bewäertungsmodus mat beaflossen. Wéi eng Kritären dës genee sinn a wéi se ugewannt ginn ass eng Informatioun, déi dem Bierger eigentlech guer net zougänglech ass, well se net telle quelle an engem Gesetz erëmzefannen ass.

2. De bürokrateschen Opwand, deen et kascht, fir d'Grondsteuer anzendreiwen, ass disproportioniéiert zu deem, wat se u Recetten erabréngt.

Et sief drun erënnert, dass d'Grondsteuer 1980 - den A an de B - nach 2,8% vun den

ordinäre Recettë vun de Gemengen ausgemaaht huet; 2005 waren et nach just 1,5%. Dës Evolutioun ass besonnesch markant bei der Grondsteuer A, déi haut manner wéi 1,4 Milliounen Euro erabréngt, wat nach just 0,09% vun de Gemengerecetten ausmécht.

3. D'Gemengen hunn a Wierklechkeet kee reelle Spillraum méi, fir hir fiskal Autonomie um Niveau vun der Grondsteuer spillen ze loossen.

An deene leschte Joren hunn ëmmer manner Gemenge vun der Méiglechkeet Gebrauch gemaach hire kommunalen Hiewesaz vun der Grondsteuer substanzuell eropzesetzen. D'Ursaache si bekannt:

Engersäits hu mer, wéi scho gesot, de Problem vun der Uneneekoppelung vun den Tauxen A a B. Anerersäits huet de System, deen op d'Wärter vun 1941 baséiert, zu grouss Verzerrunge gefouert. Eng Gemeng, déi hiren Taux hieft, verstärkt dës Verzerrungen a mécht aus klengen Ongerechtegkeete grouss Ongerechtegkeeten.

An anere Wieder: Och wann d'Grondsteuer theoretesch e Mëttel ass, dat de Gemengen et erlabe soll hir fiskal Autonomie spillen ze loossen, esou ass dës Autonomie a Wierklechkeet staark ageschränkt!

Wéi kéint dann elo eng Reform vun der Grondsteuer ausgesinn?

Ech fannen et interessant sech vun den Iddien inspiréieren ze loossen, déi an Däitschland am Moment um Dësch leien. Do gëtt Folgendes proposéiert:

- 1) d'Grondsteuer A soll ofgeschaf ginn;
- 2) d'Grondsteuer B soll eng nei Base d'assiette kréien.

D'Propositioun fir d'Grondsteuer A ofzeschafe kënnt engem op den éischte Bléck revolutionär vir, ass awer eigentlech ganz logesch, wann een d'Saach aus enger historescher Perspektiv analyséiert.

Fir den Ertrag fir säi Liewensënnerhalt an d'Moyene fir d'Steiere kënnen ze erwirtschafte war de Bauer ursprüngelech gehalt säin Terrain esou intensiv wéi méiglech ze notzen. An deene leschte 40 Joer huet dës Situatioun sech awer fundamental geännert an Europa.

Ee vun den Hauptproblemer ass haut net méi, dass net genuch produzéiert gëtt, mä dass ze vill produzéiert gëtt. An hei läit de Paradox: Während d'Bauere Primä bezuelt kréien, fir hir Lännereie broochleien ze loossen, hu mir genee wéi déi Däitsch eng Steuer, déi op de Prinzip vun enger intensiver Notzung vum landwirtschaftleche Buedem berout.

Dës Steuer ass duerfir weder gerechtfertegt nach ass se fir d'Gemenge finanziell interessant. An anere Wieder, si ass einfach net méi zäitgeméis.

Den zweete Prinzip vun der zukünftiger Reform an Däitschland ass d'Festleeë vun enger neier Base d'assiette fir d'Grondsteuer B.

Et gëtt proposéiert de System vun den „valeurs unitaires“ ze ersetzen duerch e vereinfachte System, deen engersäits op der Fläch vun de Gebaier respektiv den Terrainë baséiert, anerersäits op der Zort vu Gebai, dat drop steet: Wunnhaus, Bürosgebai, Industriegebai, Hotel oder Bauerebetrieb.

Andeems een d'Bewäertung op just e Minimum vu Kritären: d'Fläch an d'Notzung vum Gebai, reduzéiert, vereinfacht een net nëmme déi administrativ Prozeduren a spuert domat Zäit a Suen, mä et mécht een de System och méi transparent fir de Bierger.

Ech fannen, dass dëst eng interessant Ausgangsbasis ass fir eng Diskussioun zu Lëtzebuerg, och wann een natierlech verschidene spezifesch nationalen Ëmstänn Rechnung droe misst.

Wéi ee gesäit ass et technesch gesinn also keng Saach vun der Onméiglechkeet, esou eng Reform duerchzeféieren. Et muss allerdéngs de politesche Wëllen do sinn, fir dat ze maachen.

Sécher, esou eng Reform huet als Konsequenz, dass eng Rei Leit déi Grondsteuer wäerte bezeue wéi bis elo. Mä donieft bréngt eng adequat an effikass Grondsteuer awer eng Rei Virdeeler mat sech, déi ech hei nach eng Kéier résuméiere wëllt:

- 1) En zäitgemëssen an transparente System, dee fir de Steuerzueler novollzéibar ass an als gerecht emfonnt gëtt.
- 2) Méi fiskal Autonomie fir d'Gemengen. Aus finanzwëssenschaftlecher Sicht ass d'Grondsteuer eng gutt Gemengesteier. Si stellt eng Relatioun hier tëschent dem Bierger a senger Gemeng an ass eng Zort Kompensatioun fir d'Gemengeservicer, déi him zur Verfügung stinn.

3) Potenziell zousätzlech Recettë fir d'Gemengen.

4) E positiven Effekt am Beräich vum Logement, andeems se d'Praxis découragéiert, d'Terrainen zu Spekulationszwecker net op de Maart ze bréngen.

Ënner anerem aus gemeengepolitescher Sicht kann eng Reform vun der Grondsteuer also eng ganz Rei positiv Auswirkungen hunn. Ech hoffen, dass dës Iwwerleeungen zur Diskussioun stinn, wa mer deemnächst wäerte weider iwwert d'Gemengefinanzen am Kader vun den Aarbechten iwwert d'Reforme territoriale schwätzen.

Nodeems mer d'Regierung schonn 2003 opgeruff haten eng Reform vun der Grondsteuer an d'Weeër ze leeden, géif ech mer zumindest och wënschen, dass se d'Bereitschaft géif manifestéiere mat an dës Richtung ze goen.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieure voix.- Très bien.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Jempy Klein Merci. Elo kritt nach d'Regierung d'Wuert, den Här Budgetsminister Luc Frieden.

» M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gären als Budgetsminister zum Schluss vun dësen Debatte Merci soe fir déi interessant Ausféierungen, déi gemaach gi sinn. A wann ech vun der Interventioun vum Vertrieder vun der ADR ofgesinn, da muss ech soen, dass se och alleguerten am Toun an am Inhalt sachlech waren, och wann ee selbstverständlech mat där enger oder anerer Analys net onbedéngt d'accord ass.

Déi Debatten hei hu bewisen, dass déi Analys, déi d'Regierung gemaach huet, op grousser Strecke gedeelt gëtt. Nämlech, dass mer hei e Wee gewisen hunn, wéi een zolidd Statsfinanzen erhale kann. Deenen enge geet et net schnell genuch, deenen aneren ze schnell, mä am Fong ass an der Budgetspolitik eng Kontinuitéit, wann ech iwwert déi lescht aacht bis zéng Joer kucken; a se war ëmmer charakteriséiert duerch grouss Virsiichtegkeet.

Dat dierft och net erstaunen, well déi, déi fir d'Finanz- an d'Budgetspolitik an deene leschte Joren zoustänneg waren, och bei ënnerschiddleche Koalitiounen net geännert hunn. An et wär komesch wann déiselwecht Leit géifen, jee no Koalitioun, eng total aner Budgetspolitik maachen.

Souwisoou mengen ech, dass d'Budgetpolitik sech a villen Iwwerleeunge muss lassléise vun der Parteipolitik. D'Budgetpolitik, d'Finanzpolitik ass d'Grundlag vun engem Stat. Si ass selbstverständlech an deem Sënn héich politesch, dass jee no Ausgabechoixen a jee no Fixatioun vun de Steieren ee wesentlech politesch Akzenter ka setzen. Bei der Ausrichtung misst ee sech ëmmer eens sinn, dass e Land all Intérêt drun huet, gesond Statsfinanzen ze halen.

Ech weess, dass dat net jiddferengem seng Opfaassung an all de Länner ass, well et heiansdo méi einfach ass Schold ze maachen a méi einfach ass d'Steieren eropzesetzen, well een da verschidden Aufgaben tätege kann. Mir müssen eis ëmmer bewusst sinn, dass e klengt Land keen Intérêt drun huet héich Steieren ze hunn, well da ginn d'Betriben op aner Plazen, an ee klengt Land och keen Intérêt drun huet héich Schold ze maachen, well d'Zuel vun deenen, déi déi Schold müssen zrëckbezuelen, bleift ëmmer kleng respektiv huet dat och eppes mat der Liewensqualitéit an der Attraktivitéit vum Site ze dinn.

An da muss een d'Budgetpolitik och ëmmer gesinn an der Perspektiv vun deene Joren duerno. Ech maache kee Budget an hunn an deene leschte Jore keen eenzege Budget gemaach, wou ech mech net gefrot hunn: Wat bedeit dat do da fir an zwee, dräi Joer?

Et ass an deem Sënn, wou ech och d'Propositiounen oder d'Reflexioun begrëissen, déi hei de Fraktiounspräsident vun der DP gamaach huet, fir ze soen: Mir müssen och kucken, wat sinn dann déi grouss Défien, déi sech no 2009 stellen. Dat ass eng Reflexioun, déi ech mer als Budgetsminister ëmmer maachen an déi och aner Kolleegen an der Regierung sech maachen. An dass een doriwwer diskutéiert, och ausserhalb vum parlamentaresche Raum, quitte dass d'Décisioun ëmmer am Parlament bleiwe muss, ass eng Iddi, déi ech novollzéie kann an och begrëissen.

Den Här Deputéierte Goerens proposéiert, fir do och déi Reflexioun an dee Comité iwwer den Développement durable ze ginn. Ech mengen, dass ass eng Plaz wou iwwer

esou Saache soll diskutéiert ginn, duerfir och déi ënnerschiddlech Kompositioun an deem Comité, mä et geet net duer, dass se do diskutéiert gëtt. Si muss selbstverständlech och heibannen an och an de Kommissioun vum Parlament vernetzt gefouert ginn. Oft hunn ech d'Impressioun, dass mer iwwer en Deel vun der Politik diskutéieren an da vergiessen, dass dat jo och eng Inzidenz op aner Beräicher huet.

Duerfir muss ech soen, dass ech mat där Motioun, déi den Här Goerens do déposéiert huet, an déi, mengen ech, och vun anere Fraktiounen ënnerschriwwen gëtt, liewe kann. Mä, wéi gesot, mä Wonsch wär et, dass mer dat net nëmme ofschieben op esou ee Comité, mä dass mer eis och als responsabel Politiker hei am Land mat där Fro auserneesetzen.

Ech sot, dësse Budget ass eng „road map“ fir zolidd Statsfinanzen. Et ass e Reformbudget, an ech géif dat nach eng Kéier gären un zwee Elementer festhalen.

Mir hunn net eleng ze kucke wéi an engem Joer d'Ausgabe par rapport zu de Recettë sinn. Mir musse kucke wéi ass d'Evolutioun vun den Dépensë par rapport zum Bruttoinlandsprodukt a wéi ass d'Evolutioun vun de Recettë par rapport zum Bruttoinlandsprodukt.

A wa mer dat kucken, da gesi mer, dass mer e Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach hunn.

Well wa mer 2000 Recettes/Dépenses hate par rapport zum PIB vu 37% als Ratio, da si mer 2005 op 42% eropgaangen a mer sinn elo erëm op 40% erofgaangen. Well wat hu mer festgestallt?

De Ratio dépenses par rapport zum PIB ass permanent eropgaangen an de Ratio recettes par rapport zum PIB ass quasi stabil bliwwen. An et ass dee Problem, dee mer an de Grëff kréie müssen, an et ass un deem Problem, wou mer geschafft hunn an dee seng éischt Akzenter och an dësem Budget fénnt, an déi Efforté musse konsequent och an den nächste Budgete virugefouert ginn.

Zweet Remarque: Spueren heescht net Ofbau. Dësse Budget ass kee Budget vum sozialen Ofbau, well d'Leit hu genau dat Nämlecht wéi virdrun.

Wann ee seet: „Mir musse spueren.“, dann huet d'Regierung e Wee proposéiert, net fir de Leit eppes ewechzehuelen; et huet keen a sengem Virement bei senger Pai oder bei sengen Zoulagen, déi e vum Stat kritt, manner kritt. Mir hu just gesot, mir loossen déi Dépensë manner schnell uwuessen, fir se och kënne laangfristeg ze finanzéieren.

Et ass ee méi populär, wann ee seet: „Ma jiddferree kritt d'nächst Joer 5% bäi, an da kucke mer wéi dat a fénnef Joer geet.“ Dat wär keng responsabel Politik. Et gëtt een zwar da vläicht héich gewielt, mä op d'mannst no fénnef Joer huet een en décke Problem. An dofir hu mir gesot, mir kucken, dass mer dat, wat mer hunn, kënne laangfristeg assuréieren, an duerfir wuessen d'Dépensë manner schnell.

An da stellen ech an deenen Debatten hei eng gewësse Kontradiktioun fest, op d'mannst bei verschiddenen; an ech gi gären zou, dass een déi Kontradiktioun oft bei sech selwer erëmfënnt.

Jiddfereen hätt gären, dass d'Steiere géifen erofgoen oder duerch d'internationalt Ëmfeld adaptéiert ginn un d'Inflatioun, zugläich wëlle mer awer bei den Dépensen net déi noutwendeg Bremsen aleeeën, well mer hei oder do fuerderen. Zesumme geet dat natierlech net an duerfir hu mer am Budget 2007 gekuckt, dass d'Dépensë manner schnell wuesse wéi d'Recetten.

Wa mer awer elo d'Steieren nach erofsetzen, wéi dat hei vun enger Rei Riedner gefuerdert ginn ass, da muss een natierlech och soen, wou een dann déi zousätzlech Dépensë sträiche geet. An do ass et mir an dëser Debat net ganz kloer gi wat déi da géife proposéieren nach weider un Dépensen ze strächen, wann een d'Steieren erofsetzt, well kuerzfristeg huet eng Steuerreduktioun natierlech zum Effet, dass ee manner Recettë kritt. Mëttelfristeg - an dat ass jo och dat wat mer 2000, 2001 gemaach hunn - muss een hoffen, dass doduerch méi Activité économique kënnt.

Dofir huet jo och de Stats- a Finanzminister gesot, datt d'Regierung d'nächst Joer iwwert de Gesamtpak vun de Steiere kuckt, souwuel fir d'Betriber wéi fir d'Privatleit, ëmmer och am Bléck vum Budgetséquilibrium. An duerfir kann ech och am Numm vun der Regierung net d'accord si mat Motioune wéi där, déi vun der ADR hei abruecht gi sinn, wou gesot gëtt: Just bei de Privatpersoune mussen mir déi doten an déi dote Moossnamen d'nächst Joer maachen.

D'Steierpolitik muss een ëmmer am Ganze kucken. Bei der Steierpolitik kann ee sech net eppes erauspicken - et kann een dat maachen, mä dat ass net eis Approche. An duerfir, mengen ech, solle mer d'Gesamtsteierpolitik d'nächst Joer kucken, esou wéi mer dat all Joers kucken, mä zugläich awer och kucken, wat fir een Effet huet dat op de Budget a wat kënnen mer dann am Budget bei den Dépensen net maachen.

Mir müssen, an dat ass heibanne gesot ginn, ëmmer méi attraktiv si wéi d'Ausland.

An dann ass d'Situatioun vun Holland bei der Betribsbesteuerung zum Beispill hei beschriwwen ginn. Ech wëll just hei drop hiweisen, datt, wa verschidde Moossnamen an der holländescher Betribsbesteuerung attraktiv sinn an erofgesat gi sinn, dann ass dat awer zum Deel op Käschte vun der Besteuerung vun de Privatpersoune gaangen. De Maximumstaux, deen d'Privatpersounen an Holland bezuelen, läit bei 50%; zu Lëtzebuerg bei 38%.

An Däitschland proposéiert elo déi nei Regierung fir d'Kierperschaftssteuer erofzesetzen; si hunn awer zugläich d'TVA ëm 3% eropgesat.

An duerfir soen ech, et kann ee sech net iergendwou eppes erauspicken a soen: Macht et wéi déi doten. Da muss een dat Ganz kucken!

Ech soen nach eng Kéier: D'Regierung ass determinéiert fir souwuel d'Betribsbesteuerung wéi d'Besteuerung vun de Privatpersounen attraktiv ze halen, och am internationalen Ëmfeld, fir Ajustementer ze maachen, déi eis méi konkurrenzfähig maachen, à condition datt mer eis vum Zil, de Budgetséquilibrium ze erreechen, net oflenke loosse.

Déi Finanzplaz wäert - an ech soen dat och hei, well e puer Riedner op d'Wichtigkeet vun der Finanzplaz higewisen hunn - eis voll Ënnerstützung weiderhi fannen. Déi Finanzplaz ass eng ganz dynamesch. Déi ass eng, wou d'Acteure mer soen, datt d'Ëmfeld klappt, datt d'Ëmfeld Vertraue schafft.

Net méi spéit wéi de Moien, just ier ech an d'Chamber komm sinn, hunn ech enger neier Bank den Agrément ginn, déi sech zu Lëtzebuerg etabliert, eng Bank mat lëtzebuergeschem Kapital; wou also Leit och beweisen, datt se groust Vertrauen an d'Finanzplaz hunn, well se vill Suen an esou ee Projet erastiechen. Well se der Meinung sinn, datt zu Lëtzebuerg an deenen nächste Joren nach ganz vill ka gemaach ginn.

An duerfir mengen ech, datt dat Schrëtt sinn, déi beweisen, datt Lëtzebuerg eppes ze bidden huet. An och déi auslännesch Finanzleit, deenen ech an deene leschte Woche begéint sinn, hu mer ëmmer erëm gesot, datt si och wëlle hunn d'nächst Joer nei Leit anzustellen; esou datt do also net un Ofbau geduecht gëtt, mä datt se mat de Rahmbedingungen, déi d'Politik geschaffen huet, vu Lëtzebuerg aus wëllen europäesch Geschäfte tätigen.

Zu deene Budgetsdebatten géif ech wëllen derbaifügen, datt e puer Riedner iwwert déi sougenannte Plus-valuë vun 2006 geschwat hunn.

Ech wëll hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt de Gros vun deene Plus-valuë der vun enger ganz exceptioneller Natur sinn an eemoleg sinn. Ech weess net, wou déi Ziffer vu 700 Milliounen hierkënnt, déi do ëmmer erëm an de Raum gestallt gëtt.

Et kënnen der méi sinn, mä da muss een am Fong ëmmer direkt bedenken, datt 600 Milliounen an deem Joer eleng duerch d'Operatiounen ronderëm Arcelor-Mittal bedéngt sinn: 400 Milliounen duerch d'Vente oder den Échange vun eiser Participatioun vum Stat, eng 40 Milliounen duerch d'Dividendë vun der Arcelor, an eng 100 bis 150 Milliounen, wat déi Besteuerung op den Dividenden ass, déi un anerer bezuelt gi sinn, déi de Stat duerch déi Operatioun kritt huet.

Et muss ee sech also bewosst sinn, dat si Suen, déi kommen net automatesch d'nächst Joer erëm; also kann een domadder keng Zukunftspolitik maachen. Mir si frou, datt se komm sinn, mä duerfir hu mir och gesot: Déi lafe guer net an de Budget. Duerfir kann een elo och net mat deenen dauerhaft Politike maachen. Do muss een Zukunftsgestaltung maachen, an ech hunn a menger Budgetsried gesot, wat mer notament mat deene Suen envisagéieren ze maachen.

Eng Rei Kolleegen hunn an deem Kontext gesot: Déi Reserve mussen weider opgebaut ginn, och duerch déi Plus-valuen, déi dann eventuell kommen, Abstraction faite vun deene Suen Arcelor-Mittal; da bleiwe vläicht nach - loosse mer soen - 200 Milliounen.

Do läit, léif Kolleegen, eng Kontradiktioun vun deem, wat der vill vun lech gesot hunn, wa se gären eng aner Presentatioun vum Budget hätten. D'Regierung ass d'accord lech d'nächst Joer en drëtten Volume zum Budget ze schreiwen, nach muss ech Beamte fannen, déi och nach Zäit hunn en drëtten Volume zum Budget ze schreiwen. Ech weess och net, ob d'Leit dann den éischten an den zweeten liesen, well vill Leit ware schonn erstaunt, datt et iwwerhaupt en zweeten Deel vum Budget gëtt; ech hunn dat dobaussen e bësse getest.

Mir schreiwen d'nächst Joer och nach en drëtten Volume. Dat ass schrecklech vill Aarbecht, wëll ech lech just soen, och am Numm vun deene Beamten, déi dat mussen schreiwen. Mir wäerten also d'nächst Joer och en drëtten Buch an d'Chamber bréngen. Mä hei ass jo d'Grondfuerderung, fir eng ganz aner Presentatioun vum Budget ze maachen.

Mir huelen déi Motioun, déi hei eestëmmeg vun der Chamber wäert verabschied ginn, well all Fraktiounen ënnerschriwwen hunn, un. Ech soen lech just nach eng Kéier, datt, wa mer an Zukunft Avoiren an de Fongen hunn, wa mer Reserven op d'Säit setzen, déi fannt Dir dann a kenge Chiffere méi erëm. Ech hätt gären, datt Der lech och mat där Fro auseneesetzt, an ech hu wëlles am Laf vun nächste Joer vläicht och emol eng Kéier e Gespréich an der Finanzkommissioun iwwert déi dote Problematiken ze kréien, well ech weess, datt et Leit gëtt, déi sech vill mat deene Saachen ofginn - an der Finanzkommissioun sinn eng ganz Rei Kolleegen, déi déi Problemer och mat gesinn -, fir datt mer och doriwwer diskutieren.

Da soen ech och, dofir sinn ech e bëssen driwwer erstaunt, datt och trotzdem wéineg hei iwwert d'Reserve vum Stat an dëser Debatt geschwat ginn ass, well all Kéiers wa mer an engem Joer méi ausgi wéi dat, wat mer an deem Joer erakréien, dann hu mer en Defizit, ob mer dee mat Reserv bezuelen oder mat Emprunt. An all Kéiers wa mer eppes Grousses bauen, dann hu mer automatesch an der Zukunft och en Defizit.

Zum Beispill ass hei wéineg geschwat ginn iwwert d'Dépensë vum Fonds Belval. Ech mengen d'Madame Mutsch hat kuerz dovunner geschwat, mä net an der Perspektiv

vun der Gesamtpresentatioun vum Budget. Déi stinn net am Budget. Déi sinn an eise Chiffere Maastricht dran. Also müssen déi dann och hei mat gestëmmt ginn. Mä wann een do zum Beispill eng Universitéit baut oder eng gréisser Strooss op engem gewässene Joer, op engem gewässenen Exercice, dann ass dat eng enorm Dépense. Déi kann net mat deene Sue vun deem Joer bezuelt ginn. Also huet ee logescherweis do en Defizit.

An der Analys vum Defizit wär ech frou, wa mer och géife méi iwwert den Niveau vun der Schold schwätzen, deen eemoleg niddereg an Europa ass - an dat géif ech och gären esou behalen -, an iwwer Reserven, déi ëmmerhin nach do sinn. Well ech ka mech un all déi erënneren, déi virun de Wahlen gesot hunn: Dir wäert gesinn, am Joer 2004 si keng Reserve méi do. Mir sinn elo 2007 an e puer Deeg an déi sinn nach ëmmer do a mir wäerten och duerfir suergen, datt déi net séier ausgi ginn. Zum Beispill, wann ech de Fonds du rail huelen, dann hu mer do schonn e Finanzement fir déi nächst Jore virgesinn. An duerfir, an enger nuanciierter Analys vun deenen, déi dat net parteipolitesch kucken, mengen ech, muss een dat och unerkennen.

Just, et bleift, datt mir d'accord sinn eng aner Presentatioun vum Budget ze maachen, mä da mussen mer Äntwerte fannen. Wat maache mer da mat de Reserven, insofern mer der hunn? Wat maache mer zum Beispill mam Amortissement vun der Dette, wat Maastricht no iwwerhaupt net ausgewise gëtt? Dat ass keng einfach Fro. Duerfir si mer bereet un där Fro ze schaffen. Mä e Budget, deen een einfach versteet - ech hu mer och d'Budgete vun den Nopeschlänner ugekuckt -, dat ass net esou einfach, à moins datt een eng Broschür mécht, déi einfach nëmmen d'Schlüssel-elementer duerstellt, da kann een dat liicht anescht presentéieren.

Ech muss och soen, ech selwer sinn net ganz zefridde mat där Presentatioun wéi se zënter 50 Joer zu Lëtzebuerg gemaach ginn ass. Déi ass gutt fir Techniker. Déi ass gutt fir Leit, déi sech mat de Statsfinanzen ofginn. Déi ass net gutt fir d'Communication grand public. Mä do soen ech nach eng Kéier, och do si mer spursam Leit. An der Finanzinspektioun schaffen net esou vill Leit, datt mer och nach kënnen grouss Broschüren herausginn.

Ech hu gekuckt, an den Nopeschlänner, do hu se an de Finanzministère gréisser Departementer, déi sech just mat der Öffentlichkeetsaarbecht beschäftegen. Déi maachen dann natierlech faarweg Broschüren. Mir hunn net wëlles dat ze maachen, well och mir si spursam, och mir reduzéieren d'Fonctionnementskäschten. Ech wäert awer selwer kucke wéi een dat vläicht e bësse méi verständlech duerstelle kann. Ech soen awer och nach eng Kéier: Déi, déi et wëlle verstoen an déi sech wëllen am Detail mam Budget ofginn, déi verstinn et och elo.

An deem Kontext mussen mer dann och eng Diskussioun kréien iwwert déi Suen, déi bis elo net am klassesche Budget esou zur Diskussioun komm sinn; ech hunn lech d'Beispill gi vum Fonds Belval. Da mussen mer natierlech och méi iwwert d'Sécurité sociale schwätzen. Et bleift ee Fakt, datt, wa mer en héijen Defizit bei der Administration centrale hunn, deen zu engem ganz groussen Deel dohier kënnt, datt mer honnerte vu Milliounen aus dem Statsbudget an d'Sécurité sociale transféréieren.

Den Iwwerschoss vun der Sécurité sociale kënnt duerch déi enorm Zoufuer vu Geld, déi se aus dem Statsbudget kritt. Net nëmmen, mä wa mer zum Beispill en anere System vum Finanzement vun der Sécurité sociale hätten, da geséich eisen Administration-centrales-Budget ganz anescht aus. An duerfir kucke mer jo d'Administration publique...

(Interruption)

Wann ech duerfir soen, datt mer déi 0,9% Defizit müssen an der Diskussioun kucken, dann ass dat, well mer och deen an deenen anere Länner kucken. Dir wësst zum Beispill guer net: Weess een heibanne wat den Defizit vun Däitschland oder Frankräich um Niveau vun der Administration centrale ass? Dat weess heibanne keen, well dat publizéieren déi iwwerhaupt net an hiren Dokumenter. Déi 2,5% Defizit, déi d'Nopere fir de Moment publizéieren, déi sinn ze vergläiche mat eisen 0,9%. Déi schwätze just iwwert dee Chiffer.

Duerfir ass et och net déi Milliard vun där Dir hei geschwat hutt, déi an der Diskussioun muss sinn, mä déi 300 Milliounen Defizit. Et ass en Defizit, dee mer nach gär erof hätten. Dat ass en Defizit, dee mer mat de Reserve finanzéieren kënnen. An ech hätt gären, datt mer eng nuanciierter Diskussioun iwwert d'Statsfinanzen hätten. D'Situatioun ass schwierig. Mir mussen versuichteg bleiwen. Mir dierfen d'Suen net einfach ausginn.

Mir müssen zu alle Fuerderunge fir méi Dépensen Nee soen, well ech hätt gären, datt mer responsabel mat de Statssue bleiwen, esou wéi mer dat an de leschten zéng Joer waren. Mir packen et, wa mer eis weider op deem responsablen, séchere Wee vun de Statsfinanzen bewegen. Dee séchere Wee vun de Statsfinanzen, dat heescht fir eis: Eng sozial Responsabilitéit iwwert de Wee vum Stat assuréieren; dat heescht, e wirtschaftsfrëndlecht Ëmfeld halen, wat erméiglecht, datt Betriber op Lëtzebuerg kommen, zu Lëtzebuerg bleiwen, Aarbechtsplaze schafen, an dat heescht och, datt de Stat senge Grondaufgaben, wéi Sécherheet, wéi Educatioun, wéi Gesondheet, och an Zukunft wäert voll a ganz gerecht ginn.

Alles zesumme geet, mä et kann een net zu allem Jo soen, well et muss een e Plaffong fir verschidde Saachen setzen. An dee Plaffong hu mer dëst Joer méi wéi an de Jore virdrun, souwuel bei den Investitiionsausgabe wéi bei de Sozialausgaben, gesat. Plaffong heescht net, datt d'Dépensen net dierfen uwuessen. Plaffong heescht, datt mer mussen kucken, datt se net méi schnell wuessen wéi d'Einnahmen an net méi schnell wuessen wéi de Ratio tëscht den Dépensen an dem Bruttoinlandsprodukt.

Ech mengen, datt dëst wierklech e seriöse Budget ass, deen op eng responsabel Aart a Weis opgestallt ginn ass. Duerfir wënscht d'Regierung sech och nach eng Kéier eng Zoustëmmung vum Parlament. Et ass sécherlech an der Demokratie oft esou, datt beim Budget d'Majoritéit an d'Opposition dat Ganzt ënnerschiddlech bewäerten, mä an der Analys, déi heibannen an de Riede gemaach ginn ass, onofhängeg vum Vote, muss ech soen, datt mer eis op wäite Strecken bei villen Elementer eens waren.

An et ass déi Diskussioun, déi mer iwwert déi nächst Joren - 2008, 2009, 2010 - mussen féieren, an et ass déi, déi wesentlech ass. Dëst ass den éischte Schrëck an déi Richtung, an d'Regierung wäert och an deene Joren duerno un där festhalen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien.

» M. le Président.- Ech soen dem Här Budgetsminister Merci. Mir sinn domadder um Enn vun eiser Budgetdiskussioun. De Vote iwwert de Budget, d'Motiounen an d'Resolutiounen ass d'nächst Woch.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. De Mëtteg kënnt d'Chamber erëm um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.40 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op
www.chd.lu